



GEMENGENINFO

RAPPORTS DES CONSEILS COMMUNAUX DU 29.05. ET 30.06.2020





Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange

Résumé français: Patrick Bausch

Retranscription: Rita Schmit

Photos: Ville de Dudelange

Impression: Imprimerie Mechtel

n°4+n°5 / 2020 - Parution: août 2020





SOMMAIRE

Séance du conseil communal du 29.05.2020

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	05
1. CORRESPONDANCE	08
2. CIRCULATION - Approbation des modifications à apporter au règlement général de la circulation	11
2.1. Réaménagement de la rue de la Brasserie et de la rue Dr Michel Welter	
2.2. Aménagement du « Shared Space » – phase 2 au centre de Dudelange	
3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL - Approbation du projet d'aménagement particulier (PAP) concernant des fonds au lieu-dit « A Bèlleg », présenté par le bureau d'architecture « WW+ » pour le compte de la société FMC Promotions S. à r. l.	14
4. FINANCES COMMUNALES	31
4.1. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en conformité de la piscine en plein air	
4.2. Structure publique au quartier Italie	
4.2.1. Approbation du devis estimatif pour l'étude et l'aménagement d'une aire de jeux et des alentours autour de la structure publique	
4.2.2. Approbation du devis estimatif pour l'aménagement intérieur, menuiserie intérieure sur mesure (mobilier)	
4.3. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en conformité de l'électricité, de la détection incendie et du compartimentage de l'école Italie	49
4.4. Approbation du quatrième avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette de la piscine en plein air	
4.5. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec la société à responsabilité limitée « Immobilière ROXY S.à r.l. »	
4.6. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec les époux Amela Adrovic et Rasim Muhovic	
4.7. Approbation d'un contrat de bail conclu avec la société « Concept Leh S.à r.l. » relatif à la mise à disposition d'une partie de la place Marc Zanussi	
4.8. Approbation de décomptes	
4.9. Subsidés ordinaires aux clubs et associations	
4.10. Subsidés extraordinaires à allouer	
5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – Approbation de l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2020/2021	38
6. MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DES COMMISSIONS LOCALES	57
7. PERSONNEL	57
7.1. Création d'un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur gradué)(éducation et accueil)	
7.2. Création de cinq postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur diplômé)(éducation et accueil)	
7.3. Création de huit postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (aide-éducateur)(éducation et accueil)	
7.4. Création d'un poste de salarié, carrière de l'artisan (peintre)(GMP)	
8. PRISE DE POSITION RELATIVE À LA STRATÉGIE BELGE DE GESTION DES DÉCHETS NUCLÉAIRES DANS LE CADRE DE LA CONSULTATION PUBLIQUE TRANSFRONTIÈRE DE L'ONDRAF Point mis à l'ordre du jour par la fraction « Déi Gréng » - Motion	57
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	62

Séance à huis clos



SOMMAIRE

Séance du conseil communal du 30.06.2020

Unique point à l'ordre du jour:

**MISE EN PROCÉDURE D'ADOPTION DU PROJET D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG)
DE LA VILLE DE DUDELANGE SUIVANT DISPOSITIONS DE LA LOI MODIFIÉE
DU 19 JUILLET 2004 CONCERNANT L'AMÉNAGEMENT COMMUNAL ET
LE DÉVELOPPEMENT URBAIN – RÉÉDITION DU VOTE DU CONSEIL COMMUNAL
DU 28 FÉVRIER 2020.**

64



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 29.05.2020

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler (à l'exception des points numéros 4.10, 6, 7.1, 7.2 et 7.3 de l'ordre du jour), Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill (à l'exception du point numéro 7 de l'ordre du jour) et Romain Zuang (à l'exception du point numéro 4.7 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Votes par procuration : Madame Martine Bodry-Kohn a donné procuration à Monsieur Dan Biancalana pour voter en son nom, Madame Sylvie Andrich-Duval a donné procuration à Madame Michèle Kayser-Wengler pour voter en son nom.

Absents : Mesdames Martine Bodry-Kohn et Sylvie Andrich-Ducal, conseillères, excusées, vote par procuration.

Conformément à la décision du Conseil de Gouvernement du 18 mars 2020, le vote par procuration au conseil communal est formellement admis.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Après que le conseil communal ait accepté les ajouts et modifications apportés à l'ordre du jour au courant de la semaine qui précède la réunion, il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre informe sommairement les conseillers communaux sur la situation actuelle en relation avec la crise sanitaire due au virus COVID-19, notamment aussi en ce qui concerne les répercussions financières sur la trésorerie de la Ville.

Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries fait ensuite le point sur l'organisation fastidieuse en relation avec la reprise des cours dans l'enseignement fondamental et de la réouverture des structures d'accueil.

2 – CIRCULATION

Le conseil communal approuve à l'unanimité une modification du règlement général de la circulation concernant l'installation de passages pour piétons et cyclistes dans la rue de la Brasserie et dans la rue Dr Michel Welter.

La réglementation de la circulation dans la 2e partie de la zone de rencontre « Shared Space » de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte est avalisée avec 17 voix et 2 abstentions.

3 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL – Approbation du projet d'aménagement particulier (PAP) concernant des fonds au lieu-dit « A Bëlleg »

Le projet d'aménagement particulier « A Bëlleg » a été élaboré par le bureau d'architecture « WW+ » pour le compte de la société FMC Promotions S.à r.l. et est présenté au conseil communal séance tenante par le bureau d'architecture.

Le projet se situe entre la voie ferrée à l'est et la route de Luxembourg à l'ouest et est bordé au sud par la rue Jean Simon et des maisons en bande de type unifamilial et au nord par la route de Burange, l'actuelle halte CFL de Dudelange-Burange.

Ce projet se situe sur un terrain d'une envergure de 453,97 ares, vise l'aménagement de 39 lots destinés à la construction de 178 unités de logement et prévoit une cession de 33,4 % du terrain brut à la commune (domaine public communal). La mixité des logements se répartit sur 1 maison unifamiliale isolée, 10 maisons unifamiliales jumelées ainsi que 22 maisons unifamiliales en bande et finalement 145 unités de logement collectifs réparties dans 16 immeubles.

Le projet a en outre été adapté pour tenir compte de l'avis de la cellule d'évaluation du Ministère de l'Intérieur ainsi que des objections introduites.

Finalement, le conseil communal approuve avec 12 voix et 7 abstentions, le projet d'aménagement particulier (PAP) au lieu-dit « A Bëlleg » tel que présenté.

4 – FINANCES COMMUNALES

4.1. Le projet de la mise en conformité de la piscine en plein air, pour un montant devisé estimatif de 9'050'000,- € est présenté au conseil communal. A cet effet, des présentations et des explications détaillées sont fournies par l'atelier d'architecture Teisen-Giesler ainsi que du bureau d'études Inca. Ainsi, le conseil communal approuve à l'unanimité, les plans et devis pour la mise en conformité complète de la piscine en plein air.

4.2. Par des votes à l'unanimité, le conseil communal approuve le devis estimatif pour l'étude et l'aménagement d'une aire de jeux et des alentours autour de la structure publique au quartier Italie, ceci pour le montant de 300'000,- € et le devis estimatif pour l'aménagement intérieur, menuiserie intérieure sur mesure (mobilier) pour un montant de 430'000,- €.



4.3. Avec les voix de tous les conseillers communaux est avalisé le devis estimatif relatif à la mise en conformité de l'électricité, de la détection incendie et du compartimentage de l'école Italie pour un montant de 80'000,- €.

4.4. Le quatrième avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette de la piscine en plein air, prévoyant la prolongation du bail jusqu'en 2022, sachant que la piscine en plein air n'ouvrira pas ses portes pour la saison 2020, est accepté unanimement.

4.5. et 4.6 Le conseil approuve à l'unanimité deux actes notariés de cession gratuite conclus avec la société à responsabilité limitée « Immobilière ROXY S.à r.l. » et avec les époux Amela Adrovic et Rasim Muhovic et concernant des cessions de terrains pour leur intégration dans la voirie publique.

4.7. Le contrat de bail avec la société « Concept Leh S.à r.l. », nouvelle société exploitant le restaurant « Le'h », relatif à la mise à disposition d'une partie de la place Marc Zanussi est avalisé unanimement.

4.8. Aussi avec les voix de tous les conseillers communaux, les décomptes suivants sont arrêtés :

- C.I.D. - extension du bâtiment en vue de garantir la garde alternée des bénévoles 169'051,41- €
- Mise en place de plafonds acoustiques dans l'école Deich 221'993,53- €
- Réaménagement de la rue Um Kräizbiereg 717'570,46- €
- Mise en place du système de guidage pour piétons 69'066,22- €
- Mise en sécurité du 1er étage et des combles de l'école Strutzbierg B 18'655,65- €
- Aménagement d'une salle de répétition dans le kiosque Parc Le'h 23'469,55- €
- Renouvellement d'un tronçon de la canalisation de la rue du Stade Jos Nosbaum 53'028,73- €
- Aménagement d'une salle polyvalente dans l'école Brill 9'709,90- €
- Renouvellement de la toiture de l'école Baltzing 26'511,24- €
- Raclage des rues Pasteur et Cungs 249'688,54- €
- Aménagement d'une sculpture « Bikers » sur la place de l'Hôtel de Ville 74'736,00- €

4.9. Avec 14 voix et 5 abstentions, les subsides ordinaires sont alloués aux clubs et associations. Les montants de ces subsides ont été revus et adaptés à la lumière des mesures prises dans le cadre de la lutte contre le COVID-19, sachant que dans ce contexte de crise sanitaire, la plupart des événements de nature culturelle, sociale, festive, sportive et récréative ont été suspendus et que par conséquent ont été annulés. Ainsi,

- les subsides ordinaires variables sont majorés de 50% pour l'année 2020 ;
- les subsides fixes aux sociétés sont également majorés par un montant supplémentaire ;
- des compensations financières appropriées sont accordées aux associations qui participent d'ordinaire aux manifestations organisées par la Ville, annulées cette année.

4.10. Finalement, un subside extraordinaire de 300,- € est alloué unanimement à l'association « SOS Détresse – Mir hëllefem iwwer Telefon an online » en tant que support financier.

5 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Le conseil communal, approuve avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2020/2021.

6 – COMMISSIONS LOCALES

Les changements suivants à la composition des commissions locales sont approuvés unanimement :

- Madame Thessy Erpelding remplace Monsieur Jos Thill dans la commission des finances, du budget et de l'économie ;
- Madame Carole Thoma remplace Monsieur Yves Jadin dans la commission de la circulation et de la mobilité ;
- Monsieur Dan Philipps remplace Monsieur Yves Jadin dans la commission des nouveaux médias ;
- Madame Michèle Petesch remplace Monsieur Yves Jadin dans la commission du jumelage et du tourisme ;
- Madame Danièle Nieves remplace Monsieur Jos Thill dans la commission des sports et des loisirs ;
- Madame Danièle Nieves remplace Monsieur Yves Jadin dans le pool de remplacement.

7 – PERSONNEL

Les créations de postes suivants sont approuvées à l'unanimité :

- un poste d'employé communal à plein temps, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur gradué)(service d'éducation et d'accueil) ;
- 5 postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducateur diplômé)(service d'éducation et d'accueil) ;
- 8 postes d'employés communaux à plein temps, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (aide-éducateur)(service d'éducation et d'accueil) ;
- un poste de salarié, carrière de l'artisan (peintre)(service de la gestion et du maintien du patrimoine).

8 – Point mis à l'ordre du jour par la fraction « Déi Gréng » – Motion – PRISE DE POSITION RELATIVE À LA STRATÉGIE BELGE DE GESTION DES DÉCHETS NUCLÉAIRES DANS LE CADRE DE LA CONSULTATION PUBLIQUE TRANSFRONTIÈRE DE L'ONDRAP

La motion modifiée au vœu du conseil communal est approuvée avec 17 voix et 2 abstentions. Il s'agit essentiellement d'une prise de position du conseil communal relative au projet du Gouvernement belge de définir une zone proche de la frontière luxembourgeoise comme site potentiel pour le stockage géologique de déchets nucléaires. Par ladite motion, le conseil communal demande e.a. au Gouvernement luxembourgeois, et plus particulièrement à Madame la Ministre de l'Environnement,



du Climat et du Développement durable, de rappeler à la Belgique le fait qu'une mise en œuvre du plan proposé est susceptible d'avoir des incidences notables sur l'environnement luxembourgeois et que celles-ci doivent être analysées en bonne et due forme conformément aux dispositions des directives européennes et à définir d'un commun accord les prochaines étapes procédurales pour garantir une consultation transfrontalière du public qui permette aux citoyens luxembourgeois de donner leur avis sur les éventuels projets en zone transfrontalière en toute connaissance de cause.

9 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Une question a été soumise par Monsieur Claude Martini, conseiller communal pour la fraction CSV, au collège des bourgmestre et échevins et concerne essentiellement la réouverture du secteur de l'Horeca en date du 29 mai 2020, comme suite aux nouvelles mesures de déconfinement décidées par le Gouvernement du Grand-Duché. Il est répondu à la question séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos
Fin de la séance vers 15.10 heures.



Gemengerotssëtzung vum 29. Mee 2020

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, et ass dëst eis zweet Gemengerotssëtzung am Kader vum Etat de crise, déi mir hei am Centre culturel Opderschmelz am Fong ofhalen. Haut hu mir och erëm par rapport zum Ordre du jour an de Begebenheeten adaptéiert well mir och eng ganz Rei extern Intervenanten hunn. Mir begrëissen awer och hei Vertrieeder vun der Presse. Och hinnen häerzlech wëllkomm. De Gemengerot ass komplett an deem Sënn, datt d'Sylvie Andrich-Duval dem Michèle Kayser-Wengler eng Prokuratioun ginn huet an d'Martine Bodry-Kohn huet mir seng Prokuratioun ginn. Dir hutt den Ordre du jour mat den Dokumenter zougestallt kritt. Et ass ee Punkt derbäikomm. Et geet dobäi ëm eng Motioun, déi Déi Gréng op den Ordre du jour sëtze gelooss hu wat d'Gestion des déchets nucléaires an der Belsch ugeet, wou och schonn an der Presse diskutéiert gouf. Sidd Dir domat averstanen, datt mir den Ordre du Jour mat deem dote Punkt kompletéieren? Jo – gutt, villmoos Merci. Voilà, dëst gesot géing ech op d'Korrespondenz iwwergoen.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP) :

Mir hate jo schonn zwou interfraktional Sitzungen, wou mir als Schäfferot de Fraktiounsspriecher vun deene verschiddene Parteien, déi hei am Gemengerot sinn e bësselchen déi verschidden Etappen a Moosnamen erkläert hunn, déi mir am Kader vun deene successiven Deconfinementsetappen och als Diddelenger Gemeng geholl hunn. Mir wäerten och eng drëtt interfraktional Sitzung maache well déi drëtt Phas agelaut gouf säit dem leschte Méinden, respektiv Mëttwoch, an elo haut de Freiden.

Ech wollt awer elo hei d'Geleeënheet notze well och nach aner Conseiller a Conseillëren hei sinn, respektiv awer och Vertrieeder vun der Presse fir ganz kuerz en Topo ze maache par rapport zu den Diskussiounen, déi mir wéi gesot och hei an intrafraktionale Reuniounen hatten, respektiv awer och e puer aner Nouvellë ginn. Villäicht e bësselchen den Topo maachen, wat d'Verdeelung vun de Masken ugeet. Dat ass jo de leschte Freiden an de leschte Samschden iwwer d'Bühn gaang mat zwee Drive-innen op der Gemengeplaz. Am Kader vun dëser Woch bis effektiv d'Päischtvakanz nach mat kann een op d'Gemeng selwer kommen. Ech wollt awer soen, datt

iwwer déi zwee Deeg, den éischten Dag, freides, iwwer 80% vun de Maske verdeelt goufen, iwwer déi zwee Deeg gutt 95%, sou datt mir largement iwwer déi doten zwou Aart a Weise konnten d'Masken un déi Diddelenger Bierger ouni Problem verdeelen. Dat dozou gesot, also ganz positiv.

Wat d'Finanzen ugeet, och doriwwer wollt ech hei e kuerzt Wuert verléieren. Ech mengen, Dir hutt matkritt, datt beim Staatsbudget en Defizit ass vu 5 Milliarden Euro. Dir hutt jo och eng Circulaire kritt, déi un d'Gemenge gaangen ass den 8. Mee. Do ass et jo esou, datt in globo ronn 25 Milliounen Euro manner an d'Gemengekeesse geet an dat esouwuel de Fonds national des communes wéi och d'Gewerbesteier, dat huet natierlech och en Impakt op d'Diddelenger Finanzen. Do kann ee soen, datt et ronn 13 Milliounen Euro sinn, déi d'Stad Diddeleng manner kritt. Fonds national des communes, respektiv awer och ICC, also ronn 13 Milliounen Euro, wann een och dat ëmsetzt. Dat huet natierlech och en Impakt op eise Gemengebudget. Dat sinn Einnahmen, déi mir net hunn an eisem Ordinairen. Wann een natierlech den Initial kuckt, dee mir opgesat hunn an dee mir och am Gemengerot gestëmmt hunn, do schlësse mir natierlech am ordinaire Beräich mat nach engem Boni of. Mir mussen awer elo kucken, an ech mengen, dat ass eng Aufgab, déi alleguerten d'Gemengen elo maache mussen, wat de Spillraum ass, dee mir hunn am Kader vum Initial 2020. Natierlech musse mer och kucken, wéi een Impakt dat huet op de Rectifié 2020, respektiv awer och kucken engersäits déi Projeten, déi schonn amgang sinn, déi schonn an der Prozedur sinn, déi schonn exekutéiert ginn, Projeten, déi iwwer 2-3 Joer ofgewéckelt ginn, Projeten awer och, déi a Verzug geroode sinn, well eben och duerch d'Covidkris de Bausecteur gerout huet an d'Marché-publicuen och gestoppt goufen. Dat heescht, effektiv sinn och do Saachen, déi mir effektiv éischter solle mol verréckelen. Et muss een also Projete villäicht liicht verréckelen, upassen. Projeten, déi awer och entaméiert ginn, wéi gesot, d'Gemengen hunn do e gewësse Spillraum. Deen hu mir och.

Nieft awer der Aufgab an der Responsabilitéit, déi mir hunn als Gemeng, engersäits ze kucken, wat ass den Impakt um budgetäre Kader awer och déi Responsabilitéit, déi mir hunn e bësselchen och wéi de Staat eng antizyklesch Politik weiderdreiwe fir och do déi ëffentlech Investor weider héichzehalen. Do ass natierlech d'Méiglechkeet, ze kucken, wéi ech gesot hunn, wat ass den Initial wat ass de Rectifié. Wat ass do eise Spillraum? Awer och ze kucken um Niveau vun der Ligne de trésorerie, um Niveau vun eventuellen Emprunten (ech soe wierklech eventuell well een dat eréischt ka kucke wann ee genee weess wat den Impakt ass). Mir hu jo och nach gutt Reserven, mir hunn och nach de Fonds de



péréquation, also ech mengen do sinn eng Rei Gegebenheeten, e gewësse Spillraum an deem mir eis beweegen a wou mir kucken, och mat eise Servicer zesummen, wéi mir par rapport zu de Projete weider wäerte goen. Op alle Fall och d'Propos vun hei aus, datt mir entweder virun der Summervakanz oder direkt no der Rentrée eng Finanzkommissioun maachen, wou mir dann och e bësselchen den Iwwerschlag maachen, wéi d'Situatioun hei fir Diddeleng ass.

Dann nach en anere Punkt par rapport zu de Commercen, déi jo viru méi wéi enger Woch opgemaach hunn, elo den HORESCA-Beräich, dee weider kann zéien. Mir hu jo d'Decisioun geholl, datt mir och nach de Gemengerot domat befaassen, well dee jo och d'Decisioun muss huelen an och d'Decisioun geholl huet, datt mir de Commercen, wou mir Propriétaire respektiv Locataire sinn, jo Loyer verrechnen, respektiv e Loyer guttheeschen. Dat ass fir déi Méint Abrëll, Mee a Juni. Déi Loyereren, wéi gesot, vis-à-vis vun de Commercen, dat maache gutt 54 000 Euro aus. D'Exoneratioun vun den Taxen op den Terrassen, do si mir bei 10 500 Euro, respektiv awer och hei d'Iwwerleeung fir ze kucken ob mir weider Hëllefë kënnen maachen, ob d'Exoneratiounen weiderginn, ob dat Exoneratiounen op den Taxe sinn, wat e bësselche méi komplizéiert ass, oder awer iwwer Bongen, ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi ee ka weiderféieren. D'Plattform Mäin Diddeleng, do si gutt 90 Commercen drop, 90 Diddelenger Commercen, dat sinn der ganz vill. Do sinn 550 Bestellungen gemaach ginn un d'Commercen, dat an enger Héicht vun enger Valeur vu ronn 60 000 Euro, déi also an de lokale Commerce fléissen. Ech mengen, datt dat eng ganz rentabel Zomm ass vun der Ënnerstëtzung vum lokale Commerce. Dëst gesot, d'Josiane wäert sécher och nach eng Kéier op de Bilan vun der Schoulrentrée agoen, déi jo de Méinden agelaut gouf.

Ech wollt awer kuerz nach hei soen, well mir och als Gemeng mat eise Servicer zesumme souzen ebe no den Annoncen, déi de Méinden de Mëtteg gemaach goufe wat den Deconfinement ugeet, déi drëtt Phase respektiv de Règlement grand-ducal, dee jo och en vigueur ass an deem de Kader skizzéiert, wéi een sech beweegen soll a wat ee maache kann. Et ass jo esou, datt virgesinn ass, datt esouwuel d'Restauratioun wéi och d'Terrasse bis 24 Auer kënnen op sinn. Bei eis ass dat jo esou, datt d'Bannelokal natierlech bis 24 Auer op ass, mä mir jo awer en Terrassereglement hunn, dat mir hei gestëmmt hunn als Gemengerot, an dat virgesäit, datt jo an der Woch bis 23 Auer op ass, respektiv dann de Weekend bis 1 Auer nuets. Wat hei spilt, ass dat méi restriktiv, dat heescht, an der Woch ass bausse bis 23 Auer, banne bis 24 Auer op an natierlech de Weekend kloer d'Bestëmmung vu 24 Auer esouwuel banne wéi och

baussen. Ech mengen, dat ass dee Kader an deem mir eis befannen, well mir jo och deemools hei déi Decisioun als Gemengerot geholl haten, well mir wollten en Equilibre fannen, engersäits tëschent engem attraktiven Nuetsliwen, Cafésliwen, an och der Nuetsrou fir déi Leit, déi am Zentrum wunnen.

Déi Annonce, déi gemaach gouf mat der Kultur, Kulturzentren, do si mir och amgaang mat eisem Service culturel ze kucken, wéi mir eng Summerprogrammation Outdoor maache kënnen mat attribuëierte Plazen. Déi Méiglechkeet besteet jo iwwer 20 Leit, sou wéi de Règlement grand-ducal et och virgesäit. Do si mir amgaang mat eisem Service culturel ze kucken, wéi mir do eng flott Programmation iwwer déi Summerméint maache kënnen a wann deem och steet wäerte mir deem natierlech och matdeelen. An dorënner fällt natierlech och den Open Air Kino. Mir ginn also ewech vun der initialer Iddi vum Autokino, éischter op effektiv e kllasseschen Open Air Kino, dat mam CNA zesummen.

Eis Sportsinfrastructure wäerte mir och progressive opmaachen. Engersäits si mir elo am Kontakt mol mat den Diddelenger Sportsveräiner, déi natierlech och an Ausarbechtung mat hire Federatiounen, sech jo och eng Rei Richtlinn ginn hunn an och kucken, wéi mir déi Richtlinnen och op eise Sportsinfrastructure kënnen ëmsetzen. An och Iwwerleeungen, wéi mir déi Sportsinfrastructuren notament och d'Schwämm dem Public kënnen weider opmaache. Mä wéi gesot, et ass jo en neie Moment, dee säit e Méinde ginn ass ... och do musse mir déi néideg Konsultatiounen maache mat eisem Sportsservice an och mat de Sportsveräiner.

Dann natierlech den Donneschde 4. Juni ass de grouse Maart. Dee wäert och rëm kënnen stattfannen ouni Problem zu der grousser Freed vun de Maartleit an och vun den Diddelenger an Net-Diddelenger Bierger. Wat jo ganz vill Succès hat wou awer mengen ech an deene leschte Wochen, muss ee soe wat d'Appellen ugeet wierklech agebrach ass datt dee Besoin do ass, dat war eise Service d'aide aux courses, dee mir gefouert hunn. Dee wäerte mir de Freideg, de 5. Juni astellen. Deen ass jo den 23. Mäerz lancéiert gi fir effektiv déi Leit iwwer 60 Joer respektiv déi vulnerabel Persounen. Do si 500 Appeller erakomm. Bon, wéi gesot an deene leschte Woche während der Woch ware just nach dräi, véier, fënnef Leit, déi drop zrëck gegruff hunn. Ech mengen, d'Commerce sinn och erëm op. D'Leit kënnen sech jo och rëm beweegen mat deene néidege Moosnamen, also mengen ech och elo hei fir dee Service an ze stellen. Voilà, dëst e bësselche méi generell Informatiounen par rapport zu der drëtter Deconfinementsphas a wat mir hei zu Diddeleng vu Moosnamen huelen. Mir wollten lech déi Informatiounen net virenthalen, datt déi Diskussioun



nen och intern lafen an ech géíng hei dem Josiane Di Bartolomeo- Ries d'Wuert gi fir de Volet Schoulrentrée.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (SCHÄFFIN – LSAP) :

Merci Här Buergermeeschter. Bon, zur Schoulrentrée, ech géíng ganz gár eng Kéier kuerz dorop agoe wat ganz schwéier ass, ganz kuerz, well et awer e risegen Dossier war. Am Nachhinein, elo wou d'Schoul dann awer bal eng Woch léift muss ech awer soen datt dat Ganzt sech awer ganz positiv entwéckelt huet. D'Kanner ware ganz zefridde wéi si de Méinden an d'Schoul komm sinn. Et war awer net esou einfach. Ech mengen, dee Virdeel, deen Diddeleng hat par rapport zu zum Beispill méi kleng Gemenge ronderëm, Käl an och Rémeleng, déi Quartiersschoulen. Dat heescht, doduerch datt mir Quartiersschoulen hu war et eis relativ séier méiglech, d'Säll ze verduebelen. Mir hu jo vir all Klass en A an e B Sall gebraucht. Dat huet relativ gutt funktionéiert. Dat heescht, d'Maison Relais souwuel wéi d'Schoul gëtt elo parallel genotzt zu deene selwechten Zäiten. Dat ass Mol eppes wat positiv war. Wou ech eigentlech Kritik déi ech am Nachhinein elo kéint maachen, dat war dee Sondag deen un d'Eltere rausgaangen ass. Do muss ech ganz éierlech soen, dat war e bësselche mëssgléckt well d'Elteren eigentlech net richtig wousste, wat kräizen ech un, a wat fir engem Grupp ass mäi Kand an esou virun an esou weider.

Bon, mir hu gewaart a gewaart an iergendwann eng Kéier hu mir viru 14 Deeg decidéiert, d'Diddelenger Gemeng, mir géifen all déi Elteren, déi beim Sondag matgemaach hunn, uruffen. Mir hunn dat dunn och gemaach, wat immens positivwar. Mir hunn den Elteren direkt konnte soen, voilà datt et esou funktionéiert well et ware ganz vill Leit, déi woussten net emol, datt keng Schoul wier vun 2 bis 4 Auer. D'Zuele sinn doduerch erofgaangen. Et ass awer esou, datt villäicht d'Zuele vun de Kanner erofgaange sinn awer net vun de Gruppen. Dat heescht, mir hunn a Gebaier eenzel Gruppen, wou wierklech nëmmen ee Kand ass. Dat heescht, mir hunn een aus dem SEA, deen op ee Kand oppasst, dat ass eng eent zu eent Betreung. Dat huet awer gutt geklappt. Eis Educateuren hunn dat och gutt am Grëff. Si sinn zwar net gewinnt, esou eng eent zu eent Betreung oder eleng mat Kanner Aktivitéiten ze maachen. Do muss ech awer soen datt dat exzellent geklappt huet. Mir hunn d'lescht Woch e Mëttwoch 43 Leit agestallt. Dat war scho relativ sportlech. Mir hunn déi Leit och all gesinn, zum Deel hu mir se kannt. Si ware scho bei eis oder si hu Stage gemaacht, et ass qualifizéiert Personal. Mir hunn immens gutt dorop opgepasst. Dann déi Frupstuten, mir hu natierlech fir all Kand eng Frupstut gemaach, och wann d'Kand heemgaang ass no der Schoul. Am Cycle 4 zum Beispill, 6. Schouljoer, do kann d'Kand heem goen. Dat hu mir d'Elteren och

gefrot, dann hu mir awer hinnen eng Frupstut matgi wann dat erwünscht war. An deene Frupstute war an der éischter Woch awer nëmme kaalt lessen dran. Ech muss awer soen, dat hu mir och elo schonn am Grëff. Ab nächster Woch wäert dann och waarmt lessen dra sinn. Dat war fir déi éischt Woch e bësselche sportlech well mir d'Chiffere jo och relative spéit kruten. Et waren zwar Bréidercher, et waren Zaloten dra mä trotzdem... Ab d'nächst Woch gëtt et dann do och elo waarmt lessen. Wat ganz wichteg war oder wat eis vill gehollef huet an der Betreung am SEA, dat war am Fong, mir hunn esou en Aktivitéitekalenner op d'Bee gestalt, wou 60 Aktivitéiten dra sinn. Dat heescht, den Educateur sicht sech dräi Aktivitéiten eraus, hält déi mat fir seng Kanner. Do huet all eenzelt Kand seng Saachen, Bastelsaachen, Nordic Walking kënnen si maachen... Si kënnen relative vill maachen. Dat huet e Grupp vun Eisen Educateuren op d'Bee gestallt an déi ginn dann Enn der Woch weg geholl an desinfizéiert sou datt déi Kanner awer e bësselche Spaass hunn a net einfach nëmmen am Schoulhaff ronderëm sinn.

Bustransport, dat stoung och am Sondag. Deen hu mir zu Diddeleng net vu datt mir jo Quartiersschoulen hunn. Do waren dann awer iwwer 100 Leit déi ugekräizt haben, datt si de Bustransport géinge brauchen. Am Nachhinein positiv, vill Aarbecht fir all d'Acteuren, fir d'Schoulen, fir d'Direktioun, fir de Service Enseignement, fir de Service Structures d'Accueil, mee, mir hu villäicht kleng Saachen, déi net sou richtig direkt geklappt hunn. Ech mengen, déi nächst Kéier wann dat kennt wësse mir elo wéi dat geet, mir si jo lo gebrieft. Wéi gesot, allgemeng stinn ech eigentlech zimlech positiv dozou well d'Kanner awer ganz frou waren, erëm an d'Schoul ze goen.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP) :

Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir deen doten Update no enger Woch Rentrée. Ech mengen, Dir sidd dann elo um Courant wéi d'Situatioun an Diddeleng ass a wéi gesot, mir wäerten lech do weider au Courant halen, respektiv kucken dann och demnächst eng interfraktional Sitzung ze maachen. Ech kucken hei op d'Kolleginnen an d'Kollegen ob si nach eppes ënnert Korrespondenz hunn.

Ouni lech awer elo hei virzeenthalen, datt Dir hei Buffe virleien hutt. Dat sinn am Fong Buffen, déi mir fir d'ganz Gemengepersonal ufäerdege gelooss hunn, also fir déi ronn 650 Leit, déi fir d'Gemeng schaffen, well dat sécherlech am Alldag méi einfach ass, dat heiten unzehunn ewéi elo onbedéngt eng Mask a, voilà, mir wollten och de Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot och e Kaddo maachen. Déi eng oder déi aner erkennen sech villäicht an der Faarf méi oder manner erëm, mä et ass



op alle Fall d'Faarwe vun der Stad Diddeleng. Op alle Fall ass och fir de Gemengerot e Jet do. Dëst gesot, géing ech proposéieren, datt mir op deen zweete Punkt weiderginn.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER - APPROBATION VU MODIFIKATIONEN AM ALLGEMEINE VERKÉIERSREGLEMENT

2.1. REAMENAGEMENT VUN DER RUE DE LA BRASSERIE AN DER RUE DR MICHEL WELTER

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Beim zweete Punkt geet et ëm d'Circulation an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Mir hunn zwee Verkéiersreglementer virleien. Dat éischt ass e bësselche méi e kuerzt. Dir wësst datt mir d'Brasserie- an d'Welt-erstrooss reamenagéiert hunn an do musse mir zwee Mol en Zebrasträife fir Foussgänger a Vëlo maachen. Mir maachen och e Stoppschëld all Kéier do wou déi zwou Stroossen op d'Hauptstrooss, nämlech op d'Parkstrooss treffen. Dat ass dat éischt Reglement.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV) : Merci. Dat heescht et gëtt elo en Zebrasträifen op de Buedem gemoolt, do wou bis elo de Vëloswee war ? Gëtt deen och extra beliicht ? Gesäit de Vëlofuerer, datt lénks Autoen erauskommen? A wann den Auto da weiderfiert, dat heescht d'Stoppschëld ass an der Rue de la Brasserie? Kënnt dann nach en Dräieck hannendrun? A wa jo da misst dee jo am Fong och an d'Reglement kommen, well dee gëtt jo da geréckelt vun do wou en elo war.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Also, mir hunn eis zwee Verkéiersexperten och hei, de Pit Demuth an de Micael Da Silva, déi kënne villäicht eng Kéier kuerz op dat méi technesch agoen. Beliichtung, jo natierlech gëtt dee laut Norm beliicht. An Du hues jo och, vu datt mir déi zwou Stroosse frësch gemaach hunn, respektiv och eng Hauptstrooss, d'Parkstrooss, also d'Beliichtung vun der Strooss hëlleft do jo och mat. An ech mengen, fir déi méi technesch Saachen, den Dräieck deen s Du ugeschat hues, géif ech einfach Mol eisen zwee Leit aus dem Service Circulation d'Wuert ginn. Dat ass de Pit Demuth an de Micael Da Silva, ech mengen Dir

kennt si méttlerweil. Do hannen ass awer nach eng Fro. Pardon, ech hat dat net gesinn.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Madame Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also, dat ass natierlech ganz gutt, datt do e Stoppschëld kënnt, well dat ass schonn eng Geforeplaz. Ech wollt awer froen: Do si jo nach zwou Säitestroossen, besonnesch d'Rue Emile Ludwig, do ass elo en Dräieck. Ass do och virgesinn, datt villäicht do e Stoppschëld kënnt?

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci. Nach weider Froen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Ech mengen, dat mat der Emile Ludwig Strooss, dat kënne mir kucken, dat kënne si mat op de Wee huelen, fir de Rescht...

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP) :

Dir hutt d'Wuert.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION) : Merci fir d'Wuert. Also ech äntwerten elo emol op d'Fro vum Stoppschëld. Also d'Stoppschëld kënnt virun den Zebrasträifen, wann een aus der Strooss erauskënnt. Dat heescht, als éischt kënnt d'Stoppschëld, da kënnt den Zebrasträife mam Vëlosiwwergang an da kënnt deen Dräieck. An deen Dräieck, dee gëtt jo net deplacéiert, dofir muss deen net nach eng Kéier nei reglementéiert gi well dee jo schonn am Reglement ass. Deen ass jo am aktuelle Verkéiersreglement dran, genee op där Plaz wou en och elo bleift a mir hunn d'Stoppschëld gemaach fir datt d'Autoen, déi aus där Strooss kommen, als éischt emol eng Kéier ofbremsen, kucken ob e Vëlofuerer kënnt oder e Foussgänger an dann eréischt lues bei d'Parkstrooss komme fir do nach eng Kéier ze kucken ob si lénks oder riets kënnen ofbéien, ob do keen Auto kënnt. Dofir ass deen Dräieck och net méi am Avenant mat dran, well e schonn am richtege Reglement mat dran ass.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Villäicht ass et och wichteg, eng Kéier ze soen, alles wat schonn do ass, dat steet an eise groussen Verkéiersreglement ëmmer dran a wa mir näischt ofschafen oder wa mir näischt réckelen, da musse mir net nach eng Kéier domat duerch de Gemengerot kommen. Et ass u sech ëmmer wann s Du eppes ofschaafs oder eppes Neies méchs. Dat ass d'allgemeng Regel.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci. Gëtt et nach weider Froen? Madame Heinen.



MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Et ass net direkt eng Fro, mä ech wollt awer soen, mir sinn och frou, datt déi Minipolleren do agesat gi si fir d'Autofuerer ze trennen, also datt déi net méi parken do um Vëloswee. Also, dat fanne mir och eng richteg gutt Iddi a mir mengen, déi Zesummenaarbecht mat der lokaler Initiativ Vëlo Diddeleng, déi dréit Friichten a mir hoffen, datt dat dann esou weidergeet.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Also, mir fannen dat och gutt, datt déi gemaach gi sinn. Ech kann awer elo net bestätegen, datt déi doten Iddi elo onbedéngt vun hinne koom. Ech mengen, déi hate mir schonn e bësselche méi laang am Hannerkapp. Mä awer datt déi Aarbecht gutt ass, zesummenzeschaffe mat Leit, déi och vill Erfahrung hunn an déi och gären a vill Vëlo fueren, do kann ech lech nëmme Recht ginn.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Ceci dit, géng ech proposéieren datt mir zum Vote iwwerginn. Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

2.2. AMENAGEMENT VUM SHARED SPACE – PHAS 2 AM ZENTRUM VUN DIDDELENG

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Da gi mir op dat nächst eriwwer an dat huet mat der zweeter Phas vum Shared Space ze dinn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Jo, do hunn ech e bësselche méi ze soen. Dat ass net méi komplizéiert well ech mengen, Dir kennt de Projet, Dir wësst wat do gemaach gëtt an dat wat mir do maachen, dat muss mir dann elo just an e Verkéiersreglement afléisse loosse, wéi de Buergermeeschter richteg sot, am Kader vum Shared Space, mä awer och am Reamenagement vum engem Deel vun der Dominique Lang Strooss an eng Zon 30. Do muss da wéi gesot Folgendes nei reglementéiert ginn. An der Niddeschgaass d'Erweiderung vun der Zon 20 vun der Dominique Lang bis d'Rue Jean Jaurès. D'Erweiderung vun den 30 Minutten-Parkplaze virum Haus Nummer 34 beim Café Yuppy bis Haus Nummer 74 beim Mario.

Eng Handicapéierteplaz beim Haus Nummer 59 virun der BGL. Dat ass och déi, do kënnt Dir lech wahrscheinlech erënneren, déi och an där aler Situatioun schonn do war, wou et nach kee Shared Space gouf. Dir wësst och, datt am Shared Space déi Parkplaze gratis sinn, u sech 30 Minutte laang. Mir wollten awer op de Wee goe fir déi Handicapéierteplaz do eng Stonn ze maachen. Firwat? Well mir dovunner ausginn, datt wann s de am Rollstull sëtzt, datt s de awer méi Zäit braucht eleng scho fir eran- an erauszeklappen a fir deng Akeef ze maachen, wéi wann s Du gesonder zwee Been hues.

Dann, d'Modifikatioun vum Parkverbuert beim Haus 92. Do ass eis opgefall, datt e Feeler an deem groussen Dokument stoung, dat mir deemools hei gestëmmt hunn, also am allgemenge Verkéiersreglement. Do sollt et nämlech d'Haus 94 sinn, dat ass beim Optiker Tarall, fir datt do keen sech an den Tournant stelle soll

well soss eben d'Busser net méi laanscht kommen. Do huele mir och den Dräieck ewech. Et kënnt natierlech en Duerchfuerverbuert fir Camionen iwwer 3,5 Tonnen, mat natierlech enger Ausnam fir Bus, Awunner an och Liwwerungen.

Da gëtt et Tempo 30 an der Avenue Grand-Duchesse Charlotte, wou een aus der Route de Burange erauskënnt bis d'Rue Dominique Lang. Tempo 30 geet virun an der Dominique Lang Strooss bis bei d'Rue Norbert Metz, den Zebrasträifen, aus dem Park Mayrisch eraus. A villäicht, fir dat e bësselche besser ze verstoen, deen Numm "Avenue Grand-Duchesse Charlotte", dee wieselt op der Héicht vun der Parfümerie Paris 8. Do gëtt dann aus der Niddeschgaass d'Rue Dominique Lang. Dofir ass dat heiansdo e bësselche konfus a schwéier ze verstoen, dofir wollt ech dat awer nach eng Kéier präziséieren. Wann een aus der Rue Emile Mayrisch erauskënnt, kënnt en Zebrasträifen dohinner, dat nämlech wann een aus der Rue Jean Wolter op d'Kräizung mat der Avenue Grand-Duchesse Charlotte kënnt an zwar tëschent dem Subway an der Epicerie.

An dann an der Wolteschgässel, dat heescht vis-à-vis vum Wäibuttek, do kënnt e Parking fir Mottoen hin, Vëlosstännere kommen der an d'Niddeschgaass, dräi Stännere bei d'Haus Nummer 34. Dat ass beim Volux Bazar. Dräi Stännere bei d'Haus 47, dat ass virun der Boucherie Au Fin Gourmet an nach dräi Stänneren an der Wolteschgässel vis-à-vis vum thailännesche Restaurant. Déi brauchen am Shared Space net reglementéiert ze ginn, dofir stinn se och net am Reglement dran. Ech wollt awer hei eng Kéier präziséieren, datt mir déi natierlech dohinner maachen.

An aktuell ass och d'Rue Jean Wolter eng Tempo 50 Strooss an dat gëtt dann an Zukunft eng Tempo 30-Strooss. Voilà, lo hoffen ech datt ech näischt vergiess hunn. Wann ech eppes vergiess hunn dofir sinn eis Leit aus dem Service Circulation do, respektiv och wann do technesch Froe sinn.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi Presentatioun vun deem dote Verkéiersreglement. Froen hunn den Här Martini an duerno d'Madame Heinen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Wéi ech dat Dokument gelies hunn, hunn ech wierklech laang gebraucht bis datt ech alles verstanen hat, fir sech do an all deene Stroossen do erëmzefannen. Dat war jo och net Är Schold gewiescht, et ass effektiv d'Stroosse wou d'Nimm op ee Mol wiesselen an de Kéieren. Ech hu mech just gefrot, firwat mir net ab dem Jugendhaus, plus-minus, déi Zon 20 duerchgezunn gehat hätte bis bei d'Niddeschgaass wou de Buedem, dee sollt am Ufank eng aner Fuerf och kréien, een Deel kritt jo eng aner Fuerf, dat hate mir jo am Ufank eng Kéier gesot. Et wier och net schlecht gewiescht wa mir vun do aus Zon 20 gemaach hätte bis ganz dorower, dann häss de och eng Kontinuitéit gehat vum Brill. Do ass jo och d'Zon 20 a vis-à-vis ass dee Park fir ze spille wou vill Kanner sinn, wou vill Leit ronderëm sinn a wann ech mech net ieren,



ass an der Stad och esou en Deel bei der Kathedral wou d'Leit musse mat 20 Kmh fueren. Do ass eng Strooss, wou si méi schnell kënne kommen, do fueren si mat 20 an dat bremsst de Verkéier eigentlech richteg gutt of. Wann ech dat hei richteg verstanen hunn, gi mir op eng Zon 30 hei, an ech hätt et am Fong méi favorabel fonnt, wann dat Schëld mat de Kanner do wier, dat blot, dat weist méi drop hin, datt s de solls lues fueren, datt s de solls oppassen, an ech mengen, dat hätt de Verkéier e bësselche méi gebremst wéi wa mir op 30 ginn obwuel tëschent 20 an 30 Kmh keng riseg Differenz ass wann s de mam Auto fiers. Dofir meng Fro: firwat maache mir dat net?

An déi aner Fro ass: All déi Vëlosstänneren, déi Dir maacht, et wier net schlecht wann Dir en Deel dovun géngt iwwerdecke fir datt déi net naass gi wann et reent. An dann hunn ech awer och vermësst am Allgemengen, datt hei kee Schëld war wat am Fong iergendwéi op de Vëlofuerer hiweist, iergendwéi wou weist, datt de Vëlofuerer Prioritéit hätt. Och an der Dominique Lang Strooss datt mir villäicht duerno e Vëloswee iergendwéi hätt kënne mat abannen. Dat bedauern ech e bësselchen. An der Parkstrooss hu mir jo lo de Vëloswee gëtt et bësselchen amenagéiert, dee kritt e bësselche Prioritéit do, mä hei ass am Fong näischt dofir virgesi wat e bësselchen drop hiweist. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci Hår Martini.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hätt eng Fro: Deen Zebrastreifen den ëmmer war beim Sales, also beim Reesbüro, ech mengen den ass fort. Also do wollt ech nofroen, ech si mir elo net ganz sécher. Bon, mir droen dat mat an der Dominique Lang 30 Kmh an och an der Rue Jean Wolter. Mä an eiser Logik vum Shared Space géife mir eis dann awer enthalen, alles wat dann an der Niddeschgaass ass, besonnesch d'Parkplaze gefalen eis net, mä ech mengen dat kënne mir elo net getrennt stëmmen...? Da musse mir eis enthalen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (SCHÄFFIN – LSAP): Ech gi villäicht just op dat an der Zon 30 an der Dominique Lang Strooss an: An der Stad, dat ass eng Gemengestrooss, an dat doten ass keng Gemengestrooss, dat ass Ponts et Chaussées, dat ass 30 Kmh.

Mat den iwwerdeckte Vëlosstänner, mir waren dat schonns ee Mol eng Kéier vun enger Schoul gefrot ginn, soss ass dat elo net weider un eis erugedroe ginn. Elo kann een sech dat iwwerleeën, et muss een och kucke wou et Sënn mécht an och kucke wou et passt. Et ass net iwwerall wou et Sënn mécht an et ass och net iwwerall wou et schéin ausgesäit. Ech mengen esouwuel eis Architektin huet dat elo matkritt wéi och eise Service Circulation. Si kënnen do jo nach eng Kéier eng Ronn dréinen.

An da mengen ech, dat mam Zebrastreife beim Sales Lentz, do hu mir dach e provisoreschen elo gemaach gehat, mä ech mengen do ginn ech einfach direkt d'Wuert weider, da kënne si dat mat eranhuelen.

MICHAEL DA SILVA (SERVICE DE LA CIRCULATION): Merci fir d'Wuert. Also, den Zebrastreife beim Sales, dee bleift esou wéi en haut ass. Dofir ass och am Reglement näischt dra well dee scho reglementéiert ass.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci fir déi dote Präzisierungen. Da géng ech proposéieren, datt mir zum Vote iwwer ginn.

Wien ass mat dem dote Verkéiersreglement aversanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Lénk an en onofhängege Member. Wien enthält sech ? Dat sinn déi Gréng. Villmools Merci.

Just nach als Info, éier mir op deen nächste Punkt weiderginn. Mir haten och als Schafferot eng Diskussioun mam Geschäftsverband an och mam Entrepreneur a viraussichtlech ass geplangt, datt de Belag vum Shared Space den 28. an de 29. Juni gemaach gëtt, also sonndes a méindes, a mir hunn eis haaptsächlech an der Diskussioun mam Geschäftsverband och gëeenegt op méindes statt samschdes, well souwisou méindes moies d'Geschäfte zou sinn, da fält am Fong just een halwen Dag aus wou d'Geschäfte zou si, wann effektiv den definitive Belag gemaach gëtt amplaz vun engem ganzen Dag, an ech mengen, dat arrangéiert jiddereen. Op alle Fall, deen Datum vum 28. an 29. Juni, dee steet. Voilà, da géif ech proposéieren, datt mir op deen nächste Punkt iwwerginn.



3. GEMENGEPLANUNG A STAD- ENTWÉCKLUNG - APPROBATION VUM DEELBEBAUNGSPLANG (PAP) FIR GRONDSTÉCKER AN “A BËLLEG” PRÉSENTÉIERT VUM ARCHITEKTEBÜRO WW+ FIR D'GESELLSCHAFT FMC PROMOTIONS SÀRL

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Um Niveau vum Aménagement communal geet et hei ëm engersäits d'Presentatioun awer och ëm d'Approbation vum Projet d'Aménagement Particulier, also vum PAP “A Bëlleg”, deen hei presentéiert gëtt vum Architektbüro WW+ fir d'Sociétéit FMC Promotions Sàrl. Dofir begrëissen ech och hei an eiser Ronn nieft eiser Gemeinarchitektin, dem Cathy Mambourg, awer och vum Architektbüro WW+ de Luc Wagner an d'Anaïs Lai, déi de PAP presentéiere wäerten. Ech wollt awer, éier ech hinnen d'Wuert ginn, eng Kéier kuerz de Kontext setze vum PAP, respektiv vum PAG, mir hate jo do eng Modifikatioun gemaach vum PAG ronderëm A Bëlleg, dat jo an engem Différé war an elo ass et an engem Hub 2, dat war am November 2018, dat hat de Gemengerot jo unanime gestëmmt an och am Kader vun der Prozedur gouf et jo keng Reklamatioun.

Et ass jo och esou, datt mir am Mäerz 2019 den definitive Vote vun der MOPO hei haten um Niveau vum PAG. Och dat war unanime an am Juli 2019 gouf déi MOPO vum PAG definitiv och vum Ministère de l'Intérieur approuvéiert. Hei si mir an enger Situatioun vun engem neie Quartier an och vun enger Baulück an Diddeleng, déi erschloss gëtt an déi sech jo befënnt tëschent der Lëtzeburger Strooss, der Bierenger Strooss an der Rue Jean Simon. Dat ass also e Site vu gutt 4,6 Hektar, et si ronn 178 Unitéiten, déi do entstinn, mat engem Fokus awer och op individuell Habitatiounen, kollektiv Habitatiounen, also eng Mixitéit och op deem doten Niveau. Och verkéiersberouegend. Mir haten dat deemools scho beschwat, Zone 20 Shared Space awer och Zone 30, déi virgesinn ass. Eng Ubannung un den ëffentlechen Transport, esouwuel Bus wéi och Zuch, mat der Proximitéit vun der Bierenger Gare. Awer an deem Quartier och Noversuergung, Commerce de proximité, effektiv och Crèche, déi mir do wëlle maachen, awer och an déi Richtung si mir gaangen hei, datt de Parkplazschlüssel - an de PAP geet jo och ganz kloer dorop an - hei erofgeschrauft gouf. Natierlech ass dat heiten och e Projet, wou mir als Ge-

meng mat eraginn, notament iwwer de Logement subventionné, déi 10% déi een hei spille léisst. Dat wäerte mir ganz kloer hei maachen. Do ware mir eis och eens mat den Entwéckler hei vum Projet, déi si jo och ausgewisen, dat kann een um PAP weisen, vu wéi enge Logementer mir wäerten hei wëlle Propriétaire ginn, dat heescht, och herno an d'Diskussioun kommen, och mam Logementsministère, well dat heiten natierlech och e Projet ass, dee wéi gesot, e PAP ass, an deene Phase wäert entwéckelt ginn. Och wa mir haut de PAP hei stëmmen, kënnt herno jo nach eng Convention d'exécution vum PAP, sou wéi dat klassesch bei all PAP de Fall ass. Voilà, dat e bësselche méi dee generelle Kontext vun deem PAP.

Et ass och esou, wéi gesot, datt mir haut doriwwer befannen. Den 18. Oktober 2019 huet de Schafferot säin Avis zum PAP ofginn an huet natierlech och an de Ministère de l'Intérieur erageschéckt. Dat war de 25. Oktober 2019, also virun der Date butoir vum 1. November 2019, dat ass net onwichtig. Klassesch ass hei eng Enquête publique gemaach ginn. Déi ass ugelaaf vum 25. Oktober bis de 25. November 2019. D'Cellule vum Ministère de l'Intérieur huet den 20. November hiren Avis ofginn. Deen Avis ass jo Partie intégrante hei vum Dossier, deen Dir zougestallt krut. An natierlech, während der Zäit vun der Enquête publique vum 25. Oktober bis de 25. November 2019 krute mir effektiv Mëtt November Courier vu Reklamante par rapport zum PAP an do wäert Dir och herno gesinn, datt mir zu engem ganz gudden Deel deene Reklamatiounen konnte Rechnung droen a mir hunn esouguer - wéi dat oft ass bei PAPen, och wann d'Gesetz et net virgesäit, contrairement zum PAG, datt ee seet datt ee Reklamante muss gesinn, bei engem PAP ass dat jo net de Fall, dee muss ee net gesinn - hu mer awer hei de Wee ageschloen, datt mir d'Reklamanten och am Kader vun engem PAP gesi fir emol mat hinnen am Dialog déi verschidde Punkten, déi si zum Virschäi bréngen do wou si reklaméiere, fir dat awer mat hinnen eng Kéier duerchzediskutéieren an et kritt een och en anert Versteesdemech wéi wann ee klassesch bei engem Courier bleift.

Deene Reklamatiounen hu mir och deelweis Rechnung gedroen a wéi gesot, haut läit den Dossier am Gemengerot an da ginn ech elo hei och dem Luc Wagner d'Wuert fir dat ze presentéieren. Dat ass engersäits de PAP wéi en eragereecht gouf, wat am Fong d'Reaktioun war vum Ministère de l'Intérieur wéi och par rapport zum Rapport justificatif, respektiv awer och déi Adaptatiounen, déi mir gemaach hunn op déi Remarqué vum Intérieur awer op déi Remarquen, respektiv Reklamatiounen vun de Bierger, déi eis hire Courier zoukomme gelooss hunn. Voilà, ech ginn dann d'Wuert direkt weider un de Luc Wagner.



LUC WAGNER (WW+ARCHITEKTUR A MANAGEMENT):

Gudde Moie vun eiser Sait aus hei vu WW+, d'Anaïs Lai a Luc Wagner. Et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, ass d'Presentatioun quasi an zwee Deeler opgedeelt. Deen een Deel, do geet et éischter ëm dee méi städtebaulechen allgemenge Projet an deem zweeten Deel, dee gëtt da vum Anaïs Lai presentéiert. Do geet et da méi ëm déi Reklamatiounen an déi Remarque fir dann ze weise wéi a wat fir enger Form mir déi an de Projet afléisse gelooss hunn. Ech probéieren och elo, esou gutt et geet vun hei iergendwéi ze weisen – wann dat richteg klappt well ech muss nämlech gläichzäiteg an de Mikro schwätzen an do gesinn ech och wou mir dru sinn. Voilà, d'Produktioun ass schonn zum groussen Deel gemaacht.

Hei gesitt Dir nach eng Kéier E Bild vun der MOPO vum PAG. Uewe stinn och déi wichteg Koeffizienten un déi mir eis hu missen halen. Also e COS Coefficient d'occupation du sol vun 0,35, eng Utilisation du sol (CUS) vun 0,65, e Scellement du sol vun 0,7 an eng Densité de logement vu 40. Iwwer d'Datumer ass de Buergermeeschter grad schonn drop agaangen. Villäicht direkt deem nächste Slide, wou eigentlech de Schema-directeur och vum Projet wéi Dir en och kennt aus der MOPO vum PAG nach eng Kéier duergestallt ass. Also, hei gesitt Dir nach eng Kéier dee Schema-directeur och mat deene verschiddenen Densitéiten a Faarwen. Déi schwartz Strëcher, déi drop sinn, do geet et ëm d'Erschléissung. Et ass u sech esou, dass een hei och gesäit, dass mir an deem Beräich méi eng grouss Densitéit hunn an dann hëllt déi progressiv of hei a Richtung Simonstrooss. Dat huet och domat ze dinn, dass mir hei villäicht schonn haut aktuell méi Residenzen hunn an eis hei natierlech och wëllen un déi aktuell Struktur vun der Ëmgebung letztendlech uppassen. Wat och wichteg ass, dass mir eng kleng Zentralitéit Bireng-Ribeschoep an deem Beräich wëlle schafen. Mir wëssen, dass mir en Arrêt vum CFL op der Plaz hunn, wat natierlech e super Virdeel ass fir do kënnen an deem Sënn ze densifizieren, eng kleng Zentralitéit hei an eng aner Quartierszentralitéit an deem Beräich. Wat och wichteg ass, dass ass dass laanscht d'Bunn do hu mir eigentlech eng gréng Zone, eng Pufferzone, déi mir och en tant que telle als Servitude insgesamt um gesamte Projet halen.

Sou gesäit de PAP dann insgesamt aus. Hei gesäit een déi verschidden Themen, duerch déi mir ginn. Dat ass natierlech wéi ëmmer en technesche Plang, e reglementaresche Plang, also kee Schönplan, mä mir kënnen awer all eenzele Punkt letztendlech duerchgoen hei uewen, hei mat der Légende-type. Dann hei uewen allegueren d'Case vun deenen eenzele Lousen. Hei gesäit een d'Situatioun vun de Surfaces à céder deementspreechend och vun den Infrastrukture vun de Stroossen an der

Gréngzon. Hei uewe gesäit ee wou déi Servitude drop ass an och deem dote Beräich. Mir leien insgesamt bei 33,39% vu Surfaces à céder wat natierlech iwwer deene 25% läit, mä dat huet virun allem domat ze dinn, dass déi heite Gréngzon déi hei mat dran ass mat cedéiert gëtt an dozou féiert dass mir do net grad op déi 25% letztendlech komm sinn. Insgesamt sinn et keng 53 Lousen mä 39 Lousen, dat ass e Schreiwfeeler op där doter Plaz. Dann hu mir nach weider Servitude-de-passagen, dat huet och domat ze dinn ebe fir net déi Surface ACD nach méi grouss ze maachen.

Et gëtt virun Allem an deem Beräich vun der zentraler Axe déi hei op dee futur Arrêt geet, deem och soll ëmgestallt ginn. Do waren och Diskussiounen mat der CFL an do wollte mir de Stroosseraum e bësselche méi breet halen, de Shared Space an deem Beräich méi interessant maachen an do war et awer net méiglech fir dann déi dote grouss Surface mat ze cedéiere well soss hätte mir de Prozentsaz nach weider erop gesat, sou dass mir do gesot hunn dat bleift privat an do kënnt eng Servitude dodriwwer leien. Dat ass déi eng, an déi aner hu mir all Kéier s hei eng Zone de protection letztendlech an deem Beräich gemaach ronderëm déi aktuell Tankstell an och hei eng Servitude als Ecran vert do drop geluet.

Dann, d'Stroossesituatioun, do ass et esou, dass et eis wichteg war eigentlech kee Schläichverkéier duerch de Quartier goen ze loosse. Dofir ass et esou, dass een op dëser Sait just erafuere kann an hei erausfuere kann an hei op dëser Sait kann een awer an déi zwou Richtungen fueren, mat enger Spillstrooss an deem Beräich, déi méi berouegt ass. Et ass also e ganze Beräich hei deem ass an zwou Direktiounen an hei ass et da just à sens unique, wéi een erauskënnt, mat enger klenger Plaz an deem Beräich och erëm fir den zukünftigen Halt vun der CFL.

Dann, wat hu mir um Niveau vun de Gebaier virgesinn? Wéi de Schema directeur et och weist, hu mir déi kollektiv Gebaier hei an deem Beräich virgesinn. Et ass awer och eent dat nach hei ass an de Rescht dat sinn Eefamilljenhaiser. Insgesamt hu mir 33 Eefamilljenhaiser als Logementer an 145 Logements collectifs, wat dann insgesamt 178 Logementer ausmécht mat enger Densité, mat enger DL vu 40 leie mir bei 39,21. D'Residenzen, déi si kleng, 10 bis 12 Unitéiten. Dann hu mir hei eng Spezialresidence an deem Beräich virgesinn, mat 18 Unitéiten, esou eng Aart Boarding House, also Chambre-meubléeën, wou et sécherlech eng Nofro an deem Beräich gëtt an et ass och kloer, dass an deem Beräich och um Rez-de-Chaussée Commerce ka virgesinn. Mir wëlle jo dëse Beräich hei staark beliewen. An deem Beräich hei vir ass op alle Fall Commerce virgesinn. Hei ass et nach weider méiglech an och an deem reckwäer-



tege Beräich ass zum Beispill ugeduet eng Crèche doran ze kréien.

Wat de Logement à coût modéré ugeet, do ass eigentlech dës Bande letztendlech erausgesicht gi mat e puer méi kleng Residences, déi hunn och just zwee Niveaue an dann hu mir hei nach dräi Eefamilljenhaiser, déi elo an deene Louse vu Wiesen-Piront draleien. Selbstverständlech, hei ass mat developpéiert gi fir en anere Propriétaire an hei hannen an dësem Beräich och do ass da jee weils an deene Residences och iwwer déi 10% ee Logement à coût modéré virzugesinn. Hei gesäit een dann nach eng Kéier d'Héichten no deene verschiddene groen Nuancen. Hei si mir op dräi Niveaue plus e Retrait, hei hu mir just zwee Niveaue, zwee Niveaue plus e Retrait. Hei dee ganze Beräich vun den Eefamilljenhaiser, dat sinn zwee Niveaue plus e Retrait am Daach. Also och do hale mir d'Densitéit hei ronderëm déi zentral Achs an dee Beräich, dee mir believe wëllen natierlech an der Concordance mat dem Arrêt CFL an enger Bushaltestelle hei vir, esou datt do en Dialog soll entsoen an eng nei Zentralitéit fir de gesamte Quartier. An dann hei eben dee méi rouege Beräich, deen och nach hei progressif no do iwwer geet wouch sech dann och an den Héichten déi Saach staffelt. Bon, do brauche mir net weider drop anzegoen, et sinn eng ganz Partie reglementaresch Schnëtter gemaach ginn, wou Dir hei eng Kéier gesitt am Kader vum PAP.

Da war och nach en Thema ze behandle wou et dréms gaangen ass fir de Coefficient de scellement de sol ze definéieren. Bei deem leie mir, ech menge 0,7 ass virgesinn a mir leie bei 0,68. Reell um PAP, do ass et esou, wéi dat an de Calcul geet, déi Surfacen déi elo hei gréng sinn, beispillsweis, déi iwwer den Déifgarage leie kréien dann awer eng Begréngung wat eis och ganz wichteg ass an dementspreechend gëtt do de Coefficient mat 0,55 an d'Rechnung erageholl mä dat ass éichter och en techneschen Deel. All déi aner Surfacen déi gi mam Koeffizient 1 an d'Berechnung erageholl.

Da si mir bei der Fro vum Parken. Mir hunn insgesamt 6 ënnerierdesch Parkingen op deene verschiddene Lousen. Hei ass ee ganz grouse virgesi wou mir och eng Remarque kritt hunn. D'Anaïs Lai geet herno kuerz dorop an, mä do hu mir anschlëssend an der Modifikatioun och d'Méiglechkeet ginn, fir aus deem enge Parking, aus der Gruppepropritéit der zwou ze maachen an de Parking letztendlech ze scindéieren. Dann ass et éichter bei den Eefamilljenhaiser alles wat blo ass, do schaffe mir mat Carporten am viischte Beräich a soss mat Dependancen tëschent den Haiser, déi dann iwwer d'Garage letztendlech matenee jumeléiert sinn. Also 26 insgesamt där bloer, 6 dat sinn déi mauve, déi repertoriéiert sinn an déi 6 gi souterrain.

Hei gesidd Dir dann eng 3D-Simulatioun an deem Beräich wou mir déi héchsten Densitéit hu fir ze weise wat fir eng Intentioun mir an deem Beräich wollten duerstellen. Hei nach eng Kéier vun der Lëtzeburger Strooss mat enger éichter Approche mat engem relativen Reul hei zu dem Kommerz deen hei soll enstoe fir d'Amorce vum Quartier ze maachen. Also op dëser Säit mat

och Volumen déi e bësselchen opgelockert sinn a net sou kräfteg ausgesi mat Retraiten, also mat engem Jeu tëschent Creuxen a volle Flächen. Et kënnt een hei eran an et huet een am Bléckfeld direkt hannen, dat do ass natierlech elo e Bild vun eis, dat wäer nach mat der CFL deementspreechend ofzestëmmen. Wou mir do virstellen oder virschloen e kleng Rappel ze maache mat engem Tuerm. Dat ass allerdéngs net Bestanddeel vum PAP, dat muss ee ganz kloer soen, mat enger klenger Virplaz wou een e Kiss & Go ka maache fir déi Leit déi Mol een ofliwweren an an der méi grousser Residence hei hannen um Rez-de-Chaussée wäer dann och d'Crèche déi dann dementspreechend d'Gréngzon hei hannen zur Verfügung hätt. An dann ass d'Iwwerleeung ebe mat deene kleng Pavillonsstrukturen déi déi grouss Gebaier matenee verbannen um Rez-de-Chaussée, fir ze soen "hei kritt een awer eppes wat convivial ass", wou och mol e Café oder Restaurant sech kann niddelroossen, mat esou Retraiten an dësem Beräich, esou datt et och do wierklech méiglech ass, ouni Problem esouwuel Gréngs ënnerzebréngen wéi e puer Stellplazen ënnerzebréngen am ëffentleche Raum, esou datt een, dat gesäit een hei vir, all Kéier regroupéiert, sou dräi Stellplazen, fir datt och Autoe kënnen kuerzzäiteg do parke fir dee ganze Beräich ze believe a convivial ze maachen a Form vun engem Shared Space wou Zonen duerchlafen an eigentlech de revêtement vu Fassad zu Fassad leeft, sou datt et do wierklech zu engem agreablen neien Zentrum letztendlech kënnt.

Aus wat besteet de PAP, da sinn ech eigentlech mat menger Presentatioun sou wäit duerch, eng klassesch Partie graphique, de Lageplan mat senger Schnëtter an dann de Rapport justificatif. Do op der enger Säit wou Dir och nach eng Kéier all déi Erklärungen zum Städtebau erëmfant an da selbstverständlech d'Partie écrite, esou datt den Dossier an där Form vollstänneg ass an lech och virläit.

Da géing ech d'Anaïs Lai just bieten, ganz kuerz op déi verschidde Remarquë vun der Cellule d'évaluation vum Banneministère anzegoen, ze erkläre wat mir dovun iwwerholl hunn a wat mir net iwwerholl hunn an och Erklärungen dozou ze ginn respektiv och nach zum Schluss op déi zwou Reklamanten an ze goen och fir do ze weise wat mir iwwerholl hunn a wat net. Dann emol Merci vu menger Säit.

ANAÏS LAI (WW+ ARCHITEKTUR A MANAGEMENT):

Bonjour à tous. Je suis désolée, je vais parler en français mais après vous pourrez débattre en luxembourgeois, il n'y a pas de problème. Donc, je vais vous présenter l'avis de la Cellule. Tout d'abord on avait une non-conformité au PAG qui a été trouvée. Au niveau des dépendances, les abris de jardins, donc une modification à hauteur des dépendances nous a été demandée. Donc au lieu d'avoir trois mètres on était plutôt sur deux mètres cinquante (2,50m). En ce qui concerne les stationnements nous avons aussi des rejets ponctuellement au PAG concernant la clé de stationnement. Elle a été demandée d'être réduite par le Ministère de l'Intérieur. Donc actuellement nous avons une place et demie prévue pour les logements collectifs. La clé de stati-



onnement a été réduite à 1,2. Concernant les autres clés de stationnement, nous avons aussi demandé une dérogation au PAG, donc on a demandé une dérogation de une place pour les logements avec les appartements meublés pour les locations à court terme et 0,5 emplacement sur le domaine public par logement. Ces dérogations ont été validées par le Ministère.

Ensuite, on avait eu également une petite remarque concernant le PAG "mouture 1937". La Cellule nous avait dit qu'aucune nouvelle procédure d'adoption du PAP NQ pourrait être entamée aussi longtemps que la saisie du conseil communal de la réforme du PAG n'aura été effectuée. Donc là on a tout de suite contacté le Ministère pour demander qu'est-ce que représentait cette remarque. Ils nous ont envoyé un e-mail pour dire qu'il n'y avait pas besoin de prendre en compte cette remarque, que c'était une erreur. Donc ça c'était pour les remarques concernant la non-conformité par rapport au PAG.

Ensuite ils nous demandé de prendre en compte recommandations pour qu'on soit conforme niveau du PAP. On n'est pas obligés de les suivre, mais en tout cas on a essayé de regarder toutes ces réclamations. Donc, la première c'était au niveau du dimensionnement de l'espace rue du boulevard, c'est ce que vous voyez ici et là. Donc là, la Cellule d'évaluation nous avait demandé, ils trouvaient que l'espace rue était surdimensionné notamment au niveau des chaussées dont j'ai parlé, les bandes de stationnement. Ce qu'ils nous avaient préconisé c'était de réduire en fait les bandes de stationnement qui sont situées ici et de supprimer certaines bandes de stationnement. Donc cette remarque, nous avons pris en compte partiellement cette remarque dans la zone du Shared Space, donc celle-ci, la numéro un. Dans la zone du Shared Space nous avons réduit, la réduction de la largeur du Shared Space n'était pas souhaité, mais par contre nous avons quand même souhaité réduire les stationnements qui sont ici. Donc par rapport à ce que vous avez ici, donc le plan qui est situé en haut, c'est l'avis de la Cellule d'évaluation avant les recommandations et ensuite c'est le PAP après les changements suivant les remarques de l'avis de la Cellule. Donc ici, vous voyez qu'on avait plus de stationnements et donc là les stationnements étaient réduits et compensés dans cette zone qui est située ici à côté de la zone de l'aire de jeux.

Ensuite on avait une seconde remarque concernant le Ministère, concernant l'implantation des dépendances. Le PAP projetait l'aménagement d'un carport dans les reculs intérieurs des constructions, ce qu'il y a eu lieu d'éviter afin que l'espace rue et les rez-de-chaussée individuels ne soient pas dominés par les voitures ou leurs emplacements. Donc, ils nous avaient préconisé d'installer les dépendances plutôt dans les reculs latéraux ou bien de procéder à des carports regroupés. Nous n'avons pas réalisé de modification concernant cette remarque. Une mixité des typologies de logements était déjà installé dans l'ensemble du PAP. Nous avons déjà installé des dépendances au niveau des reculs latéraux, également reculs frontaux et tout ce qui était des solu-

tions concernant les stationnements groupés, nous ne les avons pas pris en compte, ce n'était pas souhaité.

Une autre remarque, c'était concernant le front bâti et les perspectives depuis l'espace rue. La Cellule d'évaluation nous a dit que les échappées visuelles qui débouchent sur des pignons de façades aveugles ou vers des entrées de garages ou des rampes ou des emplacements de stationnement sont à exclure. Donc, c'était tout ce qui concerne ici, tout ce qui concerne également ce point là et également tout cela, ce qui donne sur des emplacements de stationnement.

La Cellule d'évaluation nous avait proposé un réaménagement de ce lot ici, le lot 24. Ils nous avaient demandé de mettre en front, à la fin de la rue, un immeuble collectif et ils avaient réaménagé cette placette au niveau de cet espace-là. Nous on n'a pas pris en compte cette solution puisque la solution qui était apportée par le ministère, elle n'était pas idéale et il y avait de nombreux vis-à-vis entre les maisons unifamiliales et les collectives et c'était trop imposant et on avait remarqué qu'il y avait un manque d'intimité qui était clairement perceptible.

La remarque suivante concernait les aménagements et les plantations des arbres, donc la Cellule nous avait demandé de prévoir l'aménagement d'arbres dans les espaces verts publics. Vous voyez sur le PAP qu'il y a des arbres qui sont quand-même présents. Les arbres présents étaient souhaités surtout dans l'espace des voiries le long des trottoirs. Pour tout ce qui concerne les points de la voie ferrée, cette zone qui est située ici, nous n'avons pas mis d'arbres. C'était volontaire puisqu'on a vraiment un aménagement spécifique sera prévu avec le maintien des arbres qui sont existants selon leur état de santé et leur conservation.

On continue donc sur les remarques concernant l'implantation des reculs. La Cellule d'évaluation nous a demandé d'optimiser l'implantation des constructions en privilégiant des faibles reculs antérieurs et latéraux. Ils nous avaient demandé sur l'ensemble du PAP de rapprocher les constructions et d'avoir des reculs avant qui faisaient trois mètres. Nous n'avons pas pris en compte cette remarque. On a très peu d'espaces verts qui sont dans le quartier et on pense que les reculs permettent de créer des espaces visuellement plus importants et permettent aussi de garantir des espaces verts ou aménagements qui donnent sur la rue et permettent de garantir une certaine cohérence.

La seconde remarque c'était les implantations et typologies qui sont ici. Les différentes typologies ont été regroupées par zones ce qui génère des sous-quartiers. Les diverses typologies d'habitation sont donc à combiner et à répartir sur l'ensemble du site pour former une entité cohérente. Ils trouvaient un peu dommage d'avoir toute cette zone ici qui soit distinguée uniquement par les collectifs et qu'on ait une distinction au niveau des maisons unifamiliales. Nous n'avons pas amené de modifications concernant ce point. On voulait garantir en fait une certaine mixité au niveau des logements collectifs, qu'ils soient proches du Shared Space et proches de la



future halte, ce qui nous semblait important pour garantir ici les collectifs.

Nous avons étudié également en détail toutes ces installations collectives pour minimiser l'impact des accès souterrains et garantir des aménagements collectifs intéressants notamment au niveau de cette typologie ici. Nous avons une remarque aussi concernant les copropriétés et les sousols démesurés. La Cellule nous a dit que pour les copropriétés immenses avec des sous-sols démesurés notamment au niveau des lots 4 et 5 - donc c'est celui-ci et celui-là - il était préconisé de séparer au niveau du lot 4 des copropriétés et de les séparer en trois lots pour réduire fortement l'ampleur des sous-sols projetés. Donc, là nous n'avons pas réalisé de modification. On a simplement apporté une précision dans la partie graphique. Avant nous avions un seul accès au parking souterrain et donc nous en avons ajouté un deuxième pour garantir la possibilité de scinder en deux ce parking de copropriété pour pouvoir le garantir dans un différent phasage.

Nous avons eu une remarque concernant les trames et les rythmes de façade. Il nous a été demandé de définir une trame pour les façades des immeubles collectifs. Les séquences visuelles doivent être plus étroites que hautes afin de générer une échelle harmonieuse du bâtiment. On a pris en compte la remarque et on a installé un article supplémentaire qui a été ajouté en partie écrite concernant les saillies et les éléments de façade.

La quatrième remarque c'était concernant le recouvrement des rampes d'accès au parking souterrain. Il nous a été demandé de minimiser l'impact visuel des rampes d'accès communes. Donc, là on a pris en compte cette remarque. Diverses possibilités ont été répertoriées en partie écrite afin de laisser le choix aux différents architectes qui vont réaliser ces lots. L'article a été complété dans les espaces scellés. Nous avons proposé des aménagements type végétal, toiture végétale verte, pergola et plantes grimpantes. Donc là, la Cellule d'évaluation nous a demandé de procéder à quelques modifications au niveau de la partie graphique et de la partie écrite.

La première modification c'était surtout concernant les limites des surfaces constructives et des constructions souterraines. Ils nous ont demandé de faire un changement au niveau de la légende type. Nous avions une différence de couleurs qui n'étaient pas très distinctes en tout cas visuellement mais on a changé une couleur au niveau des gabarits souterrains, donc on est passé du brun au gris et également au niveau des eaux usées et des eaux pluviales on avait un bleu qui était trop clair par rapport à la légende qui était demandée. Concernant la représentation schématique du degré d'utilisation du sol, ce sont les tableaux qui sont présents dans la partie graphique. Les surfaces des ces tableaux étaient notées en mètres carrés. Ils nous ont demandé de les changer en ares. Ils nous ont également demandé d'ajouter tous les reculs par rapport aux limites, donc les reculs postérieurs. Ces reculs ont été ajoutés. Donc des reculs postérieurs minimaux ont été ajoutés sur l'ensemble des lots du PAP.

Concernant la partie écrite, la Cellule nous a préconisé de fixer les mixités des fonctions. Nous avons ajouté à l'article C1 la mention minimum 15% de surface construite brite dédiée aux autres fonctions dans les lots 2A et 3A. Ce sont ces lots ici et là. Ils nous ont également demandé de changer une phrase. Il s'agit de la phrase concernant les surfaces pouvant être scellées représentant des surfaces maximales dans lesquelles l'usage de matériaux perméables est autorisé. Nous avons écrit « est à préconiser ». concernant l'article des logements à coût modéré, la Cellule nous a demandé de répartir davantage les logements à coût modéré sur l'ensemble du PAP et des différents bâtiments et ils nous ont demandé d'adapter en conséquence l'article D16. Nous, on n'a pas pris en compte cette réclamation. Nous avons déjà une mixité qui est présente dans le projet avec l'installation des logements comme l'a expliqué Luc Wagner. Des logements à coût modéré qui sont situés sur cette partie-ci, donc dans des collectifs. Ici on a un collectif mixte avec quelques appartements qui sont destinés pour les logements à coût modéré et nous avons également ici des maisons unifamiliales qui sont pour les logements à coût modéré. Donc la mixité est déjà présente dans le PAP.

Ils nous ont également fait une remarque concernant les constructions et les éléments naturels à sauvegarder. Ils nous ont demandé de retirer cet article. Ça c'était une erreur puisque dans le PAP nous avons à cet endroit-ci une haie qui est existante qui était à préserver. Donc nous n'avons pas pris en compte non plus cet article. Là, on a vu tout ce qui était des réclamations concernant la Cellule d'évaluation. On va passer aux réclamations que nous avons eu sur le projet. Nous en avons eu deux. La première c'était les habitants de la maison 21 et 21a, rue Jean Simon. Il y avait eu un petit qui pro quo au niveau du lot numéro 39. Ce n'était pas clair pour eux au niveau des cotations. Donc ils nous ont demandé d'ajouter des cotations dans les reculs latéraux. Comme vous le voyez sur le dessin, nous avons qu'une seule cotation ici. Donc nous en avons rajouté une à cet endroit-là et nous avons également rajouté toutes les cotations des reculs postérieurs minimales. Nous avons également reçu une remarque concernant les parkings publics, donc ces parkings qui sont situés ici. Ces parkings pouvaient générer de nombreuses sources de désagréments, notamment au niveau du bruit ou visuellement trop proches de la parcelle existante qui se situe ici. Donc, nous avons pris en compte cette remarque. Les stationnements étaient réduits et installés parallèlement à la voie. Ils étaient perpendiculaires au départ et nous les avons installés parallèlement à la voie et nous avons compensé la perte de stationnements dans cette zone qui est située à côté de l'espace vert et de l'aire de jeux.

Nous avons eu une remarque concernant le plan cadastral. Il y avait une petite erreur au niveau de l'implantation des limites cadastrales existantes. Nous les avons remodifiés ici. Donc, cela a été adapté, les limites cadastrales ont été adaptées concernant celles qui sont situées rue Jean Simon. Donc ça c'était pour les habitants des maisons 21 et 21a.



On a également reçu des réclamations concernant les habitants de la maison 15 à 19, rue Jean Simon. Donc il y avait toujours un petit qui pro quo du lot 39 qui était dû également à une erreur au niveau du cadastre qui est ici. Donc, nous avons adapté le cadastre en conséquence et nous avons également ajouté un cotation des reculs latéraux et postérieurs pour plus de clarification. Nous avons eu également une remarque sur l'accès unidirectionnel au lotissement. Il nous avait été demandé si ce n'était pas possible d'ajouter un double sens au niveau de la route de Luxembourg. Malheureusement nous ne pouvons pas le changer puisqu'il y a un accès et connexion avait déjà été étudié par le bureau Schroeder et nous en avons déjà discuté avec les Ponts-et-Chaussées, donc ce point n'a pas pu être modifié.

Et nous avons également une remarque concernant les reculs. Pour les reculs postérieurs, comme vous le voyez sur le premier plan, nous n'avons pas de cotations pour les reculs postérieurs. C'est habitants se posaient la question de ces reculs postérieurs de ces bâtiments ici et là. Ils trouvaient que c'était peut-être trop proche puisqu'ils ne voyaient pas la cotation. Donc ce que nous avons fait, c'est nous avons rajouté ces cotations. Et également, ils avaient un doute sur les limites et les reculs latéraux de ces lots ici et là, où ils trouvaient les reculs trop proches. On est partis sur le principe que sur l'ensemble du PAP, nous avons mis un recul latéral de trois mètres et ce recul latéral de trois mètres est déjà plus grand que ce qui est autorisé par le PAG actuel, qui est de 2,5. Donc nous avons quand même des reculs latéraux qui sont plus importants que ce qui est actuellement en vigueur. Voilà pour tout ce qui était réclamations et avis de la Cellule. J'espère que j'ai été claire et si vous avez des questions nous sommes là pour y répondre. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci lech zwee fir d'Presentatioun an d'Explikatiounen. Ech ginn dovun aus, datt sécherlech nach eng Rei Froe sinn, wéi dat effektiv ëmmer esou ass bei engem PAP, deen een erareecht, oder Remarquen, déi da formuléiert ginn. Do bewegt ee sech, et adaptéiert een. Et sinn Elementer, déi kann ee berücksichtigen, zréckbehalen, anerer si méi schwéier, also ech mengen, datt mir hei e ganz gudder Wee fonnt hunn, wou mir de part et d'autre jidderengem probéiere Satisfaktioun ze ginn an och déi Remarquen zeréckbehalen. Dëst gesot, d'Diskussioun ass op. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Merci fir d'Presentatioun, déi ass ganz interessant gewiescht. Ech hu mir dee ganzen Dossier erausgeprint gehat an ech hunn dat gutt duerchgekuckt an do sinn eng ganz Rei vu Froen, déi ech mir gestallt hunn herno. Eng kleng Fro war just beim Amenagement: Hutt Dir Urban Gardening geschriwwen, do hunn ech mech gefrot ob do iergendwéi schonn e Projet do ass, wéi mir eis dat virstellen? Wien sech ëm den Ennerhalt dovun bekëmmert?

Deen zweete Punkt ass d'Gestion des déchets. Do hunn ech mir e e bësselche Gedanke gemaach wat een do maache kéint fir d'Gestion des déchets, well ech et am

Fong relativ elle fanne wann s Du iergendwou duerch eng Cité fiers an da steet dee ganze Koup Poubellë virun der Dier, op de Säite vun den Appartemen, verschidde Residenzen huelen se guer net méi eran. Dat ass de Fall am Moment op verschiddene Plazen. An du hunn ech mech gefrot ob et net interessant gewiescht wier, eng zentral Poubelle ze maachen, déi ënnerierdesch ass fir de Knascht dranzegeheien, déi ee mat enger App oder enger Kaart ka steieren, fir ze gesinn och wie wéivill ewechgeheit zum Beispill. Sou kann ee villäicht och déi Leit beloune mat engem Bong fir an den OUNI akafen ze goen, fir déi wou am mannste Knascht maachen. Esou kéint een och op déi Aart a Weis do dee regionalen Handel fërderen, dee wou verpackungsarm ass. En ähnleche Projet gëtt et zu Stockholm an en ähnleche Projet gëtt et och zu Freiburg, dee wou ganz grouse Succès huet a wou ganz vill Stied, hunn ech gesinn, sech dohinner renseignéiere gi fir dat ëmzesetzen. Net nëmme Stied mat ganz décke Budgeten, mä och Stied wou eben dense gebaut gëtt, fir de Knascht do e bësselchen an de Grëff ze kréien. Et war just eng kleng Ureegung. Ech hunn d'Dokumenten erausgeprint, da kann ech se och gäre matgi fir sech e bësselchen driwwer ze renseignéieren. Et ass och villäicht ganz interessant fir herno de Projet op NeiSchmelz fir villäicht dat e bësselche mat eralafen ze loossen.

Dann ass ee Punkt, dee mir an d'Ae gestach ass, dat ass dee vun de Solarpanneauen. Do steet drop, op der Sait 26 41 " des panneaux solaires de type photovoltaïques ou thermiques sont autorisés sur les toitures ". Do, fanne mir, misst mëttlerweil drastoen, datt all Haus misst Solarpanneae kréien. Firwat soen ech, dat misst esou sinn? Ma well e bësselche méi wäit am Text steet, datt 25% vun de Parkplaze mussen Elektroborne kréien. A wa mir soen, datt mir 25%, also ronn 50 Elektroborne herno mussen opstelle fir de Stroum ze maache fir d'Autoen, da musse mir och iergendwéi eppes maache fir datt de Stroum kann dohinner kommen. Wa mir soen, datt een dat maache kann, dann heescht dat nach laang net, datt dat gemaach muss ginn. Fir e normaalt Familljenhaus kaschten d'Solarpanneae ronn 20 000 Euro. Wanns Du en Haus keefs, an du hues de Choix fir 20 000 Euro elo do dran z'investéieren ob s de wëlls Solarpanneae maachen oder ob s de awer villäicht Miwwele keefs oder de Rescht vun dengem Haus domadder amenagéieren, ech mengen, do ass bei ville Leit de Choix schnell getraff, well du brauchs wierklech ëm déi 16 bis 20 Joer bis deng Solarpanneae sech rentabiliséiert hunn. Virun allem op de Residenze fannen ech, well do virgesinn ass, esou vill Grénges ze maachen, dat ass och am Fong op eng Manéier gutt, mä op déi aner Manéier, wa mir keen Atomüll méi wëllen hunn, wéi mir herno hei an enger Motioun wäerten diskutéieren, wa mir géint Cattenom protestéiere ginn, datt mir keen Atomstroum wëllen, fannen ech, da musse mir an engem Projet wéi deem heiten op all Haus Solarpanneauen maachen, well soss kënnen mir net A soen an dono en anere B. Mir musse schonn do op enger Linn bleiwen.

Dann d'Mobilitéit, do maache mir eng eenzeg Sortie op d'Lëtzeburger Strooss. Dat heescht, d'Leit wäerten awer duerch d'Cité fuere fir ofzekierzen. Dir hutt gesot,



datt op enger Plaz de Verkéier e bësselche wäert brem-sen duerch eng Zon Aire de jeux, wéi Dir dat genannt hutt, wat am Fong jo och ze begrëissen ass, mä ech wëll just soen, fir déi déi scho méi laang zu Diddeleng wunnen, déi Aral-Station déi wou do ass, déi hunn de Passage selwer zougemaach mat enger Ketten, well do d'Leit iwwer d'Tankstell gefuer si fir dräi Meter ze spue-ren a net musse beim Stoppschëld stoen ze bleiwen. Dat war fréier esou do. An elo hei wa moies do Stau ass, fuere ganz sécher och duerch déi Zon Aire de jeux Leit mam Auto duerch an sech dann do och net un déi Vites-selimitatioun halen, déi mir hinne virschreiwen. Wa mir esou maachen, dann hätt Dir missen d'Strooss einfach deelen, fir datt een net kann duerchfuere.

Wa mir wëlle schonn hunn, datt d'Leit mam Auto rafue-ren, wat ech zum Beispill net begrëisst hu vun Ufank un, mä wa mir schonn duerchfuere loossen, da musst Dir esou maachen, datt si net kënnen als ganze Passage maache mä da musst Dir d'Strooss zoumaachen op en-ger Plaz, datt ee just bis op e gewëssene Punkt kënnt. Da maache mir eng Kéier mat zwou Parkplaze well fënnf zevill sinn. Souguer de Ministère de l'Intérieur gesäit an, datt mir sollen den Autoverkéier net ze vill fërderen. Do stellt sech awer elo d'Fro bei mir, wa mir 1,2 Parkplazen am Ganze maachen, wéi stellt Dir lech da vir, datt mir dat mat de Vignettë maachen? Maache mir da global gesinn och 1,2 Vignette fir dat Ganzt? Also, mir schnei-den d'Vignette net, mä kritt een da global gesi fir de ganze Site, verdeele mir just 1,2 Vignetten oder gi mir awer op zwou Vignettë pro Haushalt sou wéi dat bis elo iwwerall ass? Well wa mir dat maachen, da feele jo eng ganz Rei vu Parkplazen. Wann 178 Wunnenge kéime mat zwee Autoen, dat ginn 356 Autoen. Mir kréien an deem Fall, wa mir dat mol 1,2 maachen, just 213 Parkplazen. Da feelen der 143 Stéck. Déi 143 Autoen, déi géifen dann am Fong ronderëm parke goen, an d'Lëtzebuenger Strooss, an d'Simon Strooss. Déi géifen sech dann du-erch dee ganze Birenger Eck verdeelen, déi 143 Autoen. Dat sinn der awer trotzdem relativ vill.

Mir haten d'Propos gemaach fir en autofrâie Quartier ze maachen. Et hätt ee kéinten e Concours lancéieren, d'Diddelenger Awunner mat abannen. Et hätt ee kéinte Studentewunnenge maache, Logementer fir méi eeler Leit, eng Mixitéit fir all Alterskategorie. Hei wier effek-tiv kee Quartier gemaach gi fir jiddereen, mä et hätt eng Populatioun ugezunn, déi da Loscht gehat hätt, ouni Auto ze liewen. Jiddereen heibanne kennt op d'mannst een, dee keen Auto wëll aus lwwerzeegung. Do sinn ech mir ganz sécher. Ech kennen der e puer an Dir kennt der sécher och eng ganz Rei. Dat wier eng lddi gewiescht fir en innovative Projet ze maachen ouni Auto, sou wéi en um Lampertsbiërg och e grouse Succès huet a mir hätte kéinte Leader sinn am Land vun engem e bëssel-che méi grouse Projet ouni datt en iwwerdimensional grouss ass. Déi lddi war komm well de Site gutt un den effentlechen Transport ugebonnen ass, deen ee weider ausbaue kann a muss a well d'Lëtzebuenger Strooss de Verkéier einfach net packt. Mir maache mat deem Projet mat deenen iwwer 350 Autoen den Diddelenger kee Gefalen. Mir maache just nëmmen nach méi Stau domadder. Stau féiert zu Frust, verlueren Zäit, déi ee

mat der Famill kéint verbréngen an dat Ganzt ass fir de Bierger net méi tragbar. Dir hutt kee Verkéierskonzept a kee Plang dofir. Mir hu gefuedert a fuedere weiderhin en Aarbechtsgrupp ze schafe wéi et beim PAG war fir kën-nen zesumme mat Experten a Leit vun Diddeleng, vun de Parteien eng Strategie auszeschaffe fir dee Verkéier an de Grëff ze kréien an e Grupp ze hunn, dee wäitsiichteg denkt a plangt.

Dee Site gesäit och net aus wéi wann en immens vë-lostfrëndlech géing ginn. Mat enger Zone de rencontre, d'Mobilité douce op dëser Plaz gëtt net onbedéngt ge-fërdert mä do ass et geféierlech. Wéi wëllt Dir hunn, datt d'Leit awer weiderhi mat 20 Kmh do fuere? Wéi maache mir, datt d'Leit do ofbremsen? Et war scho schwéier am Shared Space. Mir hunn am Text och no-gesicht. Ech hat gekuckt ob ech iergendwou géing Vë-loe fannen, dunn hunn ech de PDF geholl, ech hu "Vélo" aginn. Ech hunn 20 Säite fonnt mä dat war all Kéier am Wuert Développement, dat heescht, Vélo selwer stoung néierens. Duerno hunn ech probéiert fir "Cycliste" ze si-chen. Do hunn ech och näicht fonnt gehat. Ënner "cycla-ble" hunn ech eppes fonnt, mä déi Freed war just vu ku-erzer Dauer well näischt dovu wäert ëmgesat ginn. Et si just zwou Proposen am Schéma directeur ënner "Con-cept de mobilité et infrastructures techniques" ganz uewen op der Sait 13. Dat war : "Les déplacements piétonniers et cyclables à l'intérieur du quartier peuvent se faire par la desserte locale et le réseau de mobilité douce aménagé en site propre ou entre les constructi-ons." Et ass am Fong net wierklech esou datt mir soen, de Vëlosfuere, dee gëtt do cibléiert, datt s Du Loscht hues do mam Vélo ze fuere. Ech fannen, et muss ge-handelt ginn, mä Dir stellt lech net a Fro.

Am grouse Ganze ginn d'Vëlosfuere, déi ganz Mobilité douce, déi gëtt net a Fro gestallt a mir fuere weider wéi mir sinn. Mir haten d'Propos gemaacht, och datt mir op der Lëtzebuenger Strooss eventuell kéinten eppes aus-schaffen, datt d'Parkplaze lénks a riets géingen ewech kommen, datt d'Autoe hir Weeër hunn, datt d'Vëloen hire Wee hunn, datt de Bus säi Wee huet. Mir schwät-zen ëmmer vu Ponts-et-Chaussées, mä am Fong musse mir awer an engem Aarbechtsgrupp schaffe fir datt mir kënne weiderkommen. Wann ech d'Bild kucken, sou wéi et am Fong och do uewen ass, do sinn d'Parkplaze lénks a riets fort op der Lëtzebuenger Strooss. Am Fong ass eng vun eisen lddiën awer schonn e bësselchen eriw-er komm. Déi huet e bësselchen d'Stimulatioun gi fir dat Ganzt do unzereegen. Mir mussen ebe kucken, datt mir op deene Punkten do weider kommen. Ech mengen, d'Michèle Kayser wäert herno nach op deen een oder anere Punkt agoe wann ech eppes vergiess hätt a fir de Rescht, voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci Här Martini. Den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci. Wann Dir erlaabt, géing ech fir d'éischt véier Froe stellen an duerno, wann ech d'Äntwerten hunn op déi Froen dann op eisen Avis zu deem Projet agoen. Well d'Äntwerten op déi Froen och e bësselche beaflosse wat ech ze soen hunn. Also



ganz kuerz: Et ass rieds vu Chambre-meubléeën. Dat ass eng gutt Iddi well et sech jo un e spezielle Public adresséiert, mä meng Fro ass : Wie bedreift déi ? Da war rieds vun 10% Logements à coût modéré. Dir, Här Buergermeeschter hutt elo grad gesot, d'Gemeng keeft déi. Ech wollt froen ob ech do richteg héieren hätt, datt d'Gemeng dann och wëlles huet, déi 10% an Eegeregie och ze verwalten, wann ech dat kann esou soen?

Dann eng Fro un den Architektbüro: Laanscht d'Schinne vun der CFL, do ass esou eng Gréngzon an do gesäit een e bloe Punkt dran. Ass dat geduecht als Weier, gëtt et do e Weier oder wat bedeit dat? Une autre question au Service Architecte: La Cellule d'évaluation avait proposé un plus grand mélange, une plus grande mixité entre les résidences d'une part et les maisons unifamiliales de l'autre. Vous avez dit que vous n'avez pas retenu cette proposition. Cela nous intéresserait de savoir pourquoi. Voilà pour les questions. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Bon, ech muss soen, dat ass éischer onüblech. Normalerweis mécht jidderee seng Interventioun an da gi mir op Froen an, well dat e gewessene Flux gëtt, och un Niveau vun der Dynamik. Ech hunn awer elo kee Problem, elo op Froen ze äntwerten. Déi Chambre-meubléeën, déi ginn net vun der Gemeng geréiert well mir jo an d'Richtung hei gi vu Chambre-meubléeën, déi jo Leit sollen zegutt kommen, mir hate schonn oft déi Diskussioun hei, datt jo niewent der klassischer Locatioun Bail à loyer wa Leit hei an eis strategesch Missiounen oder fir verschidden Openthalter am Kader vun der Recherche an Developpement sief et mam LNS, sief et mat den Industriezonen, wann déi op Diddeleng komme fir zwee, dräi, véier Méint, dann hunn si net déi Méiglechkeet, iwwer e klassische Contrat de bail eppes ze kréien. Hei wier et eben esou e Service, deem ugebuede gëtt wou nach gekuckt muss ginn, wie Gestionnaire gëtt, mä d'Gemeng ass hei éischer den Developpeur vum Projet. Datt ee Leit dat zur Verfügung stellt wou si dann en Appartement, e Studio mat Kitchenette kréien, wou si da fir zwee, dräi, véier Méint als Chercheur, als Kader loune kënnen well et fir déi net interessant ass, ëmmer an en Hôtel ze goen, respektiv e klassische Contrat de bail net a Fro kennt. Do gëtt et hei an Diddeleng ganz kloer eng Demande. Dat ass emol à propos vun de Chambre-meubléeën. Also, et ass keng klassesch Chambre meublée wéi mir se bis dato hei an Diddeleng geréieren.

Dat anert, wou dann éischer déi Logik vun de Chambre-meubléeën erakënn wéi mir se de Moment hei zu Diddeleng geréieren, dat ass effektiv déi 10% Logements subventionnés. Dat ass et ganz kloer d'Gemeng, déi do d'Acquisition wäert maachen. Ob dat engersäits Appartermenter sinn, ob dat Maison-unifamiliale sinn an déi wäerten an der Hand vun der Gemeng bleiwen. Dat ass ganz kloer: Ech mengen, do ass klassische Modus, eng Konventioun mam Logementsministère, wou mir dann och subventionnéiert ginn. Do si mir eis och eens mam Promoteur vum Projet. Ech mengen, ech loossen hei ganz kloer eis Responsabilitéit walten a maachen. Dat zu deene méi politesche Froen. Dat muss een nach kucken, dat kann och den Developpeur vum Projet sinn

oder en aneren, well do ass jo eng ganz Logistik an eng ganz Gestiou hannendrun. Et ass elo net onbedéngt de Rôle vun der Gemeng. Et ass éischer fir ze kucken, datt mir elo hei am PAP d'Méiglechkeet schafen, datt dat ka genotzt ginn, sief et vun Institut-de-Recherchen, vu privaten Industriegebäiden um Diddelenger Territoire. Mä, wéi gesot, et ass keng klassesch Chambre meublée wéi mir se bis dato hei zu Diddeleng kennen. Voilà, dat fir déi e bësselche méi politesche Froen.

Ech ginn d'Wuert weider un d'Architekten. Dann hunn ech verstan, datt dann den Här Thill seng Interventioun mécht an da kritt d'Madame Heinen d'Wuert. Den Här Thill huet véier Froen gestallt an unhand vun deene véier Froen decidéiert hien, wéi e seng Interventioun axéiert. Ausnamsweis. Dat ass elo net de Modus. Jidderee mécht seng Interventioun an da stellt en a senger Interventioun Froen an da reagéiere mir dorop. Et ass esou, wéi mir am Fong hei verfuere. Bon, mir hunn dat elo gemaacht. Mir ginn dann elo op déi véier Froen an an da maacht Dir Är Interventioun an da mécht jidderee wann ech gelift seng Interventioun en bonne et due forme. Ech mengen, et ass ëmmer e Modus, dee mir hei fonnt hunn, datt een a senger Interventioun och seng Fro stellt, den Här Martini huet et och gemaacht. Ech wier frou wa mir dee Modus géife bäibehalen. Och dat dréit zu engem gewësse Flux, zu enger gewëssener Dynamik vun der Diskussioun bäi. Merci. Här Wagner Dir hutt d'Wuert.

LUC WAGNER (WW+ARCHITEKTUR A MANAGEMENT):

Merci Här Buergermeeschter. Ech géing dann op déi Fro agoe mat deem bloe Punkt an deem Beräich vun der Voierie, laanscht d'CFL. Also, u sech ass dat deem d'fist Punkt vum Lotissement, do kënnt d'Rückhaltebecken, de Baseng de rétention, hin. Dat ass och dat wat duergestallt ass. Et ass kee Weier wou permanent Waasser drasteet. Wann et do net e Staarkree gëtt, dann ass dat dréchen, dann ass dat eng Wiss, eng Mulde. Do kënnen och Spillplazen dran amenagéiert ginn, do kënnen Beem a Gesträich dra stoen. Also, dat ass elo kee Weier wou permanent Waasser dran ass. Mir brauchen dee Volume fir am Fall vun engem Staarkreen do kënnen d'Waasser vum Reen opzefänken. Dat gëtt esou am PAP duergestallt.

Da géing ech op déi nächst Fro agoen. Do geet et ëm d'Vermëschung, sou wéi den Intérieur dat gär gehat hätt, vun Eefamilljenhaiser mat de Residenzen. Also, u sech hunn ech jo am Ufank erklärt, datt mir vun enger gewësser Densitéit erofgi fir eis dem Bestand vun de Quartieren u sech unzepassen, éischer d'Eefamilljenhaiser do unzesiedele wou och haut schonn Eefamilljenhaiser sinn an d'Residenzen eigentlech do och unzesiedele wou haut och Residence sinn, respektiv wou mir hannen natierlech un d'Voierie vun der CFL grenzen, respektiv Richtung Rue de Luxembourg un déi aktuell Tankstell grenzen. Dat ass deem ee Punkt. Dat anert ass, wann een ufänke geet einfach technesch Eefamilljenhaiser mat Residenzen ze vermëschen, da gëtt et ëmmer méi schwéier – bon, Dir hutt elo grad héieren iwwer de Parking, mir hunn dat scho reduzéiert – mä et gëtt ëmmer méi schwéier fir da Rampen hinzekrei-



en. Et geet och dodrëms, fir de Stroosseraum, eigentlech Rampen, zesummen ze leeën anstatt d'Residences auserneen ze zéien. Och dat huet e groussen Afloss op den Ausseraum, op d'Gestaltung vum Ausseraum. Dat géng d'Rampe multiplizéieren an an deem Sënn déi ganz Saach och net méi einfach an net méi attraktiv maachen. Mir sinn der Meenung, datt eng gewësse Mixitéit ginn ass. Mir hunn och drop opgepasst, datt déi Residences och deelweis nëmmen zwee Stäck hunn oder zwee Stäck an e Retrait, sou datt se verträglech sinn. Mir hu Residences, déi si méi niddreg wéi Eefamilljenhaiser.

An op där anerer Säit, wann Dir déi Haaptachs kuckt mat deem Bild, dat Dir och elo hei gesidd, ass et och dodrëms gaangen, déi Residences éischter mat engem Pignon zur Strooss ze stellen an dann erëm e kleng Rez-de-Chaussée dertëscht ze maache fir dat alles wesentlech méi klengdeeleget letztendlech wierken ze loossen. Ech wees net ob dat vun der Populatioun hir wichteg ass fir op esou engem klengem Gebitt eng Mixitéit ze maachen tëscht den Eefamilljenhaiser an de Residences. Ech mengen net, datt op deem Punkt et opkënnt, datt d'Leit ënnert sech eng Segregatioun verspieren a soen, ah dat do sinn elo déi, déi an den Eefamilljenhaiser wunnen, déi wunnen an deem klengem Quartier, an do sinn déi, déi an de Residence wunnen an déi wunnen an deem klengem Quartier. Dofir ass urbanistescht gesinn de Raum dann awer ze kleng. Dat kann héchstens fir eng Vermëschtung vun den Typologië gi wat mir op eng aner Aart a Weis probéiert hunn ze realiséieren an deementspreechend si mir och do bei deem Choix bliwwen, dee mir am Ufank als Ligne directrice am städtebauleche Projet letztendlech haten.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci Här Wagner. Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Also fir d'alleréischte fanne mir et emol eng gutt Saach, datt zu Diddeleng gebaut gëtt. Wat eis manner gefällt, dat ass, datt d'Densitéit weiderhi relativ niddreg bleift. Also, wann een do op déi 4,5 Ha Terrain statt 178 Logementer der 250 gebaut hätt, dann hätt een Diddeleng nach ëmmer net verschampeliert. Et ass villäicht och mäi perséinleche Souci zu engem Deel; d'Lëtzebuerger Bevëlkerung hält déi ganzen Zäit zou an d'Agarrflächen, déi mir hunn, hält déi ganzen Zäit of. An zwar si mir do europäesche Champion. Mir verbrauchen all Joer 800 Ha, dat sinn 10 Bauerebetriber. Also, wa mir esou weiderfueren, dann hu mir an 150 Joer iwwerhaapt keng Wisen a keng Felder méi. An iergendwann, denken ech, muss do en Émdenke kommen, och wann dat eis schwéier fällt an dofir zitieren ech hei och den Agrocenter, de fréieren Agrocenter zu Miersch wou op 10 Ha 1000 Wunnenge virgesi sinn an domat ass Miersch nach ëmmer net Chicago oder New York.

Mir begrëssen et ausdrécklech, datt hei nei Weeër gaange ginn ebe mat der Approche vu Chambre-meu-bléeën, déi méi verschiddene Populatiounen Rechnung droen a mir begrëssen et och ausdrécklech, datt d'Gemeng wëlles huet, déi 10% Logements à coût modéré

ze kafen an ze geréieren, well mir hu ganz sécher hei am Land net genuch zougänglech Mietwunnengen.

Eng aner Saach, déi mir awer och verlaangen, oder wou et eis Leed deet, datt et net geschitt, dat ass, datt dee Quartier net autofrâi gëtt. De Shared Space, deen huet nëmmen de Numm vu Shared Space, mä a Wierklechkeet dominéiert den Auto an en dréckt alles anescht ewech. Den Här Martini huet hei schonn de Projet um Lampertsbiereg ugeschwat. Do sinn 51 Wunnenge geplangt. Déi 51 Wunnengen, déi ware scho fort, déi ware scho verkaf, zwee Joer éier iwwerhaapt emol mat der Viabilisatioun ugefang ginn ass. An deem Sënn, hei ass e ganz neie Quartier. Déi Leit, déi en Auto onbedéngt wëllen, déi hu Méiglechkeeten, op aner Plaze wunnen ze goen. Et ass och eng Garehalt do, et sinn dräi Bushalten do. Also, et ass en Accès op den éffentlechen Transport, wéi et en op ganz wéineg Plaze gëtt an ausserdem ass et méiglech, dee Besoin vum Auto deen dann och villäicht bei autofrâie Leit ass, op déi Halt vun der Gare Flexautoen, déi ee ka léinen, hinustellen. Ech mengen, den Auto ass nach vill ze vill an eise Käpp. Do schléissen ech mäi Kapp net onbedéngt aus. Am PAG zum Beispill schreiwe mir d'Zuel vu Parkplazen oder Emplacementer fir Autoen vir, vu Stellplaze fir Vëloen gëtt hei iwwerhaapt net geschwat. Zum Beispill froen ech mech firwat datt net an all Gemeng, wa gesot gëtt pro Wunneng musse esou vill Emplacementer fir Autoen kommen, och éiere gesot gëtt, ma da setze mir déi Emplacementer fir Autoen erof a mir schreiwe verbindlech an de Residence Plaze fir Vëloen vir. Déi Saach mat den Autoen, oder der Dominanz vun den Autoen, déi gesinn ech dann och do dran, datt zum Beispill gesot gëtt, laanscht d'CFL-Schinnen, do maache mir eng Heck fir d'Geräischer ofzesetzen, do fuere pro Stonn, an nach nëmme vu 6 Auer moies bis 12 Auer owes 4 Zich laanscht. Also, do ass dann e Problem, 4 Zich pro Stonn. Do ass dann anscheinend e Problem mat Kaméidi... Datt de ganzen Dag iwwer Autoen a Mottoen am Wunnegebitt zirkuléieren, dat stéiert anscheinend kee Mënsch. Nëmme fir nach eng Kéier ze illustréieren, datt mir nach all an der Autoswelt liewen an déi Welt ass einfach laangfristeg net nohalteg an dofir eise Wonsch, nach eng Kéier, fir datt dee Quartier wierklech e Pilotprojet gëtt a komplett autofrâi.

Eise Fazit vun der ganzer Saach: Also, mir fanne bei dem Quartier eng ganz Rei Saache gutt a flott, ënner anerem och datt Wunnenge geschaf ginn, datt d'Gemeng en Deel vun deene Wunnenge geréiert, mä well mir fannen dat ass nach ëmmer... also d'Densitéit ass net héich genuch an et ass ze vill op den Auto axiert, wäerte mir eis beim Vote enthalen. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci. Weider Stellungnahmen? Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also, ech hätt just Froen, well d'Madame Goergen mécht d'Stellungnahm, dofir ware mir elo e bësselchen duercherneen hei.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Wëll ee vun lech intervenéieren?



MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Dat heescht, ech dierf meng Fro awer nach stellen? Merci Här Buergermeeschter. Sou wéi ech verstan hunn, eis Invitéen, déi si jo elo net esou zoustänneg fir de Verkéier. Mech géng awer interesséieren, op deenen Dokumenter, déi mir kruten, dou stoung "future halte CFL". Do hunn ech gekuckt, dee Punkt wou dat da gezechent wäer, dat ass awer am Fong do wou den Zuch elo ëmmer hale bleiwt. Well deen hält net bei der Barriär, deen hält e bësselche méi eran. Dofir wollt ech dat nofroen.

An dann och mam Verkéier, froen ech mech, wéi kommen si aus deem Quartier eraus? Ginn do Luuchte gemaacht? Well ech mengen awer schonn, datt zumools an der Rue Jean Simon, da fiert een da jo awer erëm bei d'Aral, do kënnt een net eraus. Bon, ech wees net ob ech elo eng Äntwert kréien, well d'Invitée jo op de Büro Schroeder verweisen hunn.

Meng lescht Fro ass: Op den Diecher, ass do virgesinn eppes mat Gäert ze maache, wann elo keng photovoltaeg Méiglechkeet ass? Do ass einfach gréng gemolt oder wa Leit aus der Residenz wëllen an engem Hochbeet e puer Zalote planzen, ass dat méiglech? Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci. D'Madame Goergen déi enchainéiert.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): OK, dat ass dann d'Fortsetzung vun der Interventioun vun deene Gréngen, d'Stellungnahm zu deem PAP. Also, bei der Ofännerung vum PAG fir dëse Bauprojet z'erméiglechen hate mir als gréng Fraktioun zwee Mol dofir gestëmmt. Deemols hate mir och schonn déi grouss Linne vun engem méigleche PAP presentéiert kritt. Elo hu mir de PAP virleien an et huet sech näischt Wesentlechtes un der Situatioun geännert. An eiser Aschätzung vun dësem PAP wéilt ech da fir d'éischt op déi Prinzipien agoen, déi dëse PAP probéiert ëmzesetzen an déi eis Zoustëmmung fannen. Dat wier emol engersäits eng Bebauung déi, probéiert sech un d'Nopeschquartieren unzepasse mat Eefamilljenhaiser am südlechen Deel an Appartementshaiser am nördlechen Deel wou scho méi grouss Bléck stinn. Anersäits gëtt awer probéiert Loft a Fräiraum dertëschtent ze loossen an eng Pufferzone mat Gréngflächen zu den Zuchsgleiser an zu der Esso-Tankstell ze loossen. Dat Zesummespill vun individuellen a kollektiven Haiser erméiglecht datt eng Mixité sociale an dem Quartier entsteet a mir fannen et och begréissenswert, datt an den Appartementshaiser insgesamt déi 17 miwweléiert Wunnengen entstinn.

Ech deelen och dem Här Wagner seng Appréciatioun vun der Mixitéit, datt dat genuch ass, datt do net muss méi anenee lafen. Mir fannen och interessant datt probéiert gëtt net e rege Wunnquartier do entstoen ze loossen doduerch, datt de Rez-de-chaussée vun den Immeublé ka fir Profession-libéralen a kleng Commercé genotzt ginn. Insgesamt sollen op dem Areal 178 Logementer entsoen an et kann een sech froen, wou wann net op där dote Plaz? Dëse Quartier kritt eng quasi optimal Ubanung un den ëffentlechen Transport a Richtung Diddeleng-Zentrum a Betebuerg mam Bus. De Bierenger Halt

vum Zuch ass net wäit an den Zentrum ass och nach gutt ze Fouss a mam Vélo z'erreechen. De Quartier gëtt och verkéiersberouegt a muss manner Parkplazen opweisen, wat déi Richtung kloer ënnersträicht.

De gréisste Problem gëtt et allerdéngs wann och nëmmen d'Halschent vun den zukünftege Bewunner wëlle mam eegenen Auto vun do iwwer d'Lëtzebuerger Strooss Richtung Stad fueren. Deen Zenario ass net esou abwegig a ka jiddereen sech virstellen, dee reegelméisseg probéiert mam Zuch an d'Stad ze fueren a Misär huet mat de Korrespondenzen. Et ass schonn eng Portioun Fantasie an Optimismus verlaangt fir sech virstellen ze kënnen, datt d'Zuchverbindungen optimal klappe wann de Quartier bis steet. Mä mir hunn awer villäicht, wéi den Här Thill gesot huet, déi Autoe vill ze vill am Kapp.

Mir halen awer Mol fest, datt an e puer Joer déi Zuchsverbindung gutt wäert klappen an datt een dann do wunne kann ouni vill op Autoen zréckzegräifen. An deem Fall ass et da komesch, datt den Autoe vill Plaz am ëffentleche Raum zougestane gëtt. Et bleiwe nach Parkplaze laanscht d'Stroossen, déi Stroossen déi laut staatlecher Evaluatioun iwwerdimensionéiert sinn an d'Architekten iwwerleeën, wéi d'Foussgänger kënnen ofgeséichert ginn ouni d'Ofsätz vun den Trottoiren. Ganz berouegend fir Foussgänger klénkt dat net. Natierlech sinn d'ënnerierdesch Parkingen ënnert den Appartementshaiser ze begrëssen an och datt déi meescht Parkingen éischter um Rand vun der lotisséierter Fläche leien. Et ass och e Foussgängerwee virgesinn, fir op d'Lëtzebuerger Strooss ze kommen. Et ass schued, datt awer Kompromësser gemaach gi si fir dem Auto vill Plaz am ëffentleche Raum zou ze gestoen.

Mir fäerten och, datt déi Géngflächen déi innerhalb vum Quartier op der sougenannter Dalle Parking sollen entstoen riskéiert net besonnesch üppesch aus ze falen. Mir erënneren eis un déi schéi Simulatioune vun de Beem op der Plaz am Duerf wou sech herno raus gestallt huet datt esou vill Gréngs iwwer dem ënnerierdesche Parking net méiglech wier. Dir mierkt, mir hunn e bësselchen Zweifel ob et wierklech esou agreabel gëtt fir déi Leit déi do wunne kommen an och fir d'Nopeschquartieren. Mir mengen awer, datt déi positif Usätz zu dësem zukünftege Quartier iwwerweien. Besonnesch de Versuch vun der Beliewung vum nördlechen Deel an déi méi opgelockert Ausrichtung vun Appartementshaiser gefällt eis.

Mir stëmmen also fir dëse PAP. Merci awer och zum Schluss fir déi zousätzlech Erklärungen vum Architektbüro iwwer de PAP an och zu der Stellungnahm par rapport zu der staatlecher Cellule an zu de Reklamatiounen. Mir begrëssen ausdrécklech déi konstruktiv Aart a Weis wéi et ëmgesat ginn ass. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci Madame Goergen. Weider Stellungnahmen? Den Här Glesener.



HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter a léif Kolleeginen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Haut si mir fir d'drëtt amgaang iwwer dee Projet do ze schwätzen, wa mir déi Sëtzung derbäi rechne vum November 2018 wou d'Prozedur jo lancéiert ginn ass an déi am Mäerz wou mir de PAP lancéiert hunn. Elo si mir also fir d'drëtt domat befaasst. Firwat maachen ech dee klengen Historique? Ma well ech wëll einfach nach eng Kéier ënnersträichen datt, mä Gefill zumindest, deen Dossier kohärent vum Ufank u gefouert ginn ass an datt e vum Ufank un och extrem transparent gewise ginn ass. Scho wéi mir an der alleréischter Sitzung am November 2018 d'Prozedur lancéiert hunn, schonn do hu mir immens vill Detailer vun der Iddi, déi herno sollt entstoën, gewise kritt. Dat ass net iwwerall esou, dat ass net sou üblech, a schonn deemols konnte mir eis relativ gutt virstelle wou mir da géingen higoen an doduerch ass dat eng Kontinuitéit, déi ech gärer nach eng Kéier wollt ënnersträichen. Dat weist och, datt eis Servicer an och déi Responsabel vun der Gemeng dat ganz eescht huele wa mir neit Bauland erschléissen a ganz besonnesch Baulücke fëlle wëllen. Ech mengen, datt mir d'Baulücke fëllen ass genau déi do... Den Här Thill huet vun den Agrarfläche geschwat, ech komme villäicht nach eng Kéier drop zrëck, mä datt déi grouss Baulück do geschloss gëtt, dat ass fir mech, deen awer ëmmer laanscht déi do gefuer si wann ech op meng Aarbecht gefuer sinn. Déi huet mech éiweg gestéiert an ech sinn elo frou, datt se zougemaach gëtt. Einfach well se deen Deel Diddeleng, deen op der Nordsäit läit, an ech kennen eng Rei Leit, déi an deenen Appartements-haiser do wunnen, sief et déi nei déi gebaut gi si beim Rond-point, sief et déi, déi schon e bësselche méi laang do sti wann ee Richtung Barriär do erof fiert, déi si quasi net mat Diddeleng verbonnen. Déi hanken eleng do am Norden, da kënnt eng grouss Fräifläch an da geschitt näischt.

Ech ka mir virstellen, a besonnesch och dat ënnersträicht wisou ech sou frou si wéi dat do ëmgësat gëtt, datt dee Shared Space an der Zon, déi elo nach op der Foto ass, do gewise gëtt, datt deen doudsécher dozou bäidréit, datt do dat Zesummeliwee vill méi ka stattfannen. Vun do kann ech mir virstellen, datt een ze Fouss bis an e Geschäft geet, villäicht an e Café, villäicht kënnt do e Bäcker oder wat och ëmmer. Op jidde Fall wäert et sécher vill méi convivial ginn an et ass gesot ginn, déi ganz Zon do ass wahnsinneg gutt ugebonnen un den ëffentlechen Transport, sou datt déi déi Proximitéit zum Zentrum vun Diddeleng och an deem Sënn nach eng Kéier wäert verstärken. Dat ass also an deem Sënn eng ganz wichteg Plaz an Diddeleng déi elo verbaut gëtt. Wéi se verbaut gëtt gefällt mir och extrem gutt an ech ginn net méi op all dat an, wat scho gesot ginn ass. Déi Mixitéit, déi do entsteet, ass a mengen Ae ganz optimal geléist.

A villäicht just fir dann och nach eng Kéier z'ënnersträichen, et ass net u mir fir dem Här Thill ze äntwerte, mä datt mir Agrarflächen hiergi fir Bauland ze kréien ass hei logesch a richtig. Mä ech erënneren awer och drun, datt wéi mir iwwer dee gesamte PAG vun Diddeleng geschwat hunn, dat hei ënnersträicht dat nach eng

Kéier, datt mir duerch esou Aktiounen net un dee bausenzegster Limit vun eise Baulandterrain, oder haut heescht se jo d'Limite vun der Zone verte, datt mir net dorun brauchen a wëlle réckele goen. Dat ass mer wichtig. Ech hat an enger vun de viregte Sëtzungen erzielt, wéi ee méi radikale jonke Mënsch mir erkläert huet, wéi mir missten d'Wunnengsnout an de Grëff kréien, dat hei ënnersträicht et nach eng Kéier.

Ech denken, datt 4 ha Agrarland déi matzen an enger Uertschaft dra sinn, gutt ugeluecht si fir doraus Bauland ze maachen an dat verhënnert eben datt mir op aner Plaze mussen un d'Ackerland dru rappe goen. Déi Ubannung un den ëffentlechen Transport ass eppes. Ech bleiwen awer och hei nach eng Kéier bei menger Ausso, datt ech net dogéint sinn oder net den Auto wëll verfluchen. Et muss iwwer laang Joeren sécher dohinner kommen a mir mussen och alles dofir maachen, datt déi Habituden, den Här Thill huet se esou genannt, mengen ech, déi Habitude, datt mir ze vill op den Auto fixéiert sinn, dat musse mir erof reduzéiert kréien. Mä ech sinn an ech bleiwen der Meenung, datt mir dat net duerch strikt Verbueter oder extrem schnell Drock do sollen a kënnen ofbauen. Déi Leit déi dohinner wunne kommen, hu sécherlech... déi mussen hir Méiglechkeet hunn, an och wa mir dann dohinner kommen datt net méi an all Haushalt dräi Autoe sinn, mä villäicht nëmmen ee méi. Mir sinn de Moment nach an enger Welt wou mir ganz schwéier, déi allermeescht, op den Auto verzichten.

Da maachen ech nach villäicht eng Kéier den Iwwergang, och an enger fréierer Reunioun hat den Här Martini dat ugekënnegt wat en haut nach eng Kéier widderholl huet, vun der autofrärer Zon um Lampertsbiërg. Et huet mech deemools net kal gelooss wéi en dat gesot huet an och wann dat net meng Meenung ass, hat ech mech natierlech och renseignéiert. Den Här Martini huet mir esouguer owes nach Artikelen aus der Zeitung geschéckt an ech mengen awer datt mir hei net Äppel mat Bieren därefer vergläichen. Déi Zon um Lampertsbiërg, déi ass quasi op Demande vun enger ganzer Partie Leit, déi genau sou wëlle wunnen, un d'Stad Lëtzebuerg erugedroe ginn an d'Stad Lëtzebuerg war Propriétaire vun deem Terrain, dee verbaut ginn ass. Dat ass also absolut net ze vergläiche mat deem, wat mir hei amgaang sinn ze maachen. Dofir mengen ech och, datt mir mussen ophalen, déi zwee Quartiere mateneen ze vergläichen oder se géigeniwwer ze stellen an deen een als besser wéi deen aneren ze fannen. Wa mir Propriétaire als Gemeng vun engem Terrain wieren an et géife muar eng ganz Partie Leit un eis erunrieden, "baut eis deen Terrain esou", da géinge mir sécher eng aner Diskussioun hei féiere wéi dat wat mir haut amgaang sinn.

Ech hat mir ganz ganz vill opgeschriwwen hei, fir drop anzegoen, iwwer d'Reklamatiounen an awer och iwwer dat wat d'Cellule d'évaluation als Remarquë gemaach huet. Dat brauch ech net méi. Ech mengen, de Büro WW+ huet dat ganz ganz ausféierlech gemaach an ech wëll da just begrëssen, datt mir tatsächlech ganz vill vun deene Punkten, déi d'Cellule d'évaluation gesot huet, datt si eis opmierksam gemaach huet a mir dann nach eng Kéier dodriwwer gekuckt hunn an datt mir an



e puer Punkten hinne Recht ginn hunn, well mir villäicht net dodru geduecht haten. Awer et sinn eng ganz Rei Punkten dobäi, wou ech awer och begeeschtert sinn, datt mir déi net einfach tels quels ugehol hunn, datt mir se nëmme partiellement ugehol hunn. Well dee Konzept, deen de Büro WW+ eis hei presentéiert huet, deen ass menger Meenung no perfekt duerchduecht an et géif mech stéieren, wa mir deen einfach un eng national Iddi ubannen. Ganz besonnesch dodra gefällt mir, datt mir d'Stroossen elo net einfach méi enk maachen oder d'Fassaden nach méi no beienee réckelen.

E Shared Space wéi deen do ass nëmme convivial wann en och genuch Espace huet, wann een sech dra fräi fillt, wann ee genuch Loft huet. Ech perséinlech hunn an aneren Interventiounen ugeschwat, Dir wësst dat, ech sinn éischter der Meenung, datt mir d'Vitesse vun den Autoen net reduzéiert kréien, wa mir Stroosse maachen, wou den Auto scho quasi net méi drapasst, mä datt mir do tatsächlech missten e bësselche méi repressiv sinn. Et stéiert mech, datt mir haut an Ecker, wann nëmme ee Mënsch do plënnert oder eppes geliwwert kritt, datt mir da quasi e Verkéiersreglement mussen huele vun engem ganzen Dag, well wann ee Camion do stoe bleift oder een en panne geréit – elo kuerz hate mir nach eng Interventioun wou engem Camion eng Uelechleitung geplatzt ass – da musse mir dee Quartier quasi spären. Ech sinn net där Meenung.

Ech sinn also schonn der Meenung, datt mir do, wou mir et brauchen, genuch Loft a genuch Espace solle kreéieren an dat ass hei de Fall an dofir sinn ech och frou, datt mir net eent zu eent den Avis vun der Cellule d'évaluation do ëmgesat hunn. Dat selwecht zielt iwwregens fir d'Dimensions and d'Reculs antérieurs a latéraux. Och do denken ech, datt een eng bestëmmt Loft brauch an sech net virkënnt wéi wann een ageperscht ass. Déi Reculen hunn och nach bei eppes anescht Notzen, mech perséinlech, Dir géngt lech bestëmmt wonnere wann ech dovun géif schwätzen, an deem ganze PAP geet keng rieds vun der Sécurité Incendie oder vun den Accèsen. Ech hunn awer bei de Kollegen nogefrot an ech hu bestätegt kritt, datt awer déi Gespréicher gefouert gi sinn am Kader vum PAP an datt déi Flächen, déi Accessibilitéit un d'Residenzen do och wäert gi sinn. Just dat, et ass net hei de Gemengerot deen dat an Zukunft wäert maachen, hei zu Diddeleng schéngt also déi Tradition bäibehalen ze ginn, datt mir scho ganz fréi mat dem CGDIS an den Experten an der Sécurité Incendie schwätzen an datt dat och mat afléisst. Um nationale Plang hoffen ech, datt mir eng Kéier op dee Punkt kommen, datt de CGDIS bei PAP-Prozedure vu virera schonn agebonne muss ginn an net nëmme wann een drun denkt en Avis erageholl gëtt.

En anere Punkt, deen ech och hei ganz flott fannen an der Mixitéit, dat ass, datt mir et fäerdeg bruecht hunn e Kiss & Go dra virzeges fir déi Leit, déi hir Kanner an d'Crèche bréngen. Ech mengen, och do ass net jidderen aus dem Quartier deen nëmme ze Fouss geet. Et si vill Leit aus der Ëmgegeng, déi hir Kanner um Wee, wann d'Elteren um Wee si fir op d'Aarbecht, hir Kanner nach virun der Crèche ofsetzen an dann ass esou eppes

ausserhalb vum grouse Verkéierschaos ganz sënnvoll. Ech begrëssen och ganz besonnesch, datt mir déi Zone tampon vis-à-vis vun der jëtzege Eisebunn bäibehalen, datt een déi kann notzen. Et ass elo en Trëppelwee agezeechent. Ech gesinn deen awer als e Wee vun der Mobilité douce. Ech denken, datt een do mam Vélo ka fueren an déi Bande ass och grouss a breet genuch, datt wann dat antrëtt, datt mir iergendwann esou vill Véloen hunn, datt de Foussgänger an de Vélo do net méi gutt laanscht enee kéimen, datt een et da kann upassen. Also, mir hunn och do genuch Fläch fir dat kënnen ze maachen.

Zu de Reklamanten hunn ech och dat ganz positiv empfunden, datt mat deene Leit geschwat ginn ass. Och dat, de Buergermeeschter hat et virdru gesot, ass net onbedéngt néideg an der Procédure PAP. Et muss een net déi Leit empfänken, mat hinne schwätzen. An deem Fall Chapeau, ass dat awer gemaach ginn ass. An ech konnt mech och iwwerzeegen, datt déi Leit vill méi zefridde sinn, wéi wa mir dat net gemaach hätten an haut mat deem Projet besser kënnen liewen. Hir Ängschten, hir Reklamatiounen si jo zum Deel ëmgesat ginn. Och déi Reklamatiounen, well si sech mat de Limiten net genau konnten identifizéieren, sou konnt also an engem Gespréich an haut an den ugepasste Pläng quasi mat Zefriddenheet eng Léisung mat hinne fonnt ginn. An dat fannen ech och derwäert, datt mir dat nach eng Kéier hei opgräifen oder opgegraff hunn.

Déi puer aner Saachen déi ech nach hat, mengen ech, sinn ugeschwat ginn an de Büro huet et exzellent hei presentéiert, dofir och nach eng Kéier vun eiser Säit Merci fir déi Presentatioun an déi gutt Zesummenaarbecht tëschent eise Service de l'Architecture an deem Büro. Et mierkt een ëmmer erëm, datt awer do eng kohärent Zesummenaarbecht ass, besonnesch, ech hunn et scho gesot, wat och d'Ëmsetze vun den Avisen vun der Cellule d'évaluation dann de Fall ass. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP): Merci Här Glesener. D'Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mir éischstens och emol Merci ze soen dem Architektbüro fir déi flott Presentatioun. Ech hätt e puer Froen an herno wollt ech awer och déi allgemeng Stellungnahme vun der CSV dann hei nach ausbreeden. Eng Fro hätt ech konkret. Deen ënnerierdesche Parking ënner de Residenzen an och deelweis ënner den Haiser, do ass just meng Fro: Ass dat just ee Sous-sol oder ginn dat der méi? An ass do just Parkraum oder kréien d'Leit och do Kellerraimlechteeten? Dat wier villäicht nach interessant ze wëssen. An och déi elektresch Bornen, den Här Martini hat et kuerz ugeschwat, déi gi jo dann och alleguerten an de Sous-solen installéiert, huelen ech un, net baussen? Dat war eng Fro.

Dann déi zweet Fro, d'Madame Heinen hat et och schonn ugeschwat mam Déplacement vun der Gare. Ech hunn effektiv och hei dat esou verstan wéi wann do awer en Déplacement kéim well op der Säit 19 do steet jo och: "en effet, un projet de déplacement vers le sud-est



est en planification auprès du CFL “, an do wollt ech dann d'Fro stellen: Ass dat dann elo scho konkret a wéini soll dat gemaach ginn? Net datt mir dann, wann d'Leit dat doten elo réalisieren an et ass alles do gebaut an da fänke mir un d'Gare ze deplacéieren. Dat wier jo komplett d'Kou vun hannen opgesuedelt. Dat wier jo net logesch well déi Gare muss jo awer fir d'éischt performant sinn, net datt mir do e Chantier hunn, wa mir dann elo eng grouss Reklamm maache fir e Quartier, deen no bei der Gare ass an da funktionéiert dat net. A wat och den Här Martini scho gesot huet, wat eis immens erfreet huet, wat mir och elo op dem 3D Bild gesinn, “un arrêt de bus est projeté dans la zone piétonne le long de la route de Luxembourg “. Do war ech natierlech ganz frou well, ech mengen, dat ass och eppes wat mir gefuerdert hunn. Den Här Martini huet et gesot, mir brauche Plaz och fir d'Bussen an esou weider. Meng Fro : Wéi konkret ass dat? Well hei steet jo och, “ce dernier”, also den Arrêt de bus, “permet un point d'arrêt le long de cet axe structurant de Dudelange à proximité de commerces et services”. Also, dat ass eppes dat mir géifen absolut begréissen, mä do misste mir awer och villäicht d'Gesamtkonzept, wéi d'Lëtzebuenger Strooss da sollt an Zukunft ausgesinn hei presentéiert kréien.

Dann eng aner Fro, déi ech hätt: Mam Phasage, wéi gesäit et do aus? Wéi hutt Dir elo wëlles, dee Projet do unzegoen, ze réalisieren? An dann ass och d'Fro: Ginn dann déi eenzel Phasen, ginn déi nach eng Kéier an der Bautekommissioun méi genee kontrolléiert an a wéi engem Rhythmus soll dat geschéien? Ech hätt och nach eng aner Fro. Mat deem Kiss & Go Parking, dee läit jo am Fong souzesoen an der Zon Shared Space an dat ass jo en Einweg, eng Einbahnstrooss vun der Bierenger Strooss eriwuer Richtung Lëtzebuenger Strooss. Meng Fro ass elo: Wann déi Leit vun der Simonstrooss erafueren, da stoussen déi op de Shared Space. Déi däerfen do awer net no riets fueren, huelen ech un. Gëtt do dann de Shared Space opgehuewen oder wéi geet dat? Oder däerf een an dem Shared Space an déi zwou Richtungen awer op där Plaz fueren? Verstitt Dir wou ech mengen, datt een erauskënnt? Riets muss een da jo fuere fir op dee Shared Space. Voilà, dat ware meng Froen.

An da kommen ech zu eise Conclusiounen. Mir brauche Wunnraum hei zu Diddeleng, dat ass ganz kloer. Mir brauchen abordable Wunnraum fir eis jonk Leit, well den Diddelenger bleift gär zu Diddeleng wunnen. Awer och eis eeler Leit brauche villäicht herno éischter en Appartement wou se méi de plain-pied wunnen am plaz vun hiren Haiser. Dofir fannen ech dat heiten e ganz flotte Projet. Bautechnesch ass dat alles an der Rei. Ech kann och nëmmen ënnerschreiwe wat d'Madame Goergen gesot huet, datt dat bautechnesch ganz OK ass. D'Mixitéit ass an eisen Aen och ganz gutt, d'Densitéit geet an eisen Aen absolut duer. Mir fannen och d'Opdeelung Appartementshaiser an een Deel vun deem Quartier an d'Eefamilljenhaiser an deen aneren Deel, dat fanne mir awer éischter ganz gelongen an dat fanne mir och ganz gutt. Mir fannen och, gutt datt Plaz fir Sozialwunnen ass, datt Commercé sollen dohinner kommen, datt Spillplazen dohinner kommen, datt un d'Gréngs gedu-

echt ass. Mir soen, wéi gesot, dem private Promoteur Merci fir dat schnellt Plangen. An, den 9. November hate mir och déi punktuell Ëmännerung vum PAG och matgestëmmt. Mä, den Här Martini huet et virdru scho gesot, mir sinn absolut net frou wéi dat elo mobilitéisméisseg an deem Quartier soll organiséiert ginn an déi lddi vum autofräie Quartier.

Jo, Här Glesener, mir ware bis eng hallef Stonn virun der leschter Sëtzung am Ierglaaf gelooss ginn, d'Gemeng hätt déi Terrainen kaf an et géif e Concours d'idées gemaach ginn an da kéint de Gemengerot gemeinsam decidéieren a wéi eng Richtung et sollt goen. Wéi gesot, während der Presentatioun den 9. November si mir eréischt gewuer ginn, datt Wiesen et Piront Propriétaire ass an dat hu mir éischters Mol net schrecklech transparent fonnt a mir hunn et och immens bedauert, datt et du vill ze spéit war fir e Concours d'idées ze maachen. Wann Dir elo sot, et waren Awunner vum Lampertsbiere, déi op der Stadter Gemeng ugetruede si fir esou e Quartier ze kréien, da wësst Dir och, datt 75 Wunnenge do sinn, et waren 300 Demandé fir déi Wunnengen. Dat heescht, et ass eng immens Demande do an et ass wéi den Här Martini gesot huet, dat hätt eis richtig gutt zu Gesicht gestane wa mir dee Quartier hei autofräi gemaach hätten. Wa mir dat net maachen, dann ass eng aner Propos, déi mir awer nach wollte mat op de Wee ginn. Firwat maache mir nëmmen esou e Mini Alibi Shared Space, just dee kleng Wutz do vun der Bierenger Strooss do erop op d'Lëtzebuenger Strooss? Kommt mir maachen dann dee ganze Quartier Shared Space. Dat wier zum Beispill eng aner Alternativ, déi een awer hätt kéinte maachen. Dann hätte mir och d'Verkéisberouegung, wéi den Här Martini gesot huet, an deem ganze Quartier, dat wier och méi eng Kohärenz.

Ech wëll awer och nach eng Kéier insistéieren, datt mir och onbedéngt eng Äntwert wëllen, wéi Dir lech dat virgestallt hutt wa mir elo d'Parkplazen – dat ass eng Fro un de Schäfferot – wa mir d'Parkplaze reduzéieren, wéi konsequent sidd Dir dann do beim Erausgi vun de Vignetten? Den Här Martini huet et gesot, do froen ech mech awer wéi dat da geet, datt déi Leit, déi dohinner wunne kommen, och just nëmmen eng Vignette kréien. Well soss ass et jo e Witz ze soen, mir reduzéieren d'Parkplazen op 1,2. Da brette mir eis domat an da musse mir och esou konsequent sinn, datt wierklech nëmmen eng Vignette erausgeet. Da si mir awer géint eist kommunalt Vignettegesetz, da kréie mir do Problemer. Dofir meng Fro: Wéi stellt Dir lech dat elo konkret vir? Mussen déi Leit, déi déi Wunnenge kafen, müssen déi och ënnerschreiwen, datt si domat averstane sinn? Wat ass esou eng Ënnerschrëft wäert? Dat, denken ech, ass e grouss Problem. Dat muss ee bis un d'Enn ausdenken, well soss ass dat doten eng onlogesch Geschicht an et ass och e bësselchen eng Augenwischerei.

Voilà, d'Planung vun engem neie Quartier, dat ass awer net nëmmen eng punktuell Saach. Dëse Quartier mat 178 Logementer mat 350, 400, 500 Leit, dat muss ee plangen andeems een och aner Facteure kuckt an do ass och d'Fro: Wéi ass et mat de Waasserreservoir, d'Planung



mam Ofwaasserreseau? Kommen do nach vill Fraisen op eis duer? Dir hat gesot, e Rückhaltebecke muss gebaut ginn op där Plaz. Wéi gesot, do ass nach meng Fro: Hu mir do nach Fraisen déi och op d'Gemeng duerkommen? Wësst Dir do scho wéi een dat ka chiffréieren?

En anere ganz wichtege Punkt, dat ass och d'Fro vum Phasage: Wéi packen eis Schoulen an eis Maison Relais dat? Ribeschpont kritt eng nei Maison Relais. Dat ass jo och gutt esou. Déi gëtt jo och gemeinsam benotzt, d'Gebäilechkeet vun der Schoul a vun der Maison Relais Struktur, mä, wéi gesot, geet dat duer? Musse mir schonn erëm nach eng Etapp méi wäit goen? Musse mir nach un en Ausbau, mir hate jo schonn ugeduecht fir dee vun der Schoul Baltzing. Ass dat och elo schonn a Planung? Wéi gesot, dat ass alles zur Fro och vum Phasage. Dat hänkt jo alles och e bësselchen dovunner of. Voilà, dee groussen Defi, dee mir awer hunn, dat ass de Facteur Mobilitéit. An op d'Problemer am Quartier selwer huet de Claude Martini schonn higewisen. De Facteur Mobilitéit, deen hält jo net op wa mir aus deem Quartier erauskommen. De Problem Mobilitéit, dat ass e grouss Problem a ganz Diddeleng.

A mir widderhuelen ëmmer mantra-ähnlech: Et feelt un enger globaler Vue vum Schäfferot wéi mir de Verkéier hei zu Diddeleng wëlle weiterentwéckelen. Vélospisten, Busspuren, Foussgängerzonen dat si gutt Pisten, de Foussgänger muss privilegiert ginn, dat ass iwwerall gewosst, déi Gréng hunn dat gesot, mir hunn dat gesot, awer kloer. Do musse mir Akzenter setzen. Sot eis elo net, dass Ponts et Chaussées dat net géif erlaben, hei ass eng eemoleg Geleeënheet fir Akzenter ze setze verpasst ginn, dat eenzezt wat een nach kéint maachen oder envisagéieren, wier de Shared Space op dee ganze Quartier auszeleeën. Voilà, da gëtt sech hei gerühmt, dass déi Noperschaft zu der Gare, dass dat eng gutt Saach ass. Natierlech ass dat gutt a mir soen et ëmmer, wéi wäit si mir mat eisem Projet fir e Gesamtkonzept vu Volmerange bis Beetebuerg? Elo fiert en Zuch do duerch, déi Barrière sinn ëmmer zou. Wa mir elo eng méi héich Cadence solle kréien, da sinn déi Barriären nach vill méi oft zou an da sinn déi Leit, déi do an dee Quartier A Bëlleg wëllen eraufueren, déi kommen emol net an hire Quartier eran. Dofir nach eemol eisen Appel, kommt mir ginn op de Wee, dass mir do en Train-Tram fuere loosse, mat enger héijer Cadence awer ouni Barriären, da maache mir eng Gare d'échange hannert Biereng fir an de Beetebuurger Zuch ze klammen. Eis Fro ass alt erëm, wéi wäit si mir mat eise Projeten? Well mir kënnen dat net packen, wann et esou realiséiert gëtt wéi CFL et ugeduecht huet, mat Zich mat grouss Kapazitéiten, déi vu Beetebuerg op Volmerange solle fueren, dann erstécke mir am Verkéier. Dofir ass meng Fro: Wéi wäit sidd Dir mat de Verhandlung mat der CFL a mam Ministère? Hutt Dir Firmaen ewéi Luxtram kontaktéiert fir e konkrete Projet op d'Schinnen ze setzen?

Ech soen et ëmmer erëm, Här Buergermeeschter, Dir sidd zu zwee Buergermeeschteren aus enger Gemeng an der Chamber, d'Regierung huet wéinst deem geplatzten Deal fir Filmstudioen eng Bréngschold fir Diddeleng an doraus misst een elo eppes maachen an Drock

maachen a soen, mir brauchen e Projet d'envergure fir Diddeleng, esou en Tram vu Volmerange op Beetebuerg, dat ass machbar an dat géif eis och gutt zu Gesiicht stoen a fir de Problem vum Verkéier hätte mir do mol eng Solutioun, déi viabel wier.

Ze soen d'Leit kënnen all mam Vélo fueren, dat ass jo gutt, mä zu Diddeleng ass keng Plaz fir all déi Leit ze schaffen. Et schaffen der villäicht e puer am Statslabo an dann an den Epicerien a beim Metzler mä déi aner mussen an d'Stad fueren. Mir hu gesinn, wéi de Flux ass vun de Leit, déi hei zu Diddeleng schaffen, si fueren zu 60% an d'Stad. Dat ass nun emol esou, do kënnen mir näischt änneren an dofir nach eemol mäin Appel: Gitt an d'Regierung a sot mir hunn do eppes zegutt a mir wëllen dat elo. Da muss een dat verhandelen an e bëssen taff bleiwen. Déi Gréng kréien hir Leit iwwerzeegt, d'LSAP wäert hir Leit jo och iwwerzeegt kréien. Mir kënnen och probéiere fir d'CSV z'iwwerzeegen, da kritt Dir grouss Zoustëmmung, mä mir mussen op alle Fall eppes maachen. Well dat Konzept vun der Mobilitéit fir d'Zukunft net existéiert a well mir d'Verkéisersféierung an de Parkmanagement am Quartier net approuvéieren a fir eis ass en immens problematesch, och wa mir mam Wunungsprojet ganz an der Rei sinn an domat frou sinn, stëmme mir de PAP awer net mat well dat just weider Problemer fir eis zu Diddeleng mam Verkéier wäert bedeuten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madame Kayser, sinn nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un den Bureau d'Architecture fir déi technesch Froen an d'Claudia Dall'Agnol an ech sinn da fir déi politesch Froen do.

LUC WAGNER (WW+ ARCHITEKTUR A MANAGEMENT):

Merci villmools, ech muss kucken op ech alles hei um Schiirm hunn, fir op alles ze äntweren, ech fänke mat der Fro mat de Véloen un. U sech ass et esou, dass am PAP steet, dass all Residenz muss e Vélosraum opweisen, dofir gëllt dat fir all PAP, deen hei zu Diddeleng gemaach gëtt, mir hunn dat net nach eemol extra opgegraff mä dat gouf et schonn. Dann, wat de Parking souterrain ugeet, do sinn och Kellern dran an déi Borne fir Elektroautoe kommen och dran ech denken dass et awer sënnavoll wäert si Bornen dobaussen unzebidden op den effentleche Stellplazen.

Da war d'Fro ob déi Diecher gréng sinn. Déi Diecher gi begrängt well se Deel vum Entwässerungssystem sinn. Et muss also gréng sinn, dat schléisst net aus, Fotovoltaik do ze maachen oder deen een oder aneren Espace fir Open Gardening zur Verfügung ze stellen, wann dat esou gewollt ass. Dat funktionéiert soulaang een trotzdem garantéiert, dass d'Reewaasser eng gewëssen Zäit um Daach bleift an net direkt an d'Kanalisation geet.

Da war d'Fro zu der Mobilitéit, ob et eng Ampelanlag gëtt. Mir hate Reunionne mat Ponts et Chaussées, wou eng ganz Rei Zwëschevariante gemaach gi sinn an do ass och iwwerluecht gi fir op der Lëtzebuerger Strooss e Lénksobféier ze maache fir an dee Quartier eran. Dat



huet sech awer als net machbar erausgestallt, dofir ass de Choix dorop gemaach ginn, et ass néierens eng Ampelanlag déi virgesinn ass, dat funktionéiert mat Virfahrten oder keng Virfahrt aus dem Quartier eraus op déi aner Strooss. Dann ass dat ugeschwat ginn, wat d'Gare betrëfft. Mat der CFL hate mir och Reuniounen. Bei hinne gëtt et keen ausgeschaffte Projet, et ass kloer, dass déi Gare eemol muss erneiert ginn. Fir eis war et wichteg, dass um Enn vun dem Shared Space an och dofir de Grond wisou mir e puer Residenten zeréckgestallt hunn, dass e Signal do ass wou ee vun enger Siichtachs direkt op d'Gare gesäit an dofir dat méi attraktiv ass wann een e Siichtkontakt huet. Wou de Quai genau leie kënnt, dat hänkt mat de Rayonen zesummen a wou déi Zich kënne stoe bleiwen. Dat hu mir hinne mat op de Wee ginn.

Och dat Gréngs op de Parkingen ass ugeschwat ginn, och do ass e Minimum wou muss garantéiert ginn, well dat och mam Konzept vum Ofwaasser zesummenhängt. Et kann zum Beispill net sinn, dass do net genuch Buedem drop kënnt well mir soss net genuch Späicher hunn an dann déi Becken erëm misste méi grouss gemaach ginn. Dat alles läit also am Equiliber, esou dass do séchergestallt ass, dass de Parking begréngt gëtt. Et sinn insgesamt 6 Déifgaragen, déi virgesi sinn, woubäi bei engem Lous déi nach eemol kéinte gedeelt ginn an 2 Garagen, esou dass dat et der domat 7 wieren. De Phasage gëtt gekuckt wann de Projet d'exécution vum Promoteur operluegt gëtt, do muss mir eng Conventioun mat der Gemeng ausschaffen an da gëtt och vum Phasage geschwat, do ass et och wichteg fir den Accès fir déi Leit, déi do wunnen, ze garantéieren, dass dat gutt organiséiert ass, dat maache mir an der nächster Etapp och mat der Gemeng zesummen, fir do am Sënn vum Projet dat op den Dësch ze kréien. Et hänkt och dovunner of, wéi schnell de Promoteur dat wëll realiséieren, mä et gëtt bestëmmt net en bloc gebaut, do ass e Phasage dran. Wéi deen awer de Moment ausgesäit entzitt sech eiser Kenntnis.

Ech kann nach e bëssen op de Projet Lampertsbierg autofräie Quartier agoen. Aus deene Saachen, ech schaffen an der Stad Lëtzebuerg, a renseignéieren eis dann och wéi et ëm esou Quartieren steet. Éischtens emol muss ee soen, dass dat e Quartier ass deen een Drëttel vun deem Quartier huet, et ass e Quartier, deen un den ëffentlechen Transport perfekt ugeschloss ass. Et funktionéiert och alles mat der Versuergung mam Vëlo an deem Quartier. An esou engem Quartier muss och séchergestallt sinn, dass déi Leit keen Auto hunn. Déi Leit, déi esou eppes kafen, déi mussen garantéieren, dass se keen Auto hunn. An elo ass et esou dass si dat net fäerdeg bruecht hunn an déi Leit déi do wunnen hunn awer vereenzelt en Auto an dann ronderëm mussen kucke wéi se den Auto am Quartier müssen ënnerkréien.

E Quartier ouni Auto ze maachen ass haut nach net einfach, och wann een esou e Pilotprojet ka maachen deen eng aner Envergure huet wéi deen an der Stad. Mir sinn ëmmer fir esou Saachen, hei hu mir e Quartier gemaach, deen autoarm ass, am Verglach zu anere Mesuren hei am Land vun 2 Stellplaze pro Unitéit

an esou weider. Mir hunn et staark reduzéiert, vun 1, wat an Ärem normale PAG drasteet, do hu mir op 0,5 reduzéiert fir den ëffentlechen Raum. Déi ganz Evolution muss iwwer e Kompromëss goen, do ginn e och aner Méiglechkeeten, dass ee seet, mir bauen e risege Parking, deen net an de Buedem gebaut gëtt mä do sinn och Moosnamen dann, dass een d'Autoe regroupéiert am Ufank vum Lotissement well fir ze garantéieren, fir déi Leit déi do wunnen, do huet och de Promoteur net d'Méiglechkeet dat ze maachen, dass déi Leit keen Auto hunn, dat muss een sech bewosst sinn, soss huet een e risege Misär mat deene Quartieren, well dann déi Autoen am Quartier ronderëm stinn, da wëll ech net wëssen, wéi do d'Bierger dozou stinn. Mir kréie genuch Reklamatiounen genau och op deene Punkten. Quartier sans voitures, dat muss ee gutt iwwerleeë wou an a wéi engem Environnement dat soll stattfannen an do si vill Faktoren, déi virdru musse gekläert sinn, fir dass dat funktionéiert. Dat ass eis Erfahrung als Experten am Städtebau. Mir kéinten dat an deem dote Beräich net mat rouegem Gewëssen recommandéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Villmools Merci fir déi doten Erklärungen. Ech héieren hei eraus vun de Fraktiounen, déi Stellungnahm geholl hunn, dass generell begréisst gëtt, dass mir hei eng Baulück an Diddeleng erschléissen. Natierlech si verschidden Appreciatiounen ronderëm d'Mobilitéit, ech mengen, mir hunn hei eng Baulück, déi erschloss gëtt a wat d'Anciennetéit ugeet, déi eng fannen et net genuch, e groussen Deel heibanne fënnt, dass et duergeet, déi erdréiglech ass par rapport zu der Baulück awer och dem Environnement. Dat ass en Aspekt, dee ganz wichteg ass, dass sech dat abett, natierlech mat der Mobilitéit och verbonnen an do wäert och d'Claudia Dall'Agnol nach drop agoen. Wann ech hei déi Ausso héiere vum Här Martini oder ech weess net wien et war, déi Leit, déi en Auto hunn, sollen op eng aner Plaz wunne goen, ech fannen déi Ausso ganz grave, ech felicitéieren deene Leit, déi an engem Quartier wunnen, wou se mat hirem Auto parke kënne well wann hei iwwer d'breet Band gesot gëtt, dass mir déi sozial Mixitéit verdeedegen, dass déi eis och wichteg ass an och wann hei iwwer en autofräie Quartier geschwat gëtt, Lampertsbierg. Bon, de Lampertsbierg vun der Configuration socio-économique hir ass eppes ganz anescht wéi deen neie Quartier A Bëlle, respektiv den Environnement direkt.

Mir wëlle jo hei eng gewësse sozial Mixitéit, net eng sozial Klass. A mir wëssen, dass wa mir Mixitéit wëllen hunn, dass dann do och Leit kënnen an deem flotten neie Quartier wunnen, déi och Schichte schaffen, och dat ass eng wirtschaftlech Realitéit hei zu Lëtzebuerg. Ech stelle mir also d'Fro bei där Ausso, déi den Här Wagner gemaach huet, wéi déi Leit op d'Schaff komme wann se do wunne géifen. Eng sozial Mixitéit dréit mat sech, dass ee sécher nach en Auto kann hunn. De Stellschlüssel erofsetzen, dat hu mir hei definitiv gemaach an dass een niewent der regulärer Mobilitéit e staarke Fokus setzt op den ëffentlechen Transport sief et Zuch oder Bus. Och fir déi Fro vun der Wichtigkeet vun der Gare Diddeleng- Biereng, do sinn haut Pourparlère mat der CFL. Wann dat ëmgebaut gëtt, do muss enger-



säits dee bestehende Flux garantéiert ginn an de Rescht weider ausgebaut ginn. Dat wäert bei deem Projet net anescht sinn ewéi bei de Projekte vun der CFL wou eng Gare ausgebaut gëtt an awer de Flux garantéiert ass. Mir sinn eis eens, dass den Ausbau net da ka gemaach gi wann all déi Leit do wunnen dat ass och am Phasage festgehalten, wat déi Entwécklung vum Quartier ugeet, wou och muss parallel déi Entwécklung vum Arrêt de Gare gekuckt ginn.

Wat den Här Martini sot par rapport zu der Iddi vun der Gestion des déchets och wa mir hei en neie Quartier plangen, kënnen mir déi Gestion des déchets net individuell op ee Quartier kucken. Wa mir eng Gestion des déchets hei zu Diddeleng maachen, da maache mir se fir ganz Diddeleng a wann et do nei Méiglechkeete ginn, déi och um nationale Kader hir Plaz fannen, da kann ee gären doriwwer diskutéieren an et kann een och an der Ëmweltkommissioun doriwwer diskutéieren, mä mir fänken net un eng quartiersgebundene Gestéioun ze maachen déi just dee Quartier servéiert an all déi aner Quartieren ausschléisst. Mir hunn e Règlement, wat sech un dat nationaalt Gestion des déchets Gesetz ulehnt, an et ass an deem Kader wou mir eis befannen.

Déi selwecht Remarque och mat de Panneau-solaires, fir déi obligatoresch ze maachen. Am Moment sinn déi Installatiounen fakultativ. Wann een déi installéiert, dat huet e gewëssene Coût, a fir d'Leit ze motivéieren, dat ze maachen, gëtt et eng Subventioun. Wou d'Lokalpolitik sech dru grefféiert. Wann dat hei soll an engem Quartier obligatoresch gemaach ginn, wéi den Här Martini seet, da komme mir an eng ganz aner Logik, och national. Déi ass awer de Moment net do. Dat zu deem Deel.

Par rapport zum Här Thill, do muss een dann och wëssen a wéi eng Logik een sech befënnt. Et kann een natierlech bedauern dass Agrarterrainen verschwannen. Wann ech dat elo richteg eraus héieren hunn, a mir den Terrain net géife bebauen a stoe loossen, da géife mir och keng Wunnengen hei bauen. Et kann een net dat eent bedauern an sech gläichzäiteg fir Wunnengsbau staark maachen. Ech mengen hei si mir op de Wee gaangen, dass hei dat gebaut gëtt, well mir dann och nei Awunner kréien an en neie Quartier kënnen hunn.

Op autofräi Quartiere sinn ech agaangen, d'Madame Kayser an d'Madame Heinen hate Froe gestallt zum Arrêt vun der CFL, do sinn ech och drop agaangen. Och fir déi Iwwerleeung vun der Madame Goergen opzegräifen, mir ginn hei net op de Wee, radikal den autofräie Quartier anzeféieren, mä mir maachen dat hei iwwer eng Approche wou mir éischter en autoarme Quartier maachen an doduerch gewëssen Akzenter hunn an déi selwecht Approche, wou mir och bei Neischmelz gemaach hunn dass mir do um Stellschrauwerschlëssel dréinen. Ech denken, ech sinn op all déi generell Punkten agaangen, wat den Aménagement communal ugeet, wat de PAP A Bëlleg ugeet an ech ginn d'Wuert un d'Claudia weider. Just nach als generell Remarque, jo et wäert och nach ëmmer an Zukunft esou bleiwen, Madame Kayser, och hei zu Diddeleng, ech denken do un de Plan directeur Helper, wa mir do wëllen higoen.

D'Intentioun ass, nei Aarbechtsplazen ze schafen och um Niveau Neischmelz an och am Kader vun enger nationaler Politik, dass de Gros vun de Leit probéiert dogéint ze stéieren a fir dass den Taux villäicht erofgeet am Kader vun enger Approche décentralisée, mä dass de Gros wäert an d'Stad schaffe goen, well dat am Fong de Pol ass wou et déi meeschten Aarbechtsplaze ginn, dat ass Jorzéngten elo gefërdert ginn, mir si sécherlech elo an enger Optik fir zeréckzeschrauwen, mä dee gréisste Pol bleift an der Hauptstadt, respektiv ronderëm. Et ass wichteg, Efforten ze maachen, net nëmmen am Süden, mä och am Norden am Kader vun enger Dezentraliséierung niewent de staatleche Betriber Aarbechtsplazen ze schafen, mä dat wat iwwer Joeren opgebaut gouf wäert och Joeren dauere fir dat zeréckzeschrauwen an dat kréie mir net an 2-3 Joer hin.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert, viles ass scho gesot ginn, ech wëll virausschécken, den Här Glesener huet et scho gesot an de Buergermeeschter och. Dës Majoritéit steet fir e Mix. Mir imposéieren net, mä mir wëllen e gudde Mix tëschent ëffentlechem Transport, Vëlo an och Auto. Wann ech déi Diskussioun hei esou héieren, da verstinn ech ëmmer: "Mir wëlle vill Wunnengen, si musse bëlleg sinn a fir all Familljen, si müssen eng Mixité sociale hunn, vill Gréngs, vill Felder, kee Verkéier a kee Kaméidi" dat erënnert mech un eng eierlegende-Wollmilchsau, domat kënnen mir net déngen.

Madame Kayser, och do muss ech soen, ech hunn d'Impressioun wéi wann Dir bei all Bauprojet, beim PAG, ëmmer frot wéi ass et mat der Lëtzebuerger Strooss a wéi si mir mat den Diskussiounen mam Minister a mat der CFL amgaangen? Ech kann lech just déi nämlech Äntwert ginn, mir si mat där Diskussioun esou wäit wéi am Mäerz wéi de Minister hätt sollen op Diddeleng komme fir dat virzestellen an Dir wësst, dass mir dat aus Covid-19 Grënn missten ofsoen. Mä de Minister kënnt esoubal et méiglech ass, ech denken, Dir wësst dat awer an och dass mir hei wëllen en neie, flotte Projet: Dir wëllt net matstëmmen, sot et deene Leit, déi Schichte schaffen, sot et deene Leit, déi mam Auto fuere müssen a sot et deene Leit wou Dir sot, d'Leit wëllen net vun Diddeleng fort mä si kënnen sech hei keng Wunneng leeschten.

Groupe de travail ass nach eemol ugeklungen, ech ginn do net méi am Detail drop an, ech sot schon am Budget, dass mir domat amgaange wieren. Et steet esouguer am Budget dra: Sustainable Urban Mobile Planning. Rot eemol u wat et gescheitert huet, firwat mir den éischten Aarbechtsgrupp net konnten zesummesetzen? De Covid-19. Mir kucken awer elo wann et geet an eis keng Zill op de Kapp fält, keng 2. an 3. Well, dass mir da fir d'Rentrée am September-Oktobre deen Aarbechtsgrupp zesummekréien an Dir gitt do och invitéiert a kënnt och mat schaffen.

Dann d'Zon 30, Zon 20. Déi sinn u sech fir sécher Vëlo ze fueren a wann eng Zon 30 net sécher ass fir do Vëlo ze fueren, da muss een nobesseren, da kann een dat vu viraus kucken dass et sécher ass, fir dass een eben net



kann duerch eng Zon 30 mat 50 rennen, dat muss ee vu virera plangen. Da si mir erëm bei der Lëtzebuerger Strooss, op dat gefält oder net, mir sinn do net Här a Meeschter. Dat ass net eis Strooss an do hëlleft och näischt wat mir an engem Aarbechtsgrupp schéi fannen, mir müssen dat dann eraginn a vun uewen ofgeseent kréien an ech soen lech elo schonn, Ponts et Chaussées gesäit déi Strooss als eng Sammelstrooss oder eben Hauptstrooss well du muss däi Verkéier och kënne sammelen fir en ze evakuéieren, an net dass se duerch déi eenzel Quartiere fuere fir ofzekierzen dat versteet sech vum selwen. Da musse mir also esou Stroossen hunn an dass mir esou eng Strooss wéi d'Lëtzebuerger Strooss oder Zoufftgerstrooss brauchen, fir de Verkéier den och villäicht déi nächst Joer manner gëtt well d'Leit kënnen zu Diddeleng oder am Süden schaffen, den Verkéier den an d'Stad geet minimiséieren, villäicht och duerch e besseren ëffentlechen Transport mä mir brauchen esou Hauptachse fir de Verkéier driwwer ze leeden.

Vignetten, do steet an eise Reglement 2 Vignette pro Stot ech ka mech gutt un d'Diskussionen erënnere wou gesot gouf „firwat dann 2 Vignetten, mir hunn och Leit mat 3 a 4 Autoen, wat maachen déi dann!? Wat man déi mam Auto!?“ an elo gëtt gesot si solle keng Vignette kréien oder eng hallef. Dir wësst et an ech soen et och nach eemol: Eng Vignette ass net eng Garantie op eng Parkplaz. Dat soen ech bei all Diskussion.

Dann ass de Parkplazemangel, op dat elo an dem Quartier ass, Dir hutt villäicht allegueren d'Méiglechkeet an engem schéinen neie Quartier ze wunnen, wou kee Parkplazemangel ass, mä ech kann lech soen, dass et op ville Plazen, besonnesch an ale Quartieren, wou enk gebaut gouf, do wunnen haut och Leit mat Autoen, och do wunne Leit, déi den Auto brauchen. Besonnesch am Quartier Italien a Schmelz, wou besonnesch Aarbechter Schichte schaffen an hiren Auto brauchen, wou guer net kéinten ouni Auto liewen a wou och e grouse Plazemangel ass a mir de Problem awer net behewe kréien, well et dee Quartier ass wou et ass.

Dann zum Lampertsbiërg, den Här vum Architektbüro ass drop agaange mä et war e witzegen Artikel am Wort de 15. Mäerz vun der Madame Rita Ruppert an do gouf gesot an ech zitieren: „Eigentlech sollten die Wohnungen nur Bürgern ohne Wagen zuerkannt werden. Wie jetzt bekannt wurde, sind mehrere Besitzer einer Immobilie an der Anmietung oder dem Kauf eines Stellplatzes im Stadtteil interessiert.“ sou vill zum super Quartier an eng Madame seet dann och: „das Pilotprojekt wird auf diese Art kaputt gemacht“. Si hunn och gesot an der Stad, d'Leit kréiche keng Parkvignette mä iwwerdaachte Vélosstänneren, dat war dat wat d'Stad Lëtzebuerg geplangt hat an Dir hutt vu mir héiere wat dobäi erauskoum.

Flex ass ugeschwat ginn, dat kënne mir iwwerall do stellen, wou mir denken, dass et Sënn mécht. Dann nach zu de Busarrête wann et en TICE-Bus ass, kënne mir matschwätzen, wéi e soll fuere an den 305 ass net eise Bus, mä dee fiert iwwer d'Lëtzebuerger Strooss an déi späre sech sécher net dogéint fir do nach e Busarrêt bäi ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia Dall'Agnol, ech wollt just nach op de Volet vun der Schoul agoen, well mir haten doriwwer diskutiert dass mir Réserve-foncière hunn am Ribeschpont, wou mir amgang sinn, déi nei Maison Relais ze bauen, mä och Baltzing, do hu mir och eng Réserve foncière. Natierlech hu mir déi Iwwerleeungen dass een do den Ausbau ka maachen, dat kucke mir och parallel zum Phasage an der Entwécklung vum Quartier hei ass déi selwecht Approche wéi zu Lenkeschleé am neie Quartier, wou mir de Phasage parallel maachen, dass mir do Proximitéit kënne spille loossen an dass dat anenee gräift. Voilà, dat ass eng Suerg, déi mir zesummen droen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, ech hunn nach eng Zousazfro un den Här Architekt: Dir hat gesot, den Exkurs iwwer autofräie Quartier an Dir hutt Är Argumenter gesot, meng Fro ass wisou ass net ugeduecht gi fir dat ganz als Shared Space ze maachen dat wier eng aner Alternativ, wier dat do net méiglech gewiescht? Wéi war Är Iwwerleeung?

LUC WAGNER (WW+ ARCHITEKTUR A MANAGEMENT):

Jo, mir hu jo och Wunnstroosse mat Tempo 30, do ass ee vum Shared Space jo net méi wäit ewech, do ass keng Tempo 50 Zon, et ass mat de Leit aus de Servicer diskutiert ginn a mir denken, dass mir do e gudden Equiliber hunn, mir hu jo do eng Wunnstrooss.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach eng kleng Fro un den Här Buergermeeschter stellen, mam Phasage Dir hutt elo gesot dat hänkt dovunner of mä wësst Dir wéini et lass geet? Wat seet den Developpeur? Dass mir de Leit do kënne soe wéini d'Baggere kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, Baggere komme sécher net 2020. Dir sidd eng Zäitche scho Member vun dësem Gemengerot, Dir wësst, dass wann hei de PAP gestëmmt gëtt, da geet dat an de Ministère de l'Intérieur, dee muss dann approuvéiert ginn. Parallel gëtt dann un der Convention d'exécution geschafft vun deem PAP. Et kann een dovunner ausgoen, dass wann dat alles gutt geet, mir si jo elo Enn Mee, dass mir dat nach dëst Joer oder Enn des Joers an de Gemengerot kréien. Dann, wann déi approuvéiert ass, geet et lass mat den Infrastrukturaarbechten, mat deem ganze Stroosseraum, dat ass dat éischt, da si



mir am Laf vum 2. Semester vum Joer 2021. Am Kader wou dat alles gutt geet, muss jo och eng Baugenehmung ausgestallt ginn an an an, dat ass d'Timeline, déi een sech ka ginn. Mä 2020 op alle Fall net.

Dat gesot schloen ech vir, dass mir op de Vote iwwerginn, wat de PAP A Bëlleg ugeet. Wien ass domat averstanen? LSAP an Déi Gréng Wien ass dogéint? Wien enthält sech? CSV, Déi Lénk an den onofhängege Member.

Da soen ech dem Architektbüro Merci, dass se do waren an da gi mir op deen nächste Punkt iwwer. Dat sollt d'oppe Schwämm sinn, mä mir maache mat der Structure d'accueil am Quartier Italie weider, well et do dorëms geet eng Aire de jeux, Alentouren an och Mobilier z'installéieren an ech ginn dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

4. FINANCES COMMUNALES

4.2.1.+ 4.2.2. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'ETÜD AN DEN AMENAGEMENT VUN ENGER SPILLPLAZ AN ALENTOURE VUN DER ÉFFENTLECHER STRUKTUR AN APPROBATION VUM DEVIS FIR DE BANNENAMENAGEMENT A SCHRÄINEREI OP MOOSS (MOBILIAR)

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci Dir gesitt hei de Punkt 4.2.1 dat ass déi Spillplaz déi bei der Crèche soll gemaach ginn, dat ass eng Fläch vum 200 Quadratmeter, do gi Spiller installéiert fir Kanner vun 0-4 Joer, een Deel vun der Fläch ass iwwerdeckt, esou dass d'Kanner sech do och kënnen ophale wann et reent. Wat och virgesinn ass, ass e Stockageraum fir d'Bobby-Caren oder esou. Op der ganzer Fläch kënnt e Sol coulé drop. Dat ass néideg fir falls e Kand géif vun héijem eroffalen, da muss do e Sol coulé sinn, dat ass extrem deier, mir gesinn dat ëmmer an de Schoulhaff wa mir et iwwer eng kleng Fläch maachen an d'Spillplaz soll jo am Thema vum Zuch sinn. Dat passt gutt an dee Quartier, dat gëtt eng flott Plaz fir déi Kleng. Ech wëll awer schonn direkt soen - well Dir frot dat villäicht awer herno - et ass just fir Crèchen an net fir de Public. Mir hate 300 000 Euro virgesinn.

Ech hanken dann och direkt de Mobilier drun, do ass et esou, dass mir een Deel vum Devis virleien hunn, deen ass lichter méi héich wéi dat wat mir virgesinn haten. Doderch, dass de Mobilier fixe sur mesure muss gemaach ginn, doduerch ass et dann e bësse méi héich. De Mobilier mobile, do leie mir mat der TVA bei 100 000 Euro, dat sinn deier Saache wann een esou Still fir e Bëbee muss kafen, dat ass net geschenkt, mä ech fannen et

wichtig, dass hei eng gutt Qualitéit drakënnt, dofir proposéiere mir lech, dass Dir et esou unhuelt. Ech hunn nach den Eclairage op där anerer Spillplaz vergiess, dee gëtt och vun eise Leit gemaach, hei ass zwar elo de Mobilier. Wann do Froe sinn, kënnt Dir déi gär stellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi Presentatioun vun deenen 2 Devisen. Si Froen dozou?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci fir d'Presentatioun, Här Buergermeeschter a Madame Ries, ech hunn 2 Froen, déi éischt ass zu der Spillplaz. Do steet an den Dokumenter, Gazon, Espace ferré, Arbres wieren net am Devis dran. Gëtt dat och vun de Gemengeservicer ugeluecht oder kréie mir do méi spët en Devis? Dat war meng 1. Fro an déi 2. Fro betrëfft de Mobilier intérieur. 2017 haten déi Lénk gefrot fir do e Keller bäizesetzen - wat de Schäfferot och ugeholl huet - fir Archivraum fir den CDMH ze schafen an 2 oder 4 Bürossäll. Wann ech elo richteg gekuckt hunn, ass dat wat mir hei stëmme just de Mobilier interne vun der Crèche. Kënnt vum Keller do eemol eppes no? Dat ass meng 2. Fro. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, mir ware ganz agreabel iwwerrascht iwwer dee Projet hei vun deem Mobilier, dat ass eppes wat op Mooss gemaach gëtt, dat huet eng immens Qualitéit awer och en héije Präis, ech weess dat och aus mengem Beruff, mir kënnen dat also nëmmen ënnerstëtzen. Ech hu mech just gefrot, déi Dieren déi erakommen, déi gehéiere jo net zum Mobilier interne? A fir de Rescht, dat ass immens flott wéi dat amenagéiert ass, do si vill Plaze virgesinn, wou d'Kanner kënnen hir Mäntel ophänken a sech kënnen hisetze fir d'Schung auszuedoen, wou Caseë sinn, wou se kënnen d'Schung oder Stiiwwelen hisetzen. Well wéi mir och schonn oft gefuerdert hunn, kënnen si hei den Aspekt vun der Bëschcrèche an der Natur erliewen, esou dass se méi oft kënnen an de Bulli goen. Falls Dir awer der Meenung sidd, dass dee Volet Bëschcrèche ausgeschloss ass, kënnt Dir eis et elo soen, da musse mir dat net ëmmer erëm nofroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Dat ass gutt gefrot. Merci Här Gangler, Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, ech hu just eng kleng Fro, an zwar: Ass déi dote Spillplaz net fir de Public op? Do ass jo normalerweis den Trend, dass mir alles wéi och an de Schoulhaff maachen an esou, déi gi jo ëmmer genotzt.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Neen, dat stëmmt net. D'Crèche vun de Minettsdepp ass och net fir de grand Public op, mä d'Madame Di Bartolomeo-Ries kann lech do bësse méi erzielen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Bon, wéi gesot, ech hunn e puer Wuert dozou ze soen, ech fanne wéi bei all Betreierungsstruktur muss och hei an der Structure publique Quartier Italien déi obligatoresch virgesinn Aire de jeux geschaf ginn. Ganz flott ass d'Thema, ganz originell, d'Thema Zuch. Mir si jo do och net wäit ewech vun der Gare Usine. Um annexéierte Bild gesi mir Endstationen do stoen, esou wéi dat bei der Gare Usine och ass. Flott ass och déi iwwerdaachte Struktur, déi integréiert ginn ass an déi erlaabt, dass d'Kanner och bei Ree kënnen dobausse sinn. Wat awer an d'Geld schléit, ass de Belag, dee mir fir dee klengen Alter mussen agéissen.

Zum Mobilier sinn déi 400 000 Euro, déi hei zu Buchschloen, e grouse Montant, mä et ass awer net nëmme Miwwelen aus engem Katalog mä et ass e groussen Deel, deen op mesure gemaach gëtt. Wann een e spezifesch Miwwel huet, deen un d'Konzept vum Haus ugepasst ass, dann ass dat gutt investéiert Geld. Well, wéi mir gesinn hunn, wat hei alles ofgedeckt gëtt, hunn all Raimlechkeeten, vum Hall bis op de Séjour, d'Salle d'eau, déi e bësse méi spezifesch ass, an den Airtramp, dofir sinn déi Montanten do gerechtfäerdigt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Zuang och fir Är Zoustëmmung.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci, fir d'éischt zu de Froen vum Här Thill: Espace vert, dat gëtt effektiv vun eise Leit gemaach, mir amenagéieren dat selwer, dofir ass deen net am Devis. De Mobilier vum Büro, deen ass eenzel. Dee Budget kënnt eréischt. Dann zu den Dieren, dat gehéiert an dat ganz mat dran, dat ass matgestëmmt. Dann ass d'Bëschcrèche, ech soen et elo nach eemol an ech hunn et scho ganz oft gesot, mir geet et selwecht wéi all aneren. Mir wëllen eng Bëschcrèche, déi gehéiert net onbedéngt an de Bësch. Hei wier dat Konzept awer schonn ugepasst, well do wou déi Crèche läit, ass et nëmmen normal, dass d'Kanner vill an de Bësch ginn an och dat gëtt hei selbstverständlech gemaach. Den Här Zuang sot et schonn, net op fir de Public, och bei de Minettsdepp ass d'Spillplaz just fir si, hei ass et selwecht.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach just eng Propos maachen: Et wier villäicht och flott wa mir d'Konzept vun eise Crèchen eemol alleguerten op de Leescht huelen, sief dat an enger Schoulkommissioun, wou mir och ëmmer Pläng vun de Maison Relais hunn, och wéi dat zum Beispill mat der Ernährung ass, well do weess ech, dass verschidden Eltere fannen, dass d'Ernährung net un den Alter ugepasst ass. Dat misst ee villäicht eemol op de Leescht huelen, dofir meng Propos fir dat an der Schoulkommissioun eemol ze maachen.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Dat sécher gären, ech denke wa mir grad keng Schoulorganisatioun ze plangen hunn, kënnen mir dat maachen, global nëmme

Crèchen a wéi mir domat virufueren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, da géif ech soen, dass mir bei de Vote kommen, mir huelen déi 2 Devisen zesummen, wien ass mat deenen Devisen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.1. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'MISE EN CONFORMITÉ VUN DER OPPENER SCHWÄMM

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir e Punkt zeréck an da komme mir bei eis Sportsinfrastrukturen, méi präzis bei d'oppe Schwämm fir den Devis estimatif ze stëmmen. Ech begréissen hei eis Architektin déi um Projet schafft, d'Lisi Teisen an den Architektbüro Inca, den Här De Toffol an den Här Eichen, déi hei si fir déi néideg Detailler ze ginn. Et ass esou, dass mir de Projet an 2 Phasen realiséieren, déi aktuelle Phase déi amgang ass, wou mir natierlech duerch d'Covidkris e Baustopp haten a wou mir och a Verzug geroode sinn, wéi bei ville Projeten hei zu Diddeleng an hei am Land. Wou mir och an der Situatioun sinn, wou d'oppe Schwämm nach net wäert opgoe weinst de Rassemblement an anere besonnesche Regeln, déi de Moment gi sinn an och weinst dem Gesetz fir nom Deconfinement. Sou ass et dann elo esou, dass mir wëlle profitéieren fir direkt mat der zweeter Phas weiderzufueren. Dat ass d'Ausrichtung, déi mir hei als Schäfferot wëllen huelen. Da ginn ech hei elo d'Wuert weider un den Här Spina, eise Sportsschäffen an och un den Architektbüro an d'Architektin.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, effektiv profitéieren mir an deem Sënn vun der aktueller Pandemie, dass mir déi 2 Phasen, déi mir virgesinn haten, zesummeschloen, esou dass mir d'nächst Joer eis oppe Schwämm kënnen opmaachen. Eng Schwämm, déi eng länger Traditioun hei zu Diddeleng huet an och immens beléift ass, virun allem bei eise Familljen an den Diddelenger an Net-Diddelenger. Als Gemeng ass et wichteg, déi Offer fir eis Diddelenger weider unzebidden an dohier dann esou investéieren, dass mir eng gewësse Plus-value kënnen doraus zéien. Et ass eng richtig Herkulesaufgab wann een duerch deen Dossier kuckt, dofir och vu menger Plaz nach eemol e grouse, grouse Merci fir eise Service des Sports an och fir de René Tessaro, dee mat eise Servicer zesumme ganz vill dorunner gebastelt hunn an den Challenge bleift fir dat ëmzesetzen an an dee respektiven Delaien ofzeschlësse well och do wäert déi Pandemie eis begleeten a mir wësse wat fir Schwierigkeeten op eis duerkommen. Op alle Fall ass dat wat mir hei presentéieren e ganz flotte Projet an deem Sënn, dass mir den Agangsberäich op de Pläng erëm wäerte gesinn, do beim Centre Hartmann, wou och de Parking ass, dass och do de Flux vun de Visiteure méi vereinfacht gëtt. De Keessentrakt gëtt ganz dohinne verluecht, da kommen ech als Visiteur do eran an da sinn ech relativ no beim Vestiairesraum, esou dass do d'Weeër ganz kuerz sinn eier ech op de Site ginn. Dat wäert méi agreabel sinn an och falls sech do eng Schlaang bei der Entrée wäert bilden, dass do och méi flott d'Méiglechkeet ass fir kënnen am Schiet ze stoen an och soss de Passage deen op der anerer Säit um



Trètttoire war, méi vereinfacht wäert ginn.

Do ass dann och een Aspekt vun der Maison Relais an der Piscine wou sech dat virdrun e bëssen iwwerschnidden huet mat den Entréeën, mä herno kréie mir uewen déi Terrass fräi an dat gëtt ganz der Maison Relais iwwerschriwwen, esou dass mir do zwee flott, nei Aspekter kënnen erreechen. Net wäit ewech vun der Entrée ass de Pavillon vun de Schwammmeeschteren, respektiv vun der 1. Hëllef, do hunn se e gudden iwwer Bléck iwwer déi ganz Piscine an awer och e gewësse Confort wat hiert Schaffen an der praller Sonn ubelaangt, well dat kléngt villäicht am Ufank flott, mä et ass awer schwieereg do stonnelaang an der Sonn ze stoen an dobäi déi riseg Verantwortung ze droen. A wann d'Schwämm gutt gefëllt ass, ass et ëm esou méi schwéier, dofir ass et wichteg, dass si uerdentlech an optimal Aarbechtsbedéngungen do zeréckfannen.

Dann, en neie Moment hu mir laanscht dee grouesse Baseng mat der Tribün dat war eng Demande vun eisem Schwammclub. Wéi esou oft wa mir e Projet ëmsetzen am Sportsberäich, si mir ganz oppe fir dat wat d'Veräiner wëllen notzen. Hei war de Wonsch eben opkomm well se regelméisseg och an der oppener Schwämm trainéiere wann d'Wieder et zouléisst. Dir wësst, dass de Waasserballclub do aktiv ass, och de Schwammclub an d'Synchronschwammen. En neie Moment ass alles wat ronderëm de Kiosk ass, do hu mir vill ronderëm gedoktert an do ass de Volet vun der Biergerbedeelegung eragezu ginn a mir hunn d'Noperschaft an déi Diskussioune mat erageholl, wat och mat sech bréngt, dass do aner Vuen opkommen, engersäits d'Vue vun der Gemeng awer och déi vun all eenzelen Noper op déi Schwämm, respektiv de Chantier an et ass schwieereg, do eppes ze fanne fir all Mënsch. Dofir hu mir do vill ronderëm gedoktert, sinn e spannende Prozess do duerchgaange mat eise Leit an awer och déi Büroen, déi eis begleeden a mir hunn elo eng ganz flott Solutioun do ze presentéieren, déi Dir do och wäert am Dossier erëmfannen.

Ënner der Terrass, integréiert an de Vestiaireentrakt, deen och historiesch geschützt ass, och dat ass eng Plus-value vun deem ganze Projet, dee Kiosk, deen do wäert manner Plaz huele wéi uewen, deen awer do perfekt integréiert gëtt an och an dat Naturkonzept passt, dat Gréngs wat do ronderëm ass, esou dass d'Leit kënnen vun deem Kiosk profitéieren, allgemeng eng Verbesserung vum Site, eng Verschönerung vum Site. Mir profitéieren och fir déi ganz Gréngzonen a Stand ze setzen, dat mécht eis Gäertnerei, esou dass fir de Visiteur um Site do eng flott Plaz ass wou en sech kann zeréckzéien an och fir eng Trennung ze maachen, déi Grénganlage gi ganz eenheetlech opgezunn esou dass och do e Sichtschutz ass fir déi Noperen, déi och do Terrassen hunn an och eng Belichtung, déi deem Site ugepasst a verbessert gëtt, dass och do manner Nopere belaangt ginn.

Wann een op esou en Sitten oprappe geet, profitéiert een dovun fir déi Infrastrukturen ënner dem Buedem a Stand ze setzen, esou dass mir och do a punkto Fuitte viles konnten opbesseren an iwwerhaupt déi Waasseranlag konnte mir hei och méi zougänglech maache fir

datt d'Personal, dat fir den Entretien suergt, do besser dohi kënn. Sécherlech ass dat fir déi Leit, déi am Alldag domat ze dinn hunn, eng Verbesserung. Ech denken, ech sinn esouwäit global op dee Volet agaangen an ech géif d'Wuert weidergi fir an den Detail vun deem Projet ze sprangen.

LISI TEISEN (ARCHITEKTIN): Gudde Moien Dir Dammen an Dir Hären, mir deelen eis d'Presentatioun an dräi Deeler op, als éischt géife mir lech d'Pläng weisen, da gi mir an op de Budget an da géife mir lech en Abléck ginn an den aktuelle Chantier mat enger klenger Fotomontage, fir dass Dir déi Komplexitéit vun deem ganze Projet gesitt an och besser kënn novollzéien, wéi sech déi 2 Phasen opdeelen. Dat heiten ass elo e Bild vun der Etude de faisabilité, déi mir opgestallt hunn 2017 an dat krut Dir deemools, virun engem Joer, gewisen. Zu deem Zäitpunkt hu mir d'Entrée virum Gebai erhalen a sinn da mat engem Pavillon laanscht d'Grenz gaangen an hunn esou de Site bespilt. Duerno koum d'Erkenntnes, dass mir viles besser kënnen opdeelen andeems mir d'Entrée verlagere, Richtung Hartmann wéi scho gesot, an do eng richtig flott Entrée kréien, kee Stress méi tëschent der Maison Relais an dem Visiteursfloss vun der Piscine, mir entzerren déi zwee Fluxen, d'Leit kënnen um Parking parken.

Dir gesitt, déi rout Gebaier sinn déi nei Gebaier, dat ass d'Entrée, do hu mir de Bambestand virun der Dier, deen op de Parking kuckt, do kënnen d'Leit dann och am Schied waarde bis se duerchgelooos ginn. Mir hunn 12 bis 13 000 Leit, déi kënnen an dat Areal erageloos ginn. Eis Kees ass esou geréiert, dass mir do kënnen zwee Fligele bedéngen an direkt kënnen an de Vestiaire goe fir sech unzedeien an dann eran op de Site. Hei ass de Vestiairespavillon, et kann een sech hei anescht undoen, hei ass d'Kees, da kann een sech direkt op déi verschidde Wisen opdeelen, da kann een do weider goen, wou een dann déi Kioskoptioun huet, wou déi hannescht Fassad vun deem Gebai an hei bannen dran an dann awer och mat engem Verkafskiosk op dem Niveau vun der Piscine, Verkaf ubidden.

An deem aktuelle Bestandsgebai géife Clibb a Klassen ënnerkommen. Do ginn et grouss Sammelvestiären an hei an deem ëffentleche Vestiaire ginn et Einzelkabinnen a Familljekabinnen, esou dass een dat trenne kann. Hei déi Tribün wéi schonn ugedeit an hei déi Gréngzonen, déi mir schafe wëllen als Puffer fir d'Noperen an och als flott Liegewiese. De Projet hu mir opgedeelt wéinst de Saisonen, esou dass d'Piscine am Summer kéint opgoen, wat allerdéngs elo leider net klappt. Do gesitt Dir wat mir an enger 1. Phase konnten ëmsetzen. Dee grouesse Baseng 1 an déi ganz Technik am Bestandsgebai an dee ganze Réseau enterré. Dann ab Hierscht fänke mir déi 2. Phas un, do komme mir aus dem Buedem eraus a fänken dann un, héich ze bauen, dat heescht, do kéimen déi nei Pavillonsstrukturen am Agangsberäich drun, wéi awer och d'Renovatioun vum Bestandsgebai an d'Integratioun vum Kiosk, esou dass an engem Joer de gesamte Projet kann ofgeschloss ginn, wéi en hei komplett ze gesinn ass. Hei ass elo de Projet am Grondrëss duergestallt. Wat eis och gefall huet ass, dass mir mat deem ganze



Mouvement vun der Entrée vun der Maison Relais, déi als direkten Noper do drun hänkt, eppes zeréck kënnen ginn, nämlech de Virberäich wou bis elo ëmmer d'Kees war an och dass si d'Sonnendeck um 1. Stock kënnen komplett recuperéieren. Dat léist villäicht dee Frust, dee bis elo war, dass déi eng wéi och déi aner et kënnen benotzen awer kee weess wéi a kee genuch, dat heescht, herno hu mir eng flott Situatioun, déi Dir hei an den Ansichte gesitt, eemol d'Bestandsgebai an der Rue du Parc, wou ee gesäit, de Charme vun deem 50er-Joerestil wat jo och geschützt ass, erlieft eng Renaissance well de Kiosk ewechgeholl gëtt an hannendrun dann integréiert gëtt, deem ass hei duergestallt. Dat heescht, et huet ee vun der Piscinesäit riets de Kiosk duuss integréiert, dee gliddert sech an der Héicht an um Format gutt un. Dat ass zesumme mat der Gemengenarchitektin a Sites et Monuments gekuckt ginn, fir dass dat zäitgeméiss mat deem historieschen Deel verbonne gëtt. Da géif een ebe profitéieren, dass déi Terrass, déi d'Maison Relais kritt, frëschgemaach gëtt, nei sanéiert gëtt an en neie Belag kritt.

Wat mir do och erreechen, ass, dass mir d'Fluchtweesituatioun an der Maison Relais och besser geléist kréien, well mir eng zousätzlech Fluchttrap hunn, déi mir direkt an deem neie Schoulhaff maachen. Net dass et iwwer de Site vun der Piscine geet, wéi bis elo. Dann ass hei nach uewen eng Vue vun den Noperen op d'Gebai, vun dem rechten Deel an dee kleng Kiosk verschwénnt hannert enger Heck. Da gesäit een do d'Gebai, dann zu der lénker Säit gesäit een do de Bambestand, dee mir erhalen, opwäerten an zum ënneschten Deel ass dann, wann ech um Parking sinn an ech kucken op den hënneschten Deel, dann hunn ech déi dräi flott Beem, dee Bambestand, dee mir inszenéieren an da lénks a riets d'Gebaier an d'Vestiaires.

Hei hutt Dir elo eng Visualisatioun. Dat heescht, déi Bestandsbeem mat hire Backen, wou een och als Sätzberäich notze kann, dann d'Keessen an zu der rietser Säit d'Vestiaires. Nodeems déi Pavillon an Trennung sinn zum ëffentleche Raum, hu mir et gepackt, dass net alles clôturéiert gëtt, mä eis Réckfassad ass eis Grenz, esou dass een net alles clôturéiere muss, well mir jo och héieren hunn, dass sech do mol een nuets gären eraschläicht. Dann, wann ech elo op der Wiss sinn an ech kucken de Centre Hartmann, dann d'Umkleide an op der rietser Säit d'Maison Relais mat dem Baseng 1. An hei sinn ech elo mam Réck zum Kiosk an op der rietser Säit d'Maison Relais an hir Terrass. Elo kéime mir zum Budget.

WALTER DE TOFFOL (INCA): Wat elo de Budget ugeet, Dir gesitt elo hei den Tableau, dee komplett elo ass, eng Kéier op der lénker Säit, déi gréng Fläch, de Budget, dee votéiert gouf. Dat war natierlech fir d'Partie 1. Dann doniewent d'Commanden, déi vergi goufen. Dann déi 3. Spart sinn d'Imprevuen oder d'Supplementen, déi mir kritt hunn, Dir gesitt herno wat dat duerstellt. Déi orange Spalt ass de Budget vun der Partie 2, déi am Hierscht wäert starten. Déi blo Spart ass den totale Budget. Dir gesitt och ënnen am Tableau eng Linn wou och Imprevuen nach dra sinn, mir hunn do also nach e

bësse Marge falls eppes op eis duerkënnt, wat elo déi 2. Phas do ugeet. Dann, ganz ënnen, de Budget komplett mat den Honorairen a mat der TVA. Da kënnen mir villäicht op deem nächsten Slide goe fir eng Rekapitulatioun ze maachen. Hei gesitt Dir ganz kloer ëm wat et geet. Dat do ass d'Partie 1 op 3,544 000 Euro, da kommen 829 800 Euro TTC dobäi, d'Partie 2 ass 4,7 Milliounen Euro an den Total wier dann 9 100 000 Euro TTC, Honoraires compris.

Villäicht ass et interessant, dann op deem nächsten Slide iwwerzegoen, ech weess elo net op d'Fotoen da wäerte kommen. Fir lech genau ze erklären, wat déi 600 000 Euro hors TVA duerstellen, wat déi Surprises ugeet. Do ass et ganz interessant ze gesinn, wat do virgefall ass well wat mir entdeckt hunn, wéi mir déi Folie vum bestoende Baseng erofgeholl hunn, de Liner, do hu mir gemierkt, dass déi ganz Wänn an der ganzer Perimétrie voller Rëss waren, mir hunn also missen déi ganz Rëss refektionéieren. En plus kouw dobäi, dass déi Wänn all-eguerten, also och do an der ganzer Perimétrie quasi bombéiert waren. Mir hunn dat also misste komplett ewech kappe fir do honnertprozenteg riicht Wänn ze kréien.

Da weider, dat zweet grousst Thema war de Fong vum Baseng, do hu mer erausfonnt wéi de Liner bis ewech war, datt do zwou Decken am Fong waren, déi waren duerch eng Asbestcouche getrennt. Dat hu mir natierlech misse komplett entsuergen, dat war eng ganz haart Aarbecht an natierlech war de Käschtepunkt deementspreechend, ech kann lech herno déi eenzel Aarbechte weisen, wann Dir wëllt. Dat sinn déi 3 Biller, déi dat genau weisen an dat heiten och. Dir gesitt wat dat duergestallt huet um Niveau vum Asaz, dee mer hu misste maachen. Dat do ass um Niveau vum Gros oeuvre elo de Fong, dee fäerdeg ass.

Dat 3. Element wat a Fro kouw, dat war déi Iwwerdeckung vum Bassin tampon, d'Kathedral wéi een deem nennt, do hu mir gemierkt dass déi Decken, déi do driwwer war, vum Rascht komplett ugegraff a mir hu missen decidéieren, dat komplett ewechzehuelen an neizemaachen. Esou dass dat déi Aarbecht duerstellt an och dee ganze System vun Trennwänn nei gemaach.

Dat 4. Element sinn d'Reseaux enterrés do hu mir opgemaach a gemierkt dass vill Leitunge futti waren, déi hu mir och dunn all erneiert, da kouw dobäi, dass den Uschloss un de Reseau vun de Reewaasserleitunge sollt um Parking gemaach ginn, dunn ass awer gemierkt ginn, dass deem iwwerdimensionéiert ass, dofir hu mir den Uschloss da léiwer beim Haaptgebai, beim Bestandsgebai, gemaach, dat war och eng relativ wichteg Interventioun, esou dass mir domadder awer och déi ganz Leitunge frëschgemaach hunn an déi fir d'Zukunft wäerte ganz wichteg sinn.

Dann esou méi kleng Elementer, dat ass vun der Sécherheet hir gefrot gi spéider hin, wéi mir déi Sécherheetsexperten dobäi haten, fir eben déi Nouttrappen am Baseng, fir déi Leit à mobilité réduite och op eng komfortabel Aart a Weis kënnen eranzebréngen. Dat sinn u



sech déi Elementer, déi wichteg waren, déi grouss Punkten, déi zu deene Supplemente gefouert hunn. Sou, ech menge vun eiser Säit ass dat dat wichtegst.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi Presentatioun vun der 2. Etapp wat d'Renovierungs- an Erneierungsarbeiten vun der oppener Schwämm ugeet, awer eben och fir en Devis remanié virleien hunn, dat war virdrun net esou am Detail. Et ass wichteg, dass den Ingenieurbüro hei ass fir ze erkläre wat déi 1. Phase och ugeet a bei enger Infrastruktur, déi zwar ganz beléift ass, awer och al ass a sanierungsbedürftig ass, respektiv wou Surprisé kënnen optauche wann een d'Folie ewechhëlt. Dofir hu mir lech hei déi Fotoe gewise fir dass Dir de Surcoût verstitt, deen op den initialen Devis komm ass, dee mir gestëmmt hunn, well mir zu deem Zäitpunkt déi Erkenntnisser net haten. Esou hutt Dir e Gesamtbild iwwer deen Devis. Dat gesot, d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, mir waren och erschreckt wéi mir gesinn hunn, dass et esouvill méi deier gëtt. Mir soen awer elo villmools Merci fir déi ausféierlech Erklärungen do. Wann ech dat richtig verstanen hunn, ass dann elo den 1. Deel vun der 2. Phas komplett ofgeschloss. Ass de grouss Baseng komplett fäerdeg oder ass nëmmen de Gros-oeuvre vum Baseng fäerdeg? Dat wier interessant ze wëssen. Wann deen 1. Deel dann elo fäerdeg ass, kréie mir dann do schonn en Dekont? Musse mir dat elo bezuelen, well mir jo hei alles, den 1. an den 2. Deel zesumme maachen, gëtt dann och ëmmer bezuelt au fur et à mesure wéi d'Arbechte virukommen?

Zweetens hu mir dat och d'lescht Joer bei der Virstellung scho begréisst, wéi déi nei Opdeelung vun de Vestiaires an esou ass, an dee flotten Accès zum Parking. Dat ass och eng ganz gutt Saach, dass dee Parking et méiglech mécht, dass och déi Behënnert an déi Schwämm kommen, dat war virdrun net de Fall well do Trape ware fir eran an eraus. Wann ech dat also richtig gesinn, waren déi behënnert Persounen oder Leit mat enger Mobilité réduite scho bal – wann een et krass géing soen - vun der oppener Schwämm ausgeschloss gewiescht. Deen neien Accès ass jo elo behënnertegerecht. Ech hunn an deem Kontext eppes vun Dräikräizer gelies, elo wollt ech am Detail froen ob nieft deenen Dräikräizer awer villäicht och Barrière sinn, déi kënnen opgemaach gi wann déi Personnes à mobilité réduite mam Rollstull oder änlechem oder Leit mat enger Kanerksch era wëllen, well duerch en Dräikräiz kommen déi jo net derduerch?

Den 2. Deel vun der 2. Phas gëtt immens deier. Do hat ech e gewësse Problem mat enger Saach, déi d'Madame Kayser am Gemengerot sot vum 22. Mäerz d'lescht Joer: Do hate mir och ofgeschat wéi deier den 2. Deel gëtt an do hat si gesot 5 Milliounen Euro a vun deenen 3,2 Milliounen Euro ofgezunn, déi mir nach haten, da missten nach ongeféier 2 Milliounen Euro bleiwen. Elo si mir op 9 Milliounen Euro, ofgesi vun där, déi als Supplément opgrond vu Surprisen dobäi komm ass. Elo weess ech net, war dat e Lapsus villäicht oder ass dat

falsch iwwerdroe gi vun der Retranskriptioun vum Gemengerot? Da war nach eng aner Fro: D'lescht Joer sot d'Madame Theisen: "Am 1. Deel gesitt Dir déi allgemeng Aarbechten um Baseng an den Entretien vun de Leitungen an Dir gesitt wat schonn direkt gemaach gëtt, och déi Plattform fir d'Schwämmeeschteren". An do huet se gesot "an eng 2. an 3. Plattform kommen nach no", déi gesinn ech awer elo néierens am Plang vun der 2. Phas vun de Vestiaires an allem wat do soll opgeriicht ginn. Elo weess ech awer net wat do den Detail ass vun der 2. an 3. Plattform oder ass do och eppes falsch opgeschriwwen ginn?

Dann hat ech mir d'Fro och nach gestallt: Wou ass déi metallene Trap fir vun der Terrass vun der Maison Relais erof? Déi gesäit een net gutt op de Biller, mä Dir sot, déi ass do verstoppt hannert deem Bam, da schéngt dat déi ze sinn, déi elo schonn do ass. Ech hu geduecht, déi wier einfach just eng provisoersch Trap fir d'Aarbechter, dat schéngt da jo awer déi definitiv Nouttrap fir d'Maison Relais ze sinn. Wann elo do awer eng aner hikënt wéi déi wou een do elo gesäit, da kënnt Dir eis dat vläit soen.

An da meng lescht Fro: Do steet iergendwou eppes vu Mesures sanitaires Covid19, e Montant vu 36 000 Euro. Sinn dat elo Mesuren, déi elo hu misse geholl gi fir déi Aarbechten, déi elo schonn amgang sinn oder ginn do iergendwellech Mesurë geholl fir spéider Covid-19 Situatiounen? Wann Dir er do kéint Detailler ginn. A fir de Rescht, och wann et deier gëtt, begrëisse mir dee Projet trotzdem, mir brauchen déi Schwämm, dat ass eppes Eemoleges, eng flott Saach hei am Süden an dat zitt vill Leit un. Eng Stad wéi Diddeleng braucht dat, do sti mir voll dohannert an dass dat nun emol alles méi deier gëtt, dofir kënne mir net. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler, Madame Goergen an dann den Här Claude.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, also vun eiser Säit e grouss Merci fir déi Presentatioun vum Projet an déi Zousazklärungen zu den Aarbechten. Wat de Rescht ugeet, do kann ech mech kuerzfaassen, insgesamt ass de Projet immens flott a mécht d'Schwämm nach méi attraktiv ausserdeem fanne mir et gutt, déi Schwämm nohaltig ze sanéieren dofir ass et fir eis kee Problem, déi zousätzlech Fraise matzedroen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dofir.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci, och d'LSAP Fraktioun seet den Dammen an Hären aus dem Architektbüro villmools Merci fir déi flott Presentatioun an déi präzis Explikatiounen vun der 2. Phas vun der Mise en conformité vun eiser oppener Schwämm. Viru 14 Méint war ech kuerz op d'Geschicht vun eiser Schwämm agang. Et sinn elo 67 Joer hir, dass déi Anlag ageweit ginn ass. Eng Anlag, an där säitdem vill Dausende Leit während den Summer Méint vill flott Momenter verbruecht hunn. Am Laf vun deene ville Jore sinn zwar verschidde Moder-



niséierungemaach ginn, mä d'Zäit fir eng grëndlech Renovéierung, déi d'Gesamtbild vun der Schwämm wäert deelweis veränneren, ass elo komm. Ugefange mam grouse Baseng, wou en neien Ofafkullang an och en neie Beckebuedem an och eng Zougangstrap fir Rollstill gebaut gëtt. Eng Ennerwaasserbeliichtung, eng nei Ofdeckung, eng weider Zougangstrap an nei Alentoure mat ville Grénganlagen ronderëm de Baseng si geplangt. Et ass geplangt, dass an deem 50-Meter Baseng verschidde sportlech Aktivitéiten a Competitiounen wéi Synchroschwammen, Waasserball, Rettungsschwammen organiséiert kënnen ginn an datt dofir eng kleng Zuschauertribün virgesinn ass. Dat Entréesgebai mam Keessentrakt kënnt op d'Säit vum Parking vum Sportszenter. Doniewent kommen dann déi nei Vestiaires.

En Aussichtsuerm an eng Éischt-Hëllef-Station droen zu der Sécherheet vun deene klengen a grouse Schwëmmer a Schwëmmerinne bäi. Dat lescht Joer hunn tragesch Zwëscheffäll hei am Land gewisen, wéi wichteg eng gutt Versuergung ass. Schlussendlech kënnt en Eenzellager fir d'Schwammlängten dobäi. Bei dat bestoend Gebai komme Sammelvestiaire mat Dusch fir Klassen a Sportsveräiner, en Openthaltsraum an eng Kitchenette fir f'Personal a weider Lagerraim bäi. De Kiosk gëtt an dat aalt Entréesgebai integréiert an dat zu der vollster Zefriddenheet fir d'Uraier. Sou steet déi al Terrasse ausschliesslech der Maison Relais zur Verfügung. Do kënnt och eng zousätzlech Nouttrap fir d'Maison Relais dobäi. Alles an allem hu mir e flotte Projet virleien, deen dat nächst Joer ab Mee net nëmme vu de jonken Awunner vun Diddeleng genotzt gëtt, mä och vun den Nopeschgemengen aus dem In- an Ausland profitéiert ka ginn. D'LSAP stëmmt deem Devis zou.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter, ech ka mech kuerz faassen, ech schlësse mech deem wat d'Madame Goergen sot un a soen dem Architektbüro an dem Ingenieursbüro Merci fir déi Explikatiounen zu deene zousätzleche Coûten, dat si jo awer bedeitend Chifferen, dann ass et ëmmer flott eng Explikatioun ze kréien. An et war och logesch, dass wann déi Schwämm schonn deelweis erneiert gëtt, dass déi Schied dann och behuewe ginn. An deem Sënn Merci also fir déi Presentatioun, mir stëmmen dee Projet natierlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Zoustëmmung. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech hu just eng technesch Fro, vläicht kënnen d'Architekten mer déi beäntweren: Bauen an de 50er Joere war e bëssen anescht wéi haut. Mä wéi kënnt deen Asbest ënnen de Baseng? War dat als Isolatioun geduecht oder wat? Asbest ass fréier geholl ginn als Brandschutz, mä wéi kënnt deen ënnen de Baseng?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, och déi Erklärung kritt Dir ganz sécher, ech wollt just nach op dat agoe wat de finanziellen Deel ass. Et gëtt also ganz kloer eng Phas 1, do hu mir den Devis

remanié par rapport zum Devis vum leschte Joer, dat ass dann en Aval politique, dass mir déi Mehrausgaben tätege kënnen, am Budget vun deem Joer ass eppes dran, an dann d'Phas 2 wou mir den Devis haut stëmme fir dat kënnen dann an Ugrëff ze huelen. Déi 2. Phas, do sinn nach guer keng Ausgabe getätegt well et déi 1. Phas grad eréischt ass. D'Phas 1 gëtt ofgeschloss, respektiv gëtt d'Ausschreiwung da gemaach fir dass dann d'Phas 2 ka weiderfueren nom Marché-public-Gesetz an deenen néidegen Attributiounen. Dëst gesot, ginn ech d'Wuert weider un d'Architektin an den Här Toffol fir déi méi technesch Froen.

WALTER DE TOFFOL (INCA): Voilà, ech erlabe mir dann einfach eemol d'Wuert ze huelen an ze versichen op déi Froen ze äntweren, déi am Ufank gestallt gi sinn. Eemol wéi wäit se mat den Aarbechten elo um Site sinn, do kann ee soen, dass de Gros-oeuvre zu 85-90% fir d'Partie 1 ofgeschloss ass. Mir leien do gutt trotz der sanitärer Kris. Den Avantage läit doran, dass wa mir direkt weiderfuere kënnen no der Partie 1, no der Ausschreiwung fir d'Partie 2, dat wier e grouse Virdeel, méi interessant wier et wann déi selwecht Entreprise, déi de Gros-oeuvre elo mécht, dat géif kréien, mä dat bleift ofzewaarden, dat ass an der Kompetitioun ze gesinn.

Déi 2. Fro um Niveau vum Devis, do hutt Dir Recht, den 22. Mäerz 2019 wéi dat virgestallt gouf war net alles bekannt. Dat ass emol dat éischt. Da musse mir awer als Entreprise och zouginn, dass mir dat ganzt ënnerschat hunn, mir hu verschidden Imprévue gesinn, mä et sinn nodréiglech och vill Saache bäikomm, Saachen, déi och gefrot gi si fir de Projet ze verbessern. An op där anerer Säit och déi Erneierungen, dat si Saachen, déi esou eng Installatioun awer och verlaangt. Op enger Säit hätt ee kënnen spueren, wou een dann herno um Niveau vum Entretien méi Käschten hätt. Wat zum Beispill d'Waasseropbereedung an den Entretien ugeet, ass een esou awer, géing ech soen, déi nächst 20 Joer roueg. Ech denken, et war schonn déi richteg Approche fir do déi Saachen neizemaachen.

Dat 3. war eng Fro iwwer déi 35 000 Euro, déi mir opgestallt hunn um Niveau vum Covid 19. dat hu mir esou agebaut well mir wëssen dass dat eent oder anert nach op eis kennt villäicht geet et net duer mä mir hu bis haut keng extra Demande kritt oder sinn iergendwéi gefrot ginn op eppes géif méi deier ginn.

Déi 4. Fro war mam Asbest, also ech kann nëmme eng Erklärung ginn, dat kéint déi richteg sinn. Egal wéi et ass, wann een e Baseng en plein air baut, braucht een eng Ofdichtung, eng Etanchéitéit, an dat war et hei, déi zweet Decke ganz ënnen, déi am Fong d'Fundament duerstellt, do hunn se missen eng Ofdichtung maache fir dann déi 2. Decken drop ze bauen, dat huet am Prinzip statesch a bauphysikalesch schonn e Sënn, well da kritt een dat Waasser vun ënnen net an de Baseng eran an op där anerer Säit ass d'Decke vum Baseng vu bannen och ofgedicht fir dass d'Waasser net eraus leeft. Dat ass déi eenzeg an och déi logeschste Erklärung, déi ech lech ka ginn. An dat war deemools och eben esou üblech. Dann hat Dir nach eng Fro zu de Plattformen vun de Kiosken, eemol de Kiosk fir d'Alimentatioun oder d'Gedrénks



an eemol fir Vestiairen. Jo, dat huet gestëmmt, deemools den 23. März 2019 hate mir am Fong virgesinn, fir verschidden Aarbechte vun der 2. Phas virzehuelen. Dat brauche mir haut net méi, elo sinn déi Aarbechten esou wéi mir se virgesinn hunn am Dossier dran. Voilà.

LISI TEISEN (ARCHITEKTIN): Villäicht nach dat mat der Nouttrap, also effektiv ass dat just eng Chantgenstrap déi gëtt elo ofgebaut an da gëtt zesumme mam Architekt a mat Sites et Monuments gekuckt fir dass mir eng flott, dezent, zäitgeméisst stolen Trap bäisetzen. Si ass ongeféier op där selwechter Plaz, do gi verschidde Varianten ze kucken, mä si bleift do schéi verstoppt, dezent am Gréngs, well ënne jo och deen ënneschte Schoulhaff fir d'Maison Relais soll vill genotzt ginn an net duerch esou Trape soll verbaut ginn. Dofir soll se opgeräumt do op där Plaz sinn.

Dann Är Fro zum Accès vun de PMR, effektiv an dem Keesenhaischen ass en direkten Accès virgesinn. Ganz kloer: Dat ass en Aspekt, dee ganz behënnertegerechten Aspekt vun eiser Piscine ass komm well mir mat engem däitschen Expert geschafft hunn, deen huet gesot "erkennt Är Chance, elo maacht Dir frësch, Dir maacht net all 5 Joer frësch" an aus deem méi Konformitéits- a Moderniséierungsprojet ass dunn e bësse méi ginn an dat erkläert déi Posten, déi dobäi koumen an déi awer och sënnvoll fir déi ganz Gesellschaft sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech ginn d'Wuert weider un de Loris Spina éier mir zum Vote kommen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Ja also fir d'éischt wollt ech eemol jidderengem op alle Bänke Merci fir déi positiv Réckmeldung soen. Wéi ech virdru scho sot, ass dat en ambitiëse Projet an déi Unerkennung, déi mir hei kréien, déi gëtt de Leit, déi dohanne sëtzen an déi deenen, déi mat hinne geschafft hunn, Recht a Satisfactioun an deet hinne gutt. Et deet och gutt wann ee vill Stonnen ënner Stress geschafft huet an dann hei gesäit, dat mir awer hei déi Chance effektiv och genotzt hunn an deem Projet ginn et lauter Gewënner, ugefange beim historiesche Charme bis bei d'Visiteuren an d'Schoulklassen, déi heivunner profitéieren, déi Veräiner, déi do ënnerdag sinn, awer och eis Maison Relais.

Dat heescht, Diddeleng profitéiert ganz kloer vun deem Projet hei an ech wollt och do nach enchainéieren, déi Barriärfreiheet, déi mir hei konnten erreechen, ass eng riseg Plus-value well sécherlech d'Leit vum Dréikräiz kënne profitéieren awer sécherlech och Famillje wa Poussetten dobäi sinn, kënnen déi och dovunner profitéieren. An ech weisen dorop hin, dass eis Schwammmeeschteren deen een oder aneren och kënne mat engem spezialiséierte Lift an d'Waasser loosse fir dass och déi leit dovunner kënne profitéieren. An deem Sënn géif ech soen, ech freeë mech op d'nächst Joer wa mir erëm alleguerte kënne vun der oppener Schwämm profitéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An en Tour zesumme schwammen! Dëst gesot, Merci fir déi ganz Zoustëmmung hei an da géif ech dovunner ausgoen dass sech dat och elo am Vote och erëmspigelt. Au vote. Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci villmools an ech soen och der Madame Teisen, dem Här Toffol, dem Här Eichen an dem Här Tessaro Merci fir hir Präsenz an hir Erklärungen.



5. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION VUN DER PROVISOIRESCHER ORGANISATION VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL FIR D'SCHOULJOER 2020-2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen a vu dass ech héieren hunn, dass aus professionellen an technesche Grënn et eng Rei Enkpäss ginn, well den Direkter vun der Region op eng Verpflichtung muss, géif ech virschloen, dass mir den Enseignement fondamental, also d'Schoulorganisatioun virhuelen, en attendant dass de Responsabele vum Schoulservice an och de Regionaldirekter elo direkt zou eis stoussen, géif ech der Madame Di Bartolomeo d'Wuert gi fir eis an déi provisoiresch Schoulorganisatioun vum Joer 20/21 anzeféieren.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci villmools, also den Erni Ferrari an de Joël Michaux kommen elo erof, si souzen uewen ze waarden, hie muss leider aus professionelle Grënn, wéi den Här Buegermeeschter et scho sot, fort. Wéi ëmmer, Dir hutt Dokumenter all an den Dossiere gehat, wat d'Surveillance an den Häff, déi verschidde Schoulgebaier, d'Leçons supplémentaires asw. Dat ass jo wéi gewinnt, do ass näischt neies. Ech wëll awer éier mir op déi provisoiresch Schoulorganisatioun iwwerginn, eemol hei e Wuert soen. Hei hunn d'Presidenten an d'Schoulschmitten eng Schoulorganisatioun op d'Bee gesat a parallel dozou eng Rentrée fir de 25. Mee geplangt. Ech mengen, dat ass en enormen Invest, mir wësse wéivill allgemeng Aarbecht et ass, nëmmen eng Schoulorganisatioun ze plangen, hei hunn se der dann och zwou geplangt, dofir wëll ech hei emol e grouse Merci soen un all déi Leit, déi bedeelegt waren an do matgemaach hunn.

Da kommen ech zu der Schoulorganisatioun 20/21 eriwier, et ass eng ganz schwierig Organisatioun an awer och e bëssen eng historiesch Organisatioun well mir kréien e Schoulgebaier dobäi. Mir wäerten also ab der Rentrée 7 Schoulen hunn, wat ëmmer ganz exzeptionell ass wann eng nei Schoul dobäikënn. Dat huet eis zwar d'Aarbecht zwar net erlichtert, well wann Dir kuckt, de Kontingent geet ëm 94 Leçonnen zeréck, wat enorm vill ass, dat läit dorunner, dass d'Schülerzuel erofgeet, Wat zwar och erstaunlech ass dat wäert awer ännere wann d'Lenkeschléi bis ganz ausgebaut ass.

Mir hu bis elo; dat ännert zwar nach, 1875 Kanner ageschriwwen. Wat nach kënnt, et si 16 Leçone manner well déi Adaptation annuelle, déi all Joer gemaach gëtt, do ginn nach eemol 16 Stonne fort, dat ass awer déi

lescht Adaptatioun. De Coefficient d'encadrement geet liicht erof, dat ass awer net ganz vill, de war 2019, 1,9985 an ass elo 1,9899. Wat mir net accordéiert kruten, wat awer elo nach wäert kommen, dat sinn déi 138 Leçonnen 6 Posten Remplaçant-permanents an 69 Leçonnen also 3 Posten am Cours d'Accueil. Mir hunn och e Poste méi ugefrot während der Krise, dat sinn nach eemol 23 Leçonnen, well mir awer bis elo 50 Kanner hu wou mir wëssen dass se Schwierigkeeten hunn a mir brauchen dann och méi Ënnerstëtzung vun de Leit déi de Kanner hëllefen. Wat mer schonn accordéiert kréien, awer hors Contingent, sinn déi 149 Leçone fir den Institut pour enfants à besoins spécifiques, dat hëlleft all de Kanner, déi Problemer hunn, an dat ass eng grouss Hëllef fir dee ganze Schoulsystem.

Ech gi kuerz op de Precoc an, do hu mir Neierungen, Dir wësst mir schreiwen de Precoc ëmmer un, dat hu mir och dëst Joer gemaach mir hunn 204 Bréiwer eraus geschéckt a kruten 106 Leit déi sech gemellt hunn, dat ass e Minus vun 2,2% Wat erstaunlech ass well mir geduecht hunn, wa mir méi Ganztagsbetreuung ubidden, da géifen der méi kommen.

Mir hunn 94 Schüler an deene verschidde Plagen ageschriwwen. Wat ewechfällt sinn déi Projetsklasse Precoc- Maison Relais déi mir bis elo haten. Dat heescht do ass kee Projet méi, si ginn ugepasst un déi normal Horairé vun der Schoul. Ech mengen, dat ass 7,50 wéi gewinnt am C1. D'Elteren hunn hir Kanner an d'Ganztagsbetreuung ageschriwwen, vill Eltere profitéieren just vun den A a B Plagen an 27 Eltere profitéieren vum Groupe X dat ass e Minimum vun 4 Plagen an der Woch.

D'Precoc Plagë bleiwen d'selwecht, mir musse keng Klass dobäi maachen, mir bleiwe bei 7, eng zu Butschebuerg eng am Eecherdall, eng an der Gaffelt mat Maison Relais, Brill, Lenkeschléi och mat Maison Relais, Ribeschpont Maison Relais an och Strutzbiérg Maison Relais. Dat heescht wat hei elo geännert huet ass dass mir méi Ganztagsplazen ubidden wéi soss, esou dass déi Leit, déi an der Gaffelt wunnen an deenen hir Kanner do ageschriwwen sinn, kënne vun der Kantin profitéieren. Dat nächste Joer sinn dann nach puer Ännerunge well dann och Maison Relais Ribeschpont opgeet an do kréie mir vill Plaze bäi.

Ech gi kuerz ob déi eenzel Cyclen an. Cycle 1 ass eng Klass manner zu Butschebuerg, si hate bis elo 4 Klass do gi mir eng Klass zeréck well d'Effektiver niddereg waren an si mussen do och net op en Appui verzichten, wat ganz wichteg ass. Strutzbiérg geet eng Klass am Cycle 1 an. Lenkeschléi kommen 2 Klasse bäi, dat sinn am ganzen eng Klass manner an 12 Stonne manner Appui, dofir kréie mir awer wahrscheinlech e Poste bäi fir de



Cours d'accueil. Am Cycle 2-4 gi mir vu 85 Klassen op 88 Klassen erop. Déi 3 Klassen an der Waldschoul ginn eriwwer a Lenkeschléi, am Brill fällt eng ewech an der Gaffelt kennt eng bäi am 4.2 an der Lenkeschléi kommen der 6 bäi vum Cycle 2-4. Den Appui geet ëm 138 Leçonnen erof, dovunner sinn haaptsächlech de Brill an den Deich betraff. Wat net ëmmer excellent ass mä de Brill huet och manner Schüler dést Joer well den och vun Schoul Lenkeschléi entlaascht gëtt.

Am Brill, do ginn d'Zuele vun de Kanner erof, dat läit zwëschent 65 an 75 Schüler, duerch d'Schoul, déi dann a Lenkeschléi opgeet. Wat nach ass, am Brill verléiere mir 50 Stonnen am Appui vun C2- C4. Den Deich verléiert natierlech och vill Appui, ech muss awer do soen, dass déi Projete CASE a Förderzentrum d'ënnerstëtzung weider um Terrain bei de Kanner maachen an och weider bestoe bleiwen. An der Gaffelt ass et am Cycle 4 wou eng Klass bäikënnt. Si hunn och en neie Projet, deen hunn si eis virgedroen, dat ass de Projet Léisungsteam, do kënne Leit agesat gi wa Problemer an der Schoul sinn an do ass dat esouwuel vun der Schoukommissioun wéi och der Direktioun absolut ënnerstëtzt ginn an dee Projet leeft dann am Hierscht un.

Dann zu der Schoul Lenkeschléi, do starte mir mat 2 Klassen am C1 an 6 Klassen C2-4, mir hunn do net ganz héich Effektiffer, dat ass awer och esou gewollt gewiescht well mir wëssen, am Quartier kommen nach vill Haiser bäi déi net gebaut sinn a wa mir do elo schonn ze héich usetzen am Ufank, dann hu mir herno do ze héich Effektiffer, dofir bleiwe mir do bei e bësse manner. Dann huet de Bau natierlech Retard kritt duerch déi ganz Krise, dann ass et awer esou dass mir d'Léisung gesicht hunn a fonnt hunn, mir hunn déi Schoul awer esou geplangt wéi wann se géif opgoe mä mir mussen awer eben op aner Gebaier auswäichen.

Elo ass et esou, dass mir déi Kanner net wëllen iwwer e Weekend erausrappen an an déi nei Schoul, esou dass mir et esou virgesinn hunn, déi Kanner dann an der Chrëschtvakanz ze plënnere, dann hunn se gutt Zäit fir eriwwer ze goen. Ech soen lech, wéi déi Cyclé bleiwen, 3.2 an den 4.1 wou de Moment an der Waldschoul sinn, bleiwen och do.

Wat kennt bäi? Den 3.1 an den 4.2 déi ginn an eng Klass an d'Waldschoul an déi aner Klass an d'Maison Relais Waldschoul. An eng an d'Maison Relais Strutzbiereg an am Gebei B Strutzbiereg wäerte mir den Cycle 2 ënnerbréngen, mir huelen déi esou an der Klass eraus, dass se net nach eemol ausenree gerappt ginn an da kënnen se am Januar an dat neit Gebai goen. Wat mir net hunn an der Lenkeschléi, dat ass de Precocoe. Vu dass mir net vill Aschreiwungen hunn, hu mir decidéiert, de Precocoe eréischt d'nächst Joer ulafen ze loossen. Da mussen

déi Kanner och net iergendwou ënnerbruecht ginn an herno erëm plënnere.

Nach e Wuert zu der Logo, Dir wësst mir sollten 2 Klassen aus der Logo Lenkeschléi kréien, dat ass och elo esou, dass déi geplangt sinn, eng Klass am C1 an eng am C2, déi komme mat der Kaler Gemeng zesummen, do wëll ech e grouse Merci soen, dass si eis do ënnerstëtzen an déi kommen dann op Käl bis se an der Chrëschtvakanz eriwwer geholl ginn. Déi Kanner mussen dann also net méi op Stroosse gefouert ginn, wat e groussen Avantage ass, a vu dass déi Kanner vu Rëmeleng a Käl dobäi sinn, war dat e gudde Choix.

Um Ribeschpont bleiwen d'Klassen erhéicht, dat wësse mir, déi Zuele wäerten eréischt erofgoe wann am Mäerz/ Abrëll d'Maison Relais mat de Schoulsäll opgeet. Dann de Strutzbiereg, déi verléieren och Appui, do behale mir awer déi Educatrice, déi vun der Direktioun affektéiert ass déi d'Strutzbiereg-Personal ënnerstëtzt well mir jo Kanner aus de staatleche Kannerheemer an der Schoul hunn an och aus der Pro Familia.

Dann nach kuerz zum Schoulschwammen, do ass et esou, dass déi ab der Rentrée an den Hartmann eriwwer ginn, do soen ech och dem Service des Sports Merci, do hu mir schonn e Plang virleien, et ass esou dass déi Schouklasse kënne wéi gewinnt weider schwamme goen, just de Precocoe kann net schwamme goen, soulaang de Chantier ass um Strutzbiereg. Bis elo waren et 4 Klassen, déi dovunner profitéiert hunn. Dat kréie mer net hin awer de Rescht hu mir alles assuréiert.

Dir hutt elo alleguerten hei vill iwwer de Vélo geschwat, ech selwer si säit 10 Joer bei der Coupe scolaire dobäi, ech soen dat well dat gehéiert och zu der Educatioun. E ganze Koup Kanner kënne guer kee Vélo méi fueren, dofir huet d'Diddelenger Gemeng scho virun engem Joer e Verkéiersgaart geplangt, deen an den nächste 14 Deeg wäert opgoen, wou Dir all kënnt mat Äre Kanner trainéiere goe fir dass se erëm Vélofuere léiere. Déi Kanner kënnen och mat der Schouljoffer dat ganz Joer iwwer dohinner trainéiere goen. De Geert ass op, deem steet elo näischt méi am Wee.

Da wëll ech e grouse Merci un d'Presidenten an d'Komiteeën, dem Erni Ferrari deen hei huet misse ganz vill schaffen an der Direktioun och e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an iwwer d'Rentrée den 25. Mee hat ech lech jo schonn informéiert, wann awer weider Froen ustinn, stinn ech zur Verfügung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi flott Presentatioun vun den Erausforderunge fir dat neit



Schouljoer a wéi gewinnt ass Diskussioun op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, am Numm vun der CSV och Merci un déi ganz Ekip, un d'Josiane Di Bartolomeo, un den Erni Ferrari, un de Joël Michaux, un all eis Schoulpresidenten, Kommitteën, d'Léierpersonal an och d'Intervenanten aus der Maison Relais, mam Mady Wegener un der Spëtzt, et war fir lech alleguerten, déi de Kapp net fräi hat, eng schwierig Aufgab, déi momentan schwierig Lag auszeblenden an esou ze maache wéi wann de 15. September alles erëm normal leeft an esou déi Schoulorganisatioun ze plangen. Eis Schoule sinn top opgestallt, dat sinn der 7 Stéck méttlerweil mat Lenkeschléi.

D'CSV war ëmmer der Meenung, dass mir um Konzept vun de Quartierschoule solle festhalen an dat ass ganz wichteg esou fir eng Identifikatioun vun de Kanner am Quartier ze maachen, wou se dann och hir Kollegen hunn a mir gi weider an déi Richtung mat enger neier Maison Relais Ribeschpont an och virun allem déi nei Schoul op Lenkeschléi, wou mir Schoul a Maison Relais raimlech nach méi verbannen, wou d'Schoulstrukturen no beieneen an och anenee rëtschen. Doduerch spueren mir Raum a verbanne Schoul mat Fräizäit.

Et ass och ëmmer vun der CSV begréisst ginn. An dëser Schoulorganisatioun gesäit een erëm all Schoul, all Quartier huet seng Nues, dat géinge mir wa mir de Plan de développement scolaire virgestallt kréien awer och wa mir duerch d'Schoulorganisatioun bliederen. Do si gewëssen individuell Saachen déi op all Quartier an Schoul ausgeluecht sinn.

Projet CASE, Förderzentrum um Deich awer och en neie Projet aus dem Team Gaffelt Projet Léisungsteam. Eist Léierpersonal ass a bleift Diddeleng meeschtens trei an och senger Schoul trei. Dofir hu mir gutt Ekippen déi zesummen schaffen an dat fanne mir gutt an et ass net iwwerall esou. Wat och ze ënnersträichen ass, ass dass ënnert den 7 Schoule kee Konkurrenzkampf herscht. Mateneen eng Komplizitéit, dat mierkt een och bei den Schoulrotssitzungen et mierkt een dass wann eis Stonnen reduzéiert ginn, well mir se och musse reduzéieren, wat mir och zähneknirschend zur Kenntnis huelen, wann dann awer gekuckt gëtt, wou kënne mir déi Stonnen, déi eis bleiwen, esou gutt verdeelen, dass all Gebai zu sengem kënnt.

Duerno kënnt och an all Schoul e kohärente Projet eraus an dofir Merci all deenen, déi do un engem Strang zéien esou dass d'Schoulen do gutt zu Diddeleng stinn an dass d'Schüler gutt encadréiert ginn an dass d'Schoulpersonal gutt Schoul kann halen.

Ech gi bei e puer Saachen an d'Detailer. Josiane Di Bartolomeo huet gesot, de Precocé do ware mir e bëssen erstaunt, dass de Succès net méi grouss ass, effektiv well mir jo och elo méi Ganztagsbetreuung ubidden, wat mir als CSV jo och ëmmer gefuerdert hu mä villäicht louch et drun, dass d'Aschreiwungsflucht am Ufank vun der Coronakris war, do hunn d'Leit nach e bësselche gezéckt oder woussten net wéi et weider geet.

Ech hat och ugereeget a wëll dat hei an den Raum werfen, et wier gutt eemol Reklamm fir de Precocé ze maachen, villäicht am Blietchen, esou dass mir op verschidde Sproochen d'Leit kënne dorop opmierksam maachen, dass se d'Kanner kënne do aschreiwen. Wichteg ass jo och, dass mir d'Kanner net de Crèche iwwerloosse well mir hunn nun emol e bessert Angebot, mir hunn eng gutt Sproochentwécklung, déi immens wichteg ass, virun allem sinn déi Strukturen no bei de Schoulen, mir bidden en Accueil un a mir hunn do wierklech eppes ze bidden.

Interessant wier et och ze kucken, mir haten dat och an der Schoulkommissioun uklänge gelooss, mir hunn zanter 15 Joer de Precocé, et wier villäicht interessant, ze kucken ob déi Kanner, déi de Precocé maachen, ob déi och spéider besser an der Primaireschoul erauskommen an am Fundamental wat hir sproochlech Kenntniss ugeet. Dat ass jo och ëmmer e bëssen de But gewiescht fir se an de Precocé eranzebréngen, fir datt se déi lëtzebuergesch Sproch besser léieren an dann e gudden Start an d'Schoul hunn. Dat wier eppes wat ee kéint op der Uni uklänge loossen, well dat kéint eng ganz flott a wäertvoll Aarbecht sinn. Wéi gesot, mir sinn immens frou dass mir op de Wee gi fir de Precocé-Strukturen hir Dire kënne opzemaache fir dass d'Kanner nees betreit ginn. De Succès weist et och, 50/106 Kanner hunn sech an der Kantine ageschriwwen, virdru waren et der 30, dat ass dat wat mir gesot hunn. Kanner an och Eltere brauchen e Mëttesdëschen fir och zäitlech ze vereinbare fir hir Kanner sichen ze kommen no der Aarbecht, dofir si mir frou, dass dat weider gefërdert gëtt. E bësse bedauerlech ass, dass d'Precocé-Kanner net kënne schwamme goe fir 1 Joer, mä dann ass dat eben esou, et sinn der jo och an der Maison Relais, déi kënne jo villäicht schwamme goen.

Zu der Schoul Gaffelt, dat hat ech scho gesot, ech begreissen et, dass och Schoulen sech Gedanken maachen, wou sinn eis Schwächen, wéi kënne mir dat verbesseren?

Ech gi kuerz op de Projet Léisungsteam an, mir kruten dat flott duergestallt vun de Schoulmeeschteren an der Gaffelt an si hunn och fonnt, dass do ebe vill Feelverhale wier vun de Schüler a vun den Elteren, Burnout, Frust awer och Ohnmacht vum Léierpersonal zu deene Problemer. Si probéieren awer elo e System op d'Schinnen ze setze mat Klasseréit, mat Belounungs- a Bestrafungssystem, wou e Cool Down vun allen Enseignantë gemaach gëtt. D'Zil ass, dat hunn ech ganz flott fonnt, d'Schoul soll "ein sicherer Ort sein für jeden mit einem guten Lebensgefühl" an dat ass e Projet, dee mir natierlech och ënnerstëtzen.

Zu der Schoul Lenkeschléi, do krute mir jo och dee ganze pedagogesche Projet virgestallt, dat ass eng immens flott Saach. Ganz begreissenswäert ass, dass déi Kanner net ausernee gerappt ginn, och déi Kanner aus Lenkeschléi, dat war bei den Elteren eng grouss Panik, do sinn ech frou, dass dat konnt esou geregelt ginn. Wat ech och gutt fonnt hunn, d'Eltere kruten e ganz ausféierleche Bréif vun eis geschéckt, déi Kan-



ner, déi an der Waldschoul sinn, do gouf erkläert, dass d'Kanner an d'Schoul op Lenkeschlei kommen, mä wann déi nach net fäerdeg ass, kommen se do an dohin, dat ass ganz genau erkläert ginn, dat ass ganz gutt well wa keng Transparenz fir d'Elteren do ass, da kommen Onrouen ob, et komme Gerüchter op an deem si mir elo zevirkomm. Just eng Fro, ech sot et schonn e puer Mol, d'Waldschoul gëtt elo eidel, ob s de do elo schonn nei Iddien hues wéi mir weider maachen? Naturschoul, Bëschschoul, wéi zu Useldange hat ech ugereegt, do ass eng ganz flott Bëschschoul, déi wierklech am Bësch ass, villäicht wësse mir do méi, wéi mir d'Zukunft vun eiser Waldschoul a vun deem Site wëlle weider beliewen.

Dat war et fir d'Schoulorganisatioun, mir hoffen, dass dat alles esou leeft wéi Dir lech et virstellt a mir eis et virstellen a mir sinn och mat där Organisatioun averstannen. Da wollt ech awer och ganz kuerz e bësse Stellung huelen zu deem wat d'Josiane Di Bartolomeo schonn am Ufank sot zu där exzeptioneller Rentrée de 25. Mee. De Confinement an de Slogan "Bleift doheim" war wichteg an och gutt. Dat hu mir gutt gemaach, d'Leit sinn och all schéi brav doheim bliwwen, mä elo beim Deconfinement sinn e puer Saachen, déi a Fro ze stelle sinn. Während dem Confinement war et absolut begréissenswäert, den Engagement an d'Disponibilitéit vum Léierpersonal, ech hunn nëmme positiv Echoe kritt vu menge Kanner, déi an der Tëschenzäit komm sinn. Heiansdo hunn se sech beklot iwwer vill Aufgabe mä den Echo war exemplaresch.

Jofferen, déi Aarbechtsblieder an d'Bréifkëscht gehäit hunn an all Dag siche komm sinn, Schoulmeeschteren, déi nach owes eng Fro beäntwert hunn oder un Diere schelle komm sinn, wann se keng Äntwerte kritt hunn. Eise schoulmedezinesche Service huet do och gehollef well vill Elteren hunn si während där Zäit net erreecht an och si hunn do gehollef, villäicht waren dat och Familljen, déi si kennt hunn, dofir ass et esou wichteg, dass eis Assistante-socialen déi Famillje kennen an eis hëllef fir un se ze kommen.

Et muss een och e Luef ausschwätzen un d'Elteren, well fir vill Leit war dat net einfach fir sech an den Home schooling ze setzen. Déi meescht hunn et verstanen, dass dat wichteg ass mat de Kanner dat ze maachen, et war keng Vakanz, et war Home schooling. D'Kanner hunn dat och méi oder wéineger gutt matgemaach. Jo, eng Videokonferenz an esou weider an op eemol dann haut awer net an ech hu keng Loscht méi. Do waren d'Eltere vill gefuerdert fir weider ze motivéieren, mä virun allem waren d'Elteren niewent dem Home schooling och am Teletravail. En plus hatten se mol kleng Kanner, déi dann och dotëschent gebläert hunn, Kanner am Stot, déi verschidden Aufgaben hatten, also och e Luef un déi Elteren, déi dat ganz gutt gemaach hunn. Och ass et flott, dass mir de Kanner, déi keng Moyennen hatten, déi I-Pads zur Verfügung gestallt hunn.

E puer Froen dozou: Mir soten, mir hunn 43 Leit agestallt, do war gesot ginn, zum groussen Deel hätte mir se kennt, dat ass eng gutt Saach, mä et war jo och allgemeng am Land, soss sinn esou streng Kritäre fir op Kanner lassgelooss ze ginn, esouguer fir Scoutschef ze

ginn, braucht de esouvill Formatiounen, wéi déi, déi elo dierfen op Kanner oppassen oder Schoul halen. Dir hutt eis gesot, déi meeschten hu mir kennt, wéivill waren an deene Summerstrukturen oder wéivill waren do nei? Et huet och geheescht dräi Gruppe vun de Kanner aus der Ganztagsbetreuung géife vun der Crèche Rockids iwwerholl ginn, do hu mir riets gehat an der Schoulkommissiounssitzung, do wollt ech nofroen ob dat gutt leeft. well ech hat do meng Bedenken, well ech weess net ob - wann déi Kanner mat iwwerholl ginn - ob déi esou getrennt ginn ewéi se misste getrennt ginn. Hu mir do en Abléck wéi dat ofleeft?

Dann hat ech och an der Schoulkommissiounssitzung gesot gehat, mir kréie manner Sue well d'Maison Relais ass jo elo gratis am Post-Confinement a mir kréien awer all Joer vun den Elteren zu Diddeleng eng Millioun Participatioun vun Elteren an de Maison Relais. Elo ass meng Fro: Wéi leeft dat elo mat där Indemnitéit, dat muss jo kompenséiert ginn, wann de Ministère mengt, dat misst gratis ginn, mir musse jo déi Sue vun iergendwou huele fir eis Leit ze bezuelen an den Entretien ze maachen an do ass d'Fro ob dat och gedeckelt ass, ob déi Perte esou gedeckelt gëtt?

Villäicht wësst Dir do méi well dat misst ee jo nofroen. Déi grouss Fro ass elo wéi geet et weider? Wéi geet et an der Päischtvakanz, wësse mir do eppes? Ob do eng Oplockerung kënnt, besonnesch wat den Zesummeschluss vu Gruppen ugeet, do ass jo eng gewëssen Inkohärenz, an de Schoule kënne mir Kanner an d'Klasse vun 12 maachen, an der Maison Relais ass de Maximum 10 Kanner, et ass net ëmmer ganz logesch wat do decidéiert gëtt an do musse mir kucke wéi et weider geet. Wat mir och bedauern ass déi Saach, do war och eng grouss Diskussioun dorëmmer, dat mat den Trottnetten, dass déi net mat dierfen an d'Schoul bruecht gi während dëser Phase wat mir bedauere well gesot gëtt et kéint en anert d'Kand déi Trottnette upaken et muss een awer realistesch bleiwen, wann déi selwecht Klensch ugepaakt gëtt an net gebotzt gëtt. Do ass eng gewësse Flexibilitéit, déi een sech awer muss ginn.

Ech hunn och eng Fro zum Jugendhaus: Wéi lafen do d'Aktivitéiten, sinn do d'Dieren op oder sinn déi Educatoren, mat deene mir jo och Kontrakter hunn, hu mir déi och recuperéiert fir d'Kanner an oder no der Schoul ze betreien? Dann huet ee gelies, déi Frupstut wier net esou doll an et wier och net genuch fir e 5. Schouljoer, déi wieren hongereg heemgaangen. Do ass jo elo nogebessert ginn, ech fannen et och gutt, dass gesot gouf, dass hinnen do elo eppes Waarmes ugebuede gëtt. Hu mir do en Afloss, wéi déi zesummegeesat ginn oder kréie mir déi vun uewen erof? Et gouf och gesot, dass mir fir d'Spillschoulskanner kachen, dat fanne mir och luewenswäert, et wier villäicht ze iwwerleee wéi een dat kann no der Päischtvakanz ausbreede well et weess ee jo elo mat der Fermeture vun de Restaurants ass et net erlaabt dass d'Kantinnen erëm opginn. Elo ass zwar alles organiséiert mat de Frupstuten a wa mir elo soen, d'Kantinne ginn erëm op, da gëtt dat erëm en organisatoresche Stau, mä ech soe just, et ass e bëssen ongerecht, dass an de Betriber d'Kantin opgeet a mir



dierfen se net opmaachen. En plus ass en enormen Offall mat deenen Tuten. Déi rout Poubellë bei de Schoule ginn net zou, do si riseg Säck mat Offäll dat si bal alles Frupstuten, wat och net gutt ass.

De Confinement war eng wichteg Phas a wat mir beim Deconfinement vergiessen, sinn d'Besoine vun eise Kanner an dat deet mir immens leed, ech fannen et flott wann Educateurë Spillkëschte fir all Grupp virbereeden, mä ech fannen et traureg, dass mir müssen d'Kanner encadréieren, dass se nëmmen dierfe verschidde Saachen upaken an nëmme verschidde Saachen dierfe spillen. Eis Schoulhaff gesi grujeleg aus, net onbedéngt zu Diddeleng, mä an anere Schoulhaff ginn d'Plaze mat Gitteren agezäunt, da stinn se wéi an der Perche, déi eng wéi Schwéngercher, déi aner wéi Scheewercher an déi aner wéi d'Hénger a wa mir esou Fotoen aus China gewise kritt hätten, wier en Opjätzen duerch d'Mass gaangen an et wier gesot ginn, dat ass géint d'Menscherechter. Bei eis gëtt dat eben higezoll an ech hoffen, dass no Päischten de gesonde Mënscheverstand beim Minister Meisch erëm uspréngt, e konnt jo elo net hantert seng Wieder goen an alles ophiewen, da wier hie gelycht ginn no där ganzer Aarbecht, déi mir gemaach hunn, mä no Päischten hoffen ech, dass mir der Realitéit an d'Ae kucken.

Luxair flitt erëm ab haut, 50 Leit pro Fliger. D'Cafée sinn op, 4 Leit pro Dësch, 6 stinn der ronderëm am Béier, d'Fitnesszentere sinn erëm op, Golf-an Tennisterrainen an d'Kanner dierfen näischt, keng Spillplaz, keng Scouten, kee Fussball an dat ass dramatesch, mä Gott sei Dank si Kanner Kanner an do ass d'Realitéit ganz anescht. Och doheem ass d'Spillschoulskand vu Baltzing aus der Grupp B mam Primaireschoulkand vum Grupp A vun der Schoul Brill mam Brudder aus dem Lycée zesummen um Mëttesdësch an an de Quartieren ass e richtegt Quartiersliewen entstanen, d'Kanner spillen nees op der Strooss, wéi mir et deemools gemaach hunn, se fuere mam Vélo, spille Ball a Verstoppen a paken een deen aneren un an dat ass gutt esou. D'Nouvellë si bedréckend fir d'Kanner och, Isolatioun ass eppes Schlëmme an ech muss soen, déi Prozeduren sinn iwwerfuere deeleweis. Dat allerwichtigst fir d'Kanner ass awer de Kontakt mat de Peers, mat de Kolleegen, mat de Gläichalteregen an si waren a sinn all frou gewiescht fir an d'Schoul ze goen an ech sinn och frou wann ech gezielt kréie vun de Jofferen an de Schoulmeeschteren, dass se gutt mat der Situatioun eens ginn an déi sanitär Zuele bei de Kanner si gutt, si sinn ëmmer gutt. Kommt, mir ginn de Kanner erëm déi Fräiheet, déi se brauchen an ech hoffen a ginn dat mat op de Wee, dass Dir un de Ministère an un d'Regierung eruntrieb a sot d'Kanner sollen net vergiess ginn.

D'Spillplazen erëm op, streng Trennung muss erliichtert ginn a wa mir de Kanner bäibréngen, dass se hir Hänn musse méi oft wäschen, dat geet déck duer. Kengem an d'Gesicht néitsen an houschten, dat geet duer. Mir musse mam Corona liewen, wéi mir och mat der Mogripp a mam Scharlach liewe müssen a mat anere Krankheeten. Eng zoue Spillplaz an Trotinetteverbuert soll an dierf net normal sinn a mir hoffen, dass beim Deconfinement

och eemol d'Sicht vun de Kanner gekuckt gëtt an net nëmmen déi vun der Economie an dat ass e Message, deen ech matginn, dee mir ganz ganz um Häerz läit.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Vun eiser Säit aus fir d'éischt e Merci un eise Schoulpersonal, Enseignanten, Educateuren awer och aner Intervenanten an eisem Schoulsystem an deem ganzen Encadrement, der Madame Di Bartolomeo, dem Här Erni Ferrari, dem Här Joël Michaux an all hiren Ekipp. Merci och fir déi direkt a gutt Zesummenaarbecht an der Schoulkommissioun. Déi Diddelenger Schoule leeschten eppes wat wierklech beachtlech ass, mir hu bal 50 verschidden Nationalitéiten, bal 50% Net-Lëtzebuurger an et ass immens wichteg, dass de Schoulsystem - wou déi Plaz ass wou Kanner aus verschidden Hannergrënn sech kënnen gesinn - dass dee gutt funktionéiert. Dann och e grouse Merci fir déi Covid-19 Rentrée, dat war wierklech eng gigantesch Aarbecht a fir dass dat iwwerhaupt konnt realiséiert ginn, ware gigantesch Efforten néideg.

Déi eenzeg Remarque, déi ech dozou hunn ass, dass op deem allerhéchsten Niveau, nämlech beim Här Meisch selwer, vill méi Concertatioun vu verschiddenen Acteuren néideg gewiescht wier an och elo nach ass, wéi et soll weider goen. Déi richteg Approche ass fir sech gemeinsam Ziler ze ginn an dann zesumme mat all den Acteuren an den Elteren, Strukturen, betraffe Gemengen asw. sech dohinner ze setze fir ze kucken, wéi een déi Ziler kann erreechen a mir hoffen, dass méi op d'Concertatioun kënnt a manner op déi Entscheedunge vu ganz uewen an ech kann de Wieder vun der Madame Kayser iwwer déi praktesch Ëmsetzung just voll zoustëmmen.

Da kommen ech op e Punkt, deen eis als Léink immens wichteg ass. De Virus ass zwar vir all Mënsch dee selwechten, mä säin Impakt wat Gesondheet a Soziales ubelaangt, ass laang net fir all Mënsch dee selwechten. Dëse Samschden ass jo e Gespréich op RTL mat den Hären Hoffmann vun der Chambre des Salariés an Urbé vun der Caritas fir déi sozial Konsequenze vun dëser Epidemie ze erklären. All déi Etüden an alle Länner weisen elo schonn, dass déi Leit, déi sozial méi schwach sinn, éischter ugestach ginn a méi ënner de Konsequenze leiden. Déi haten et mat hire Kanner och während dem Confinement méi schwierig an elo gëlt et dogéint unzekämpfen.

Ech sot schonn 2016, dass mir net domadder averstane sinn, datt d'Schoulstonnen 10 Joer laang gekierzt ginn, mir hu genuch Leit hei sëtze vu Parteien, déi och an der Regierung sinn a mir mengen, dass grad d'Covidkris weist, dass mir erëm méi müssen an eise Schoulsystem investéieren an dass den Appui fir déi méi schwach Kanner soll verstärkt ginn. Et war ganz produktiv, dass déi verschidde Schoulen sech eenegge konnten, wéi se gedeelt gi sinn. Et wier awer besser gewiescht wann all Mënsch déi Appuisstonne kritt hätt wou e brauch an och sënnavoll asetzt. Et ass schonn erstaunlech, dass den Här Meisch sech der Kierzung vun de Schoulstonnen opposéiert huet wéi hie selwer Buergermeeschter war an elo wou e Minister ass, dat duerchgezunn huet. D'Kanner sinn d'Zukunft vum Land an dofir ass et wichteg an eng gutt Precoco- a Primaireschoul ze investéieren.



ren. Bildungsbericht, ënner anerem och déi vun der Uni Lëtzebuerg, weisen op eng Rei Mëssstänn am Enseignement hin.

Dass elo nach ëmmer am Secondaire classique portugisesch Kanner besonnesch staark ënnerrepräsentéiert sinn an datt wa mir et net fäerdeg kréie bei all eise Kanner dat Potential ze fördern, dann erzeuge mir Frustratiounen bei deenen engen an op där anerer Säit Vergeudung vu Ressourcen a Matière grise, déi eist Land brauch. Hei e waarmen Appel op nationalem Niveau, déi Suen an den Enseignement ze investéieren, déi dee Sec-teur och brauch a verdéngt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Just, Här Thill, ech wollt kloerstellen, mir sinn op kommunalem Niveau, mir sinn hei am Diddelenger Gemeengerot.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech hoffe mir kënnen eise Vertrieeder an der Chamber trotzdem e puer Saache matginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech wëll domadder just soen, dass dat heiten eng kommunal Tribün a Plattform ass, wéi de Gemengerot, an dat net soll mat enger nationaler Tribün verwiesselen. Dat ass de Message.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech si souwisou elo beim Schluss, mir fannen, dass et e gënschtegen Zäitpunkt ass fir ze iwwerdenke wat op eisem nationale Budget läit. Well grad elo d'Leit mam Confinement an de Kanner doheem gemierkt hunn, dass d'Léierpersonal keng einfach Missioun huet a wierklech eng grouss Leeschtung bréngt. Ech hunn eng Remarque iwwer de Vélosgaart: Dat ass flott, dass deen ugeluecht gëtt, et wier awer wichteg, am Budget e Posten ze hunn, fir d'Kanner an Erwuessener aus anere kulturelle Milieuen ze léieren, wéi ee Vélo fiert, dat kéint ee scho professionell maachen.

Dann hunn ech eng Fro zum Quartier Italien: Do sinn am Normalbetrib 2 Schouklasse an 2 Säll stoungen eidel, wéi geet et domat weider wann deen normale Schoulbetrib erëm uleeft? Wat d'Schoulorganisatioun betrëfft, déi mir hei zu Diddeleng virgeluecht kruten, huet d'Schoulkommissioun en Avis favorable ginn a mir vun déi Léink schléissen eis deem un.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill, sinn nach weider Stellungnahmen? D'Madame Goergen an dann den Här Zuang.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, erlaabt mir dann am Numm vun deene Grénge Stellung ze huelen zu der Schoulorganisatioun fir dat nächst Joer. Ech bezéie mech dobäi op déi Donnéeën, déi mir an der Schoulkommissioun virleien haten an déi mir och an den Dossieren hunn. Selbstverständlech wëll ech e Luef ausschwätze fir déi déi déi Organisatioun op d'Bee gestallt hunn; de Joël Michaux als Direkter a seng Adjointe mat de Schoulkomiteeën an hir Presidenten,

den Erni Ferrari an och d'Madame Di Bartolomeo-Ries. Et ass schwier, eng Situatioun anzuschätzen, vun där ee selwer net betraff ass an déi ganz anescht ginn ass wéi déi Zäit, wéi ee vun de Kanner méi matkritt huet, wat lass ass. Et ass sécher, dass d'Ufuerderungen un d'Schoul net méi kleng gi si mä gewuess sinn.

Zu de Problemer, déi komme well d'Kanner doheem eng aner Sprooch schwätzen ewéi an der Schoul, zu de Léierproblemer kommen allméiglech kleng bis grouss Verhalensopfällegekeiten dobäi well d'Kanner keng Repère méi hunn. An der Theorie sinn ëmmer méi Strukture geschaf ginn, fir déi Problemer an de Grëff ze kréien. Mir begrëssen, dass d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen op zousätzlech Fachkräfte kënnen zeréckgräifen, wa Situatiounen ze brenzeleg ginn. Et ass gutt, dass et an all Schoul en IBS gëtt, eng kompetent Persoun, déi bei verhalensopfällege Kanner kann hëllefen.

Zousätzlech kënnen Kanner mat spezifesch Besoinen an de Centre de compétence betreit ginn op lokalem, regionalem an nationalem Plang. Souwäit ech verstanen hunn, solle Leit aus den Ekippen an der Schoul interagéieren oder Kanner temporär aus deem normale Cours eraushuele fir hinnen ze hëllefen. Souwäit zur Theorie. Ob dat um Terrain ëmmer esou gutt klappt géif mech interesséieren. Besonnesch froen ech mech ob ëmmer erausfonnt gëtt, wat bei de Kanner net richteg klappt. Et falen ëmmer erëm Kanner am Secondaire duerch Dyslexie an Dyscalculie op, déi an der Grondschoul net erkannt goufen.

Wat elo d'Klassenopdeelung fir dat nächst Joer ugeet, do fält op, dass d'Kannerzuel erofgeet am Verglach zum leschte Joer. Gläichzäiteg gi 16 Stonne vum Kontingent ofgebaut, esou dass d'Stonnenzuel, déi de Ministère den Diddelenger Schoulen zouschreift, e gutt Stéck erofgeet. Domat hunn d'Direktioun an d'Presidente vun de Schoulkomiteeën missen eens ginn. Offensichtlech funktionéiert dat gutt an d'Kompromëssbereitschaft vun de Leit gëtt ëmmer erëm ervirgehewen. Si schénge jo dann och fir d'nächst Joer Léisungen ze hunn, mat deenen all Schoul liewe kann. Mat 15,2 Schüler an der Moyenne am Prescolaire an 15,4 Schüler och an der Moyenne am Cycle 2-4, leien d'Klasseneffektiver och an engem agreabele Beräich.

Et ass och interessant, ze gesinn, wéi déi verschidde Schoulen, déi esou ënnerschiddlech sinn ewéi d'Quartieren an deenen se sinn, mat hire Virgaben eens ginn. Déi eng entscheeden sech fir méi kleng Klassen oder méi Projeten oder Appui. Et gi vill Projeten an de Schoulen an si funktionéiere besser wann se an der Schoul wuesen, wéi wann se vu baussen imposéiert ginn an dann och net vun alle gedroe ginn. Mir hate gehofft, dass fir d'Rentrée déi Schoul Lenkeschlei rëm géif opgoen an domadder och eng Entlaaschtung fir de Brill kéint kommen. Leider geet dat net op, sou dass muss am Laf vum Joer geplënnert ginn. Méi onglécklech ass, dass eng vun de Klassen, déi op den Strutzbiérg ginn, muss an eng Maison Relais auswäichen. Doduerch, dass nach Klassen an der Waldschoul bleiwen, réckelt déi Renovatioun vun dem Gebai och no hannen. Wéi eng Incidencé kritt dat?



Ech war erstaunt ze gesinn, dass bis elo nëmmen d'Halschent vun den Elteren un eis Offer vum Precoce zeréckgräifen obwuel méi oft e Mëttegiessen ugebuede gëtt wéi d'lescht Joer. Et misst een dann awer villäicht versichen erauszefannen, wéi eng Wënsch Elteren hunn an ob een hinnen net kann entgéint kommen. Mir hate gemengt, dass d'Mëttegiessen eng grouss Roll spillt dobäi, mir haten eben och gehofft, dass d'Coronakris eng ... ech weess dat net. Et ass och net méi vill iwuer de Pedibus geschwat ginn, op eemol sinn déi Zäit vum strikte Confinement méi Kanner ze Fouss mat hiren Elteren ënnerwee gewiescht an hunn d'Virdeeler vun ze Fouss goen a mam Vélo fueren entdeckt. Et wier schéin, wann dat kéint unhalen a wann een déi Dynamik och kéint op de Schoulwee leeden.

Domadder wiere mir dann och beim Confinement a beim Deconfinement an ech wëll kuerz op e puer Aspekter agoen. Vir d'éischt wëll ech mäi Respekt ausschwätze fir déi Verantwortung an déi Aarbecht, déi eis Gemen-geresponsabel an d'Direktioun an de Schoule geleescht hunn. Eleng fir déi Rentrée ze plange war bal Onméig-leches verlaangt. Des Weideren dee sougenannten Télé-Enseignement war eng grouss Erausforderung fir Schüler a Léierpersonal well een esou eppes jo nach ni geübt huet. Wann ech bedenken, wéi schwier et war mat Septième classique Schüler ze schaffen, wëll ech mir net virstelle wéi et an der Grondschoul gaangen ass. Et huet bestëmmt net ëmmer alles geklappt, mä bestëmmt hu vill Elteren agesinn, dass et net esou einfach ass, de Kanner eppes bäizebréngen. Hoffentlech bleift dëse Respekt fir d'Léierpersonal och an Zukunft an et gëtt net just gemeckert.

All eis Schoule sollte vum leschte Joer u mat I-Pads a Laptops versuergt ginn. Hoffentlech haten déi Kanner schonn eng Aféierung kritt fir dass se net iwuerfuerdert ware fir mat deenen Apparater doheem ze schaf-fen. Ech fäerten, dass eng nei Erausforderung op eis Schoulen duerkënnt. Deene Kanner ze hëllef, déi keen Zougrëff op e Computer doheem hunn, an deem Sënn misst iwuerluecht ginn ob Kanner a Jugendlecher net solle méi Plaze kréien, wou se Zougrëff op Computeren hu wéi nëmmen an eiser Bibliothék.

Déi gréissten Erausforderung ass déi Kanner opze-fänken, déi Léierschwierigkeiten hunn an déi elo nach méi gelidden hunn. Insgesamt wollt ech der Madame Di Bartolomeo stellvertriedend fir all déi Acteure felicitéie-re fir d'Organisatioun vun der Rentrée des Woch.

Ech weess net wat méi komplizéiert war, d'Schoul sel-wer oder d'Betreiung. Mir fannen, dass gutt Léisunge fonnt gi sinn a bedanken eis fir den Asaz. Ech schléissen da mat eiser Zoustëmmung zu der Schoulorganisatioun of, ech wënschen eis all, dass d'Rentrée kann ouni Aschränkung ulafen an dass d'Schoulorganisatioun esou kann ulafe wéi mir se ofstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir Är Zoustëmmung Madame Goergen.
Här Zuang?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Schaffen- a Gemen-gerot, eng méi schwierig Schoulorganisatioun ënner schwierigen Ëmstänn, sou géif ech dat hei bezeechnen. Dofir am Numm vun eiser Fraktioun e grouss Merci un eis Schoulschäffin, dem Josiane di Bartolomeo-Ries, der Direktioun ënner der Leedung vum Joël Michaux, ei-sem Service ënner der Leedung vum Erni Ferrari an de Schoulkomiteeën an dem Léierpersonal wou trotz der Kris während dem Confinement Reuniounen haten an déi ausgeglach ware fir déi Schoulorganisatioun op d'Been ze stellen, déi mir virleien hunn.

Ech sot ufanks eng méi schwierig Organisatioun, jo well no 2019-2020 hu mer nees eng Baisse vum Kontingent vu 94 Stonnen, oder Leçon, wéi se richtig heeschen. Dëse Minus setzt sech aus 78 Leçon zesummen du-erch d'Reduktioun vun de Schülerzuelen, dat sinn der plus ou moins 39, d'lescht Joer ëm dës Zäit waren et 21 Kanner manner. Wat och u sech schwierig ze verstoen ass, vu dass d'Stad Diddeleng stänneg wisst. Da ginn nach hoffentlech déi lescht Adaptatiounen vum Ministère gemaach, déi 2009 mam neien Schoulgesetz agefouert goufen, d'lescht Joer huet de Ministère déi net ofge-rechent. Dann, de Kontingent berout op der Schüler-zuel vum Mäerz an aus der Vergaangenheet wësse mir, dass et normalerweis zu enger positiver Adaptatioun virun der Publikatioun vun der zweeter Lëscht Enn Juni, Ufank Juli ka kommen. Egal wéi, e Minus u Stonne bedeit och e Minus u Stonne fir den Appui oder aner Projeten. D'Komiteeën müssen sech also entscheeden ob se léi-er Klasse mat kleng Schülerzuelen hunn, mat auto-matesch manner Stonne fir Appui a Projeten, oder méi grouss Klasseneffektiver a méi Stonnen Appui.

Wa ech d'Moyenne am C1 mat 15,2 an am C2 mat 15,4 kucken, do gesäit een, dass sech d'Schoule prinzipiell léiwer fir méi kleng Klassen entscheeden. Mir hunn 12 Stonnen Appui manner am C1 an 38 manner am C2 bis 4, woubäi de Brill an den Deich déi meeschte Stonne verluer hunn. Beim Brill ass et normal vu dass 65-75 Kanner an déi nei Schoul Lenkeschléi kommen, sou ass eng Partie Appuisstonnen déi matginn. Um Deich, mi-nus 75 Stonnen, do huet de Komitee entscheet op e groussen Deel vun den Appuisstonnen ze verzichten, zu-gonschte vun senger Projekte CASE a Förderzentrum. Mä och de Ribeschpout mat méi héijen Effektiver huet Ap-puisstonne verluer. De Strutzbiere, wou eng 30 Kanner an déi nei Schoul Lenkeschléi ginn, huet missen op 21 Stonne verzichten. Dofir felicitéiere mir de Presidenten a Presidentinnen, dorënner 4 neier, déi vir d'éischt dës-t Joer derbäi waren, dass si an der gewinnter Traditioun a mat fairem Geescht déi Opdeelung gemaach hunn, wann et och bestëmmt wéi gedoen huet, déi eng oder aner Stonne fir hir Gebaier ze sträichen.

Ech ginn op e puer Punkte vun der Schoulorganisatioun an, fir d'éischt de de Precoce, do fält op, datt de Groupe Projet Maison Relais op de Sitte Strutzbiere a Lenkeschléi, wéi mir se agefouert haten, vum Sep-tember un ewechfalen an de Precoceklassen erëm déi selwecht Horairen huet wéi d'Prescolairen. An obwu-el de Mëttesdësch erëm agefouert gëtt, dat gesi mer schonn um Sondag, dat war ni den ausschlaggebends-



te Punkt wisou d'Kanner net an de Projet ageschriwwe goufen. D'Zuel vun den Inscriptiounen fir d'nächst Joer geet nach eemol erof ëm 2,2 op 51,9%, d'lescht Joer war et schonn e Minus vu 7%. An net op 70 oder 75% erop wéi Dir et d'lescht Joer gemengt a gehofft hat, Madame Kayser.

D'Eltere loosse d'Kanner e Joer méi laang an der Crèche, do wou se hir Kanner zanter 2 Joer haten an d'Crèche fonctionnéiert no nach méi spezifeschem Horairen, wéi mir se an den SEAs kënnen offrëieren, wat eenzel Leit da besser arrangéiert. Vum September u kënnen dann all d'Kanner aus dem Precocé awer vun den Déngschtleeschungen vum SEA profitëieren an och an de Vakanzen profitëieren, eemol méi eemol manner, jee nom Choix vum Grupp wou d'Elteren d'Kand aschreiwen.

Während der Bauzeit vun der neier Schwämm um Strutzbierg kënnen d'Kanner net méi schwamme goen. Mir fannen dat net schlëmm, vu dass de Precocé jo net obligatoresch ass an et bleiwen nach genuch Joere fir schwammen ze léieren. Ech hunn elo am groussen Ganze geschwat mä um Strutzbierg ass et eben nach méi opfälleg well do jo och nach gebaut gëtt. Och fir déi aner Klassen ass et esou, dass d'Schoulschwammen ewech fält, mä beim Precocé ass et eiser Meinung no net esou schlëmm, vu dass de Precocé jo och net obligatoresch ass.

Dann eng aner Remarque zum Projet Léisungsteam an der Schoul Gaffelt, dee mir vum Schoulkomitee virgestallt kruten. Mir begrëssen déi Initiativ, eng Ekip vum 9 Leit ronderëm d'Cynthia Meyer, mam Zil, eng Persoun an der Schoul ze hunn, déi schnell an efficace kann agäräfe wann et Problemer mat Kanner gëtt. Wichteg ass et ze soen, dass all Enseignant vum der Schoul Gaffelt hannert deem Projet steet an aktiv abréngt an u Formatiounen deelhëlt. Och hei huet de Covid d'Virbereedungsarbechten ausgebremst, souwisou sinn nach keng Dechargen accordéiert ginn.

Zum Cours d'Accueil, fir 2020-2021 si 50 Schüler fir de Cours virgesinn, Diddeleng huet eng Demande fir e 4. Poste gemaach, dësen ass och e Kontingent a mir hoffen, dass de Ministère dat accordéiert.

Dann zu der Schoul Lenkeschléi, déi nei Quartierschoul geet op, och wann net direkt am September aus deene bekannte Grënn. Perséinlech freet et mech, dass den initialen Numm gewiesselt ginn ass, fort vu Bildungshaus zu einfach Schoul Lenkeschléi, well d'Schoul Lenkeschléi gëtt eng normal Schoul mat där selwechter Missioun ewéi déi, déi all Schoul am Land huet. Wat den Apprentissage ugeet, muss sech iwwerall un de Plan d'études gehale ginn, Kompetenzen mussen erreecht ginn asw. Wat déi Schoul ënnerscheet ass de Fonctionnement wéi geschafft a geléift gëtt, den Dages- a Wochenoflaf an déi Kooperatioun mam SEA, deen ënnert deem selwechten Dach schafft an déi selwecht Raimlechkeeten notzt. Och sollen d'Enseignantë sech engagéieren, während de Betreuungsstonnen 2 Stonnen pro Woch present sinn. Och d'Eltere solle méi agebonne sinn duerch den Elterecafé an d'Abannen an auserschoulesch Projeten. E

grousse Luef vun eiser Säit fir d'Participantë vun deem Aarbechtsgrupp, dee säit laange Joere um Projet geschafft huet a bonne Chance bei der Ëmsetzung. De Monitoring soll iwwer puer Joere gemaach ginn an dee wäert Opschloss ginn a weise, wéi sech dee Konzept bewährt. Leider muss duerch déi sanitär Kris d'Ëffnung op dat 2. Semester geluecht ginn. Respekt awer, dass d'Klassen trotzdeem zesumme vu September un op verschidde Sitte kënnen funktionéieren.

Dann nach e Wuert zum Verkëiersgaart, dat war e perséinleche Projet, deen ech 1993 hat, mir sollten deemools effektiv de Jardin régional de la circulation hei op Diddeleng kréien. Mat Faute vun der ARBED, mat där déi Zäit do nach näischt ze wëlle war, hu mir dee Projet net kritt a konnten och ni weider eng Ersatzléisung bidden. Gott säi Dank geet dann elo 27 Joer méi spët mäi Wunsch an Erfëllung. Well ech et wichteg fannen, esouguer haut nach méi wichteg, dass mir dee Jardin de circulation kréien, well mir jo eis Kanner erëm wëllen op de Vëlo zeréck kréien, mä ech fannen et gutt dass mir dat opmaachen, sou dass d'Leit mat hire Kanner an och d'Schoul méi kënnen trainéieren, méi sécher léiere Vëlo ze fueren an duerno dat och kënnen am Alldag gebrauchen. Voilà, dat zu der Schoulorganisatioun, natierlech wäerte mir déi matstëmmen.

Ech wollt awer och kuerz op dat agoe wat och déi Kollege virdrun aus deenen anere Fraktiounen opgeruff hunn, déi Auswierkunge wou mir elo haten nom Confinement, dat ass jo net spurlos laanscht gaangen a fir d'Ouverture vun eise Schoulen, de 25. Mäerz méiglech ze maachen, hu vill Leit vun der Schoul, SEA, Gemengeservicer, quasi Dag an Nuecht geschafft fir déi vum Ministère virginn an och oft gewiesselt Mesuren anzehalen an och eng ganz Schoulorganisatioun gemaach hunn. Dofir eise Respekt a Merci un all bedeelegt Acteuren. Loosse mir hoffen, dass d'Mesurë lues a lues ëmmer méi gelackert ginn, eleng fir de Rescht vum Schouljoer, spëtstens fir d'Vakanz well, wéi mir alleguerete wëssen, ass et extrem sauer fir eng Maison Relais ënnert deene Conditionen eppes unzebidden. Dann ass et besser et ass wierklech näischt well dat ass demesuréiert wat mat de Kanner geschitt, wann se an engem Sall sëtze mat kengem Spill. D'Recommandatioun ass zwar, esou oft wéi méiglech erauszegoen, dat ass och gutt, Gott sei Dank si mir an enger Period wou dat och méiglech ass. Stellt lech mol fir, dat wier am Hierscht oder am Wänter, dann ass och dat net ze maachen. Dofir erliewe mir hoffentlech eng normal Rentrée am September, dat fir jiddereen awer speziell fir d'Kanner, déi eng laang Durststrecke hannert sech hunn esouwuel an der Schoul wéi och an der Fräizäit. Merci fir d'Nolauschteren.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt eng kuerz Remarque maache wat de Confinement ugeet. E grouss Luef och deene Jofferen, déi an der Lenkeschléi am Precocé an an der Maison Relais sinn, si hunn sech eng grouss Méi gemaach, wéi et och virdu scho geheescht huet, si si schelle komm, si hunn Aufgaben iwwer E-Mail geschéckt, si hu wonnerbar dat hikritt fir d'Kanner ze motivéieren, dat ware Saache fir ze molen, fir ze planzen, fir ze bauen,



et war vun allem dobäi an et huet ee gesinn, dass si dat mat Häerz gemaach hunn a wéi d'Kanner zeréckkomm sinn, net nëmmen d'Kanner ware frou mä och d'Jofferen an da muss ee soen, dass dat eng immens Léift ass, dat gëtt mat Häerz gemaach an do muss ee wierklech fir déi grouss Méi, wéi se et gemaach hunn, e grouse Luef ausschwätzen, well hiert Engagement ass iwwer dat erausgaangen, wat normalerweis gefuerdert ass. Merci dofir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi parteiwwergräifend Zoustëmmung wat d'Schoulorganisatioun ugeet vum nächste Schouljoer, awer och, dass Dir déi Efforte begréisst an dee Luef fir déi Organisatioun vun der Rentrée den 25. November well ouni dat Zesummespill an déi Efforte vun deene verschidden Acteure wier et net méiglech gewiescht. Sou, mir sinn dann domat ukomm an et gëtt Zäit fir d'Antworten op déi verschidden Froen an ech ginn d'Wuert hei dem Joël Mischaux.

JOËL MISCHAUX (REGIONALE SCHOULDIREKTER):

Ech wollt dann och nach eemol dovunner profitéiere fir déi Xte Kéier am Laf vun de Wochen nach eemol Merci ze soe fir déi exzellente Kollaboratioun tëschent allen Acteuren, ech mengen och d'Visitt, déi mir de Méinden hatten, war de Merci dofir well déi Saache kommen och an der Stad un an de Minister huet dat och esou betount. Ech wollt elo net op alles agoen, wat geleescht gouf, mä d'Michèle Kayser hat et ugeschwat, villäicht eng propper Analyse ze maache well villäicht kënnt iergendwann eng aner Kris an et wier wichteg, dat mol alles Revue passéieren ze loossen an dat esou opzestellen, dass ee prett ass ouni an der selwechter Vitesse mussen ze agéieren, wéi mir et elo misste maachen. Wat elo sécherlech bleift aus där Zäit hei, dat si fir mech 3 wichteg Erkenntnisser: Dat ass d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, et si quasi guer keng negativ Commentaire komm, si hunn eis gelueft, si sinn sech bewusst ginn der Komplexitéit vun der Aufgab, déi den Enseignant all Dag muss bewältegen. Ech denken, ëmgedréint, och den Enseignant huet villes matkritt wat an de Familljen ofleef an huet och gemierkt, dass et fir vill Leit ganz schwierig ass, Aufgaben ze bewältegen. Da sinn och nei kollaborativ Modeller entstanden, dat ass e wichtige Punkt, dee soll een elo net einfach ecartéieren, mä weiderhin un deem Punkt schaffen.

Den 2. Volet ass den Digitaliséierungsaspekt. Enseignanten hunn och gesot, si hunn an 3 Wochen hikritt wat si wollten an 3 Joer kreéieren, do gesäit ee wat de Besoin esou alles méiglech mécht, et ass einfach formidabel wat do geschitt ass. Och do dierf een dat net op 0 setzen, nëmme well Corona hoffentlech iergendwann fort ass.

Dann den 3. Aspekt den eiser Schoulschäffin besonnesch um Häerz läit zanter mir de PEP geschriwwen hunn, dat ass d'Kollaboratioun mam SEA-Beräich, dat ass déi éischte Kéier hei am Land wou mir eng Schoulorganisatioun geschriwwen hunn, wou d'Acteuren aus deenen zwee Beräicher mam Numm drastinn an dat ass extrem wichteg. Do sinn dann och Detailer, déi nach ni stattfonnt hunn, elo an der Päischtvakanz, do si ronn

70 Leit, déi am Fundamental agestellt goufen, dat gëlt zwar och fir déi dräi Gemengen, déi moies am SEA-Beräich schaffen an ech denken, och do kreéiere mir nei Synergien, déi bis elo net do waren. Dat sinn dräi ganz wichteg Punkten, déi bleiwen.

Fir de Rescht wollt ech op 2-3 Punkten agoen déi thematiséiert goufen, dat ass dee ganze sanitäre Beräich do kann an soll een sech vill Froen stellen, mä ech mengen awer, do kann ech just fir mech schwätzen, ech si Chef vun enger Administratioun an do muss ech ob d'Virgabe vun der Santé reagéieren. Ech kann net zouloossen, dass herno en Enseignant beträff ass, well verschidden Saachen net a Gang gesat goufen. Ob ech déi gutt fannen oder net, fir mech ass dat net de Punkt, ech ginn awer dem Michèle Kayser an dem Här Zuang recht, dass een elo muss kucken en fonction vun deene sanitäre Virgaben, déi an den nächste Woche kommen, wéi een do ka preajustéieren. Mir hunn ebe grad probéiert, dass do keng Gitteren am Gang iwwerall stinn, dass déi Kanner an en Environnement Schoul kommen an dans la mesure du possible an dat muss och d'Optik si vun eis alleguerten.

Do si mir awer och à la merci vun de Virgaben, déi mir vun der Santé kréien. Déi Gruppe vun 10- 12 Kanner, do wollt ech eng Richtegstellung maachen, Gruppe vun 12 Kanner zielt fir de Fundamental am Cycle 3 an 4 well do d'Santé dee Wee matgaangen ass, dass do awer d'Mesuren agehale kënne ginn, soss hätte mir dat guer net organiséiert kritt. Par contre, déi Gruppe vun 10 Kanner zielt fir den C1 C2 an de SEA-Beräich an do gëtt just innerhalb vun engem Grupp gekräizt. Dat heescht, dass de SEA net anescht mécht wéi déi Gruppen am Fundamental, ech kann elo just fir d'Direktioun schwätzen. Dat sinn déi Hauptpunkten, déi debattéiert goufen.

Dann nach eng Präzisioun, eng Remarque zum Kontingent, do sinn ech dann awer nach Enseignant an et ass schwéier ze geréieren, wann déi Zuelen all Joer falen, mä ech muss zum Beispill éischer fort, well ech genau déi Reunioun de Mëtteg hunn, dat ass net d'Educatioun, déi déi Zuelen diktéiert, dat ass de Staatsministère, deen do hannen drun hängkt, de Budget hängkt dodrun. An dat gëtt ëmmer falsch interpretéiert. De Mëtten ass d'Diskussioun "Besoins en personnel de l'éducation nationale", da kucke mir mol wat mir do maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dofir, Joël Michaux, ech ginn dann d'Wuert weider un d'Madame Di Bartolomeo an un den Erni Ferrari.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci, ech probéieren elo mol Saachen ze beäntweren, wéi d'Froen, wann ech eppes vergiess hunn, kann den Erni Ferrari och nach eemol intervenéieren. Ech muss soen, dass ech mierken, dass d'Schoulorganisatioun 2020 relativ an den Hannergrond réckelt, déi war eigentlech ugeduecht, ech mierken awer, dass vill Besoin do ass fir dass d'Leit wëssen, wéi et leeft a wéi et klappt. Villäicht wëll ech awer e puer Saache soen.

Precocé, wisou sinn do d'Zuelen d'selwecht bliwwen? Ech hunn eng Mamm gefrot an si sot, d'Kand wier an



enger Crèche, déi Qualitéit wier gutt, an si wäert hiert Kand net eraushuele fir dann 1 Joer an de Precoce ze ginn. Ganz oft sinn déi Kanner schonn an enger Crèche an an aner Strukturen.

Zu der Waldschoul, do muss ech soen, dass éier et ugaangen ass mat der Krise am Mäerz, Enn Mäerz, sollte mir op Useldange kucke goen. Dee Projet, deen ass awer no hanne verluecht ginn, mä mir sinn do nach ëmmer amgaangen ze kucke fir dohin ze kommen.

Gebai Italien, do wollt ech soen, do stinn 2 Schoukllassen eidel, jo effektiv, dat ass eis awer och an der Krise zegutt komm, mir konnten déi am Gebai behalen. Mir wëssen ëmmer, dat ass och vun der Direktioun aus. Den Eecherdall ass reservéiert am Gebai, déi Kanner hu kee Kontakt, et gouf iwwerluecht fir déi eriwwerzehuelen, dofir sinn déi nach net besat well dat eng Iwwerleeung ass, dass déi net méi sollen eleng um Site sinn.

Da géif ech op déi puer Saachen agoen, déi gesot goufen, ech wëll just am Virfeld eng Remarque maachen. Ech hunn d'Impressioun, Dir mengt an de Schoule wéi och am SEA wier et extrem schrecklech an eise Gebai an d'Kanner missten am Garde-à-vous stoen a widder der Mauer an si géifen der op d'Patte kréie wann se eng komme loosse. Also, ech war wochelaang mat all de Presidenten, mat der Direktioun, mam SEA-Beräich, mir hu vu moies bis owes geschafft fir an deene Gebai esou gutt ewéi méiglech Qualitéit hinzekréien, ech hat dann och e Méinden d'Geleeënheet, selwer an de Ribeschpout ze goen an ech war och an d'Gaffelt dat kucken, also d'Kanner an d'Freed vun de Kanner, déi ass immens, si setzen och net dee ganzen Dag am Sall fir hir Aufgaben ze maachen, si léieren, mä si gi mëttes relativ vill eraus.

Mir hu 60 Aktivitéiten, déi déi Kanner kënne maachen, dat ass enorm vill, si haten de Choix bis elo mol guer net. Et si relativ kleng Gruppen, si ginn net gemëscht, et ass awer eng flott Qualitéit. Do geschitt de Kanner näischt Schrecklech, wéi dat hei ugeklungen ass.

Ech wëll op Saachen agoen, déi gesot gi sinn, sou wéi Päischtvakanz, jo, déi ass geplangt, mir sinn awer elo eréischt domadder fäerdeg ginn, dat war och nach en Challenge, ech soen do och der Direktioun Merci well mir kréien do Leit vun hinnen, déi de Moment intervenéieren, déi kënne dann och fir déi nächst Woch an der Vakanz intervenéieren.

Dann d'Trottinetten, wisou kënne déi net matbruecht ginn? Majo, ganz einfach: De Vëlosstänner, do géifen si sech awer da virun der Schoul mëschen, mä et ass awer esou, dass déi Trottinetten, déi an der Schoul sinn, déi kënne genotzt ginn, wann d'Personal dat wëll. Déi ginn da moies genotzt a mëttes vun anere Kanner. Mä perséinlech Trottinetten, mir hu geduecht spëtstens beim Vëlosstänner mëschen se sech an da geet et schif.

D'Qualifikatioun vun de Leit, mir hu gutt opgepasst, dass dat héich qualifizéiert Leit sinn, déi Leit sinn op der Uni, déi hunn sech bei eis an de Jugendsommer gemellt

oder an den Aktivitéiten, déi hunn all e Brevet, zum Deel hunn se Premieren an och eis Schwammmeeschteren hëllef eis aus, et ass wierklech net esou wéi wa mir wéi déi Wëll ronderëm rekrutéiert hätten. Mir hunn och déi Chance, dass och eist Personal aus de Maison Relais vun 20 op 40 Stonnen eropgaangen ass, dat huet eis immens gehollef.

Dann hat d'Madame Kayser gefrot, Rockids, dat leeft ganz gutt, déi sinn immens fein, wéi dat an der Schoulkommissioun gesot gouf, sinn si bei eis an d'Maison Relais kucke komm. wéi mir dat géifen handhaben, dat leeft fantastesch. An der Gaffelt huelen si eis Kanner ewech an zu Baltzing, dat klappt wonnerbar, si hunn sech wierklech Méi ginn.

Dann d'Frupstuten, dat war schnell a rapid, dass do déi iwwer 600 Frupstuten op d'Bee gestallt misste ginn. Mir si jo d'Chifferen eréischt spët gewuer ginn, net genuch, mir haten hinnen un d'Häerz geluecht, si sollen deene grouse Kanner méi dra maache wéi deene Klingen, et war effektiv ëmmer kal, mä ech hu gesot, do ass et esou, dass dat déi nächst Woch ännert. Ech muss do e Merci lassgi fir d'Diddelfamill well si kache fir den C1 am Quartier Italien, déi Kanner hu schonn des Woch waarm giess.

Zu de Fraisen, déi solle vum Ministère zu 75% a 25% vun der Gemeng iwwerholl ginn, si hunn awer gesot, dass wann aussergewöhnlech Fraise sinn, dass si do awer en Deel iwwerhuele well mir hu gewësse Saachen en place misse setzen.

Dann d'Jugendhaus, do ass et esou, déi zwee Educateur-diplomée si ganz an der Maison Relais an déi aner sinn hallef dran. Do ass de Méinden eppes schief gaangen, déi ware sur place, mä si sinn net gebraucht ginn. Déi sinn en permanence fir anzesprangen, wann een eis feelt. Si maachen awer och Jugendarbecht. Déi zwee déi hallef an der Maison Relais sinn, déi stinn à disposition fir déi Jonk. De Ministère huet eng Mail gemaach wou et esou ass, dass déi erëm kënne eng 1 zu 1 Betreieung maachen, si kënne also awer e Jonke mol gesinn an si sollen opsichend Jugendarbecht maachen an dobausse kucken, wou sinn d'Cliquen an awer, bon, elo net mat 20 iergend eng Reunioun also d'Médiatioun an d'Informatioun ass elo och.

Dann de Verkéiersgaart, ech hunn dem Här Thill seng Fro net verstanen, wat Dir do wëllt?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech hat virgeschloen, de Gemengebudget ze kompletéiere mat Vëlofuerstonnen organiséieren, fir Leit och aus anere Kulturkreesser, déi nach ni e Vëlo gesinn hunn.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Ok, da géif ech soen, dass do d'Claudia Dall'Agnol duerno äntwert well esou Verkéiersstonnen a Vëlosgaart, dat depasséiert mä Beräich. Dann huet d'Madame Goergen gesot, et wier schuet, dass den C1 aus Lenkeschléi elo muss an déi Maison Relais goen, ech wëll just soen, déi Maison Relais wou den C1 higeet, do sëtzt niewendru joere-



laang de Precoce, dat si gutt Säll, déi si gutt equipéiert an och un d'Kanner adaptéiert. Ech mengen, dass se besser an der Maison Relais sinn ewéi am C um Strutzbierg. Ech denken net, dass do een traureg ass well e muss dohinner goen. Soss hätt ech nach de Pedibus, do hunn ech den 10. Juni Rendez-vous mam Här Demuth vun der Circulatioun an do kucke mir dann, wéi mir weiderfueren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, d'Claudia Dall'Agnol ergänzt d'Vëlosstonnen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech weess nämlech wat et ass, déi Vëloscourse vun der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ an déi halen déi an der Stad Lëtzebuerg of. Mir hunn dat och scho wollten hei maachen, mir haten si och gefrot, mir wollten dat och während der Verkéierswoch maachen och dës Kéier, mä si hunn all hir Coursen ofgesot, och déi an der Stad. Et ginn der och fir Adulten an et gëtt se fir Kanner, sou dass mir elo kucken, ob et iwwerhaupt méiglech ass fir virum September dat do ze organiséieren, ob si iwwerhaupt disponibel sinn, ob mir dat iwwerhaupt kënnen maachen, a wann net, da probéiere mir eng Virbuchung ze maache fir et dann d'nächst Joer am Fréijoer ze maachen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Ech wollt kuerz enchainéieren, well mir schonn d'Schoulorganisatioun mat Maison Relais an Encadrement scolaire verbannen. Deen ominéise PEP, dee mir ëmmer hei duerchdiskutéieren, dat war e flott Beispill fir och an der Kris hei ze weisen, dass natierlech Pabeier gedëlleg ass an déi Projeten um Pabeier och gutt sinn, mä datt et an der Praxis déi lescht Wochen a Méint hei zu Diddeleng ganz gutt klappt an och geklappt huet. Wei den Här Mischaux sot, dass dat ëmgesat gouf vun de Gruppen, déi moies an der Schoul waren an dass d'Maison Relais 1 zu 1 iwwerholl hunn an dat ass och de Verdéngscht vum Josiane Di Bartolomeo, wat déi 2 Kapen unhuert. Dat ass e Virdeel, dass et déi zwee Beräicher kennt an de Kontakt mat de Leit um Terrain huet, dat ass engersäits berouegend fir d'Kanner, déi spieren, dass do eng Linn ass, awer och, dass ech an deem Raum sinn dee ganzen Dag, wat Vir- an Nodeeler huet, respektiv d'Raimlechteiten appropriéieren als Kand an och dass mir eis do wuel fillen an d'Personal sech ofschwätzt. Dass do eng gewësse Linn ass an och d'Eltere fir do ze wëssen, dass dat Kand eenheetlech encadréiert gëtt, engersäits vun der Schoul an an der Mëttesstonn vun de Betreier vun der Maison Relais, dat ass hei e flott Beispill wou weist, wéi gutt de PEP hei zu Diddeleng ëmgesat gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi doten Ergänzung. Ech géif dann op dee finanziellen Deel agoen, deen d'Madame Kayser ugeschwat hat par rapport zu der Gratuitéit déi si vis-à-vis vun den Eltere gefuerdert huet, wat jo eng politesch Decisioun ass well do am Gemengebudget eng Recette entsteet. Do ass et esou, dass mir do am Kader vun der Planung bei der Rentrée vum 25. November als Syvicol mat abezu waren, eng Rei Reuniounen haten als Büro vum Syvicol mam Minister Meisch selwer an dass do de Bestanddeel ass vun enger Diskussioun, déi mir amgaange sinn ze féieren an dass do nach keng definitiv Decisioun gefall ass. Mä natierlech hu mir als Syvicol mat weiderginn, dass generell fir d'Gemengen dat wéi eng Recette ass an dass et wichteg ass, dass een déi Recette dierf behalen am Gemengebudget, dat ass e Volet 1/3- 2/3 an do war och de Volet "Méi Engagementer" an ech denken, dass wa mir do regelméisseg zesumme kommen an dat weiderféieren an och kucken, dat esou gutt wéi méiglech virun de Gemengen ze verdeedege well dat ass de Goal vum Syvicol. Dëst gesot géife mir bei de Vote kommen.

Wien ass mat der provisoirescher Schoulorganisatioun sou wéi se de Moien hei virgestallt gouf averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools an ech soen och dem Erni Ferrari an dem Joël Mischaux Merci dofir, dass se hei waren.



4. FINANCES COMMUNALES (SUITE)

4.3. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'MISE EN CONFORMITÉ VUN DER ELEKTRIZITÉIT, DER BRANDSCHUTZANLAG AN DEM COMPARTIMENTAGE VUN DER SCHOUL ITALIEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Sou, da géife mir am Ordre du jour e bëssen zerécksprange bei d'Gemegefinanzen, do hu mir en Devis vun 80 000 Euro als Exekutioun vum Budget, dat ass eng Mise en conformité vum Elektreschen, d'Détection incendie an de Compartimentage an eiser Schoul am Quartier Italien, do muss den Eclairage de secours frëschgemaach ginn och d'Elektresch, et ass méi en ale Modell an dat muss up to date gesat ginn an dat schléit mat 80 000 Euro zu Buch. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.4. APPROBATION VUM VÉIERTEN AVENANT VUM CONTRAT DE BAIL FIR D'LOCATIION VUN DER BUVETTE AN DER OPPENER SCHWÄMM

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir bei de Contrat de bail fir d'Buvette an der oppener Schwämm, an der Kontinuitéit vun der Diskussioun, déi mir virdrun haten. Dir wësst, dass mir mam Här Buttiglione dee Contrat de bail hunn, dee sollt bis 2021 lafen. Vu dass awer d'oppe Schwämm bis d'Joer 2021 net opmécht, musse mir hei e Joer bäisetze vun 21 op 22. Dat ass eng Formalitéit, déi mir maache musen. Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

4.5. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER GESELLSCHAFT IMMOBILIÈRE ROXY SÀRL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deem nächste Punkt, en Acte de cession gratuite tëschent Roxy Sàrl - vertruuden duerch den Här Marcel Laurent, respektiv d'Madame Maryse Ferreira Soares - an dem Schäfferot. Hei geet et ëm 0,01 Ar an der Fontaine Strooss an et geet ëm eng Utilité publique, eng Intégration dans la voirie publique, Dir hutt gesinn, dass et ëm e ganz klengt Stéck geet wat mir hei integréieren. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo, Här Thill?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ganz kuerz, hei ass et 1 Quadratmeter, dee gëtt geschätzt op eng Valeur vu 500 Euro, duerno 15 Quadratmeter, déi ginn och op 500 Euro geschat, ass dat e Mindestbetrag?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass de Mindestbetrag dee mir bei enger Cession gratuite maache well mir och all déi Fraisen en charge huelen. Voilà, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.6. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER KOPPEL AMELA ADROVIC A RASIM MUHOVIC

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op déi nächst Cession gratuite, déi ass e bësse méi grouss, do geet et ëm den Här Rasim Muhovic an d'Madame Amela Adrovic, déi wunnen op 5 rue St. Barbe an der Diddelenger Gemeng. Do ass et och 0,15 Ar, do ass och eng Intégration an d'Voirie publique, och hei eng klassesch Cession gratuite a mir iwwerhuelen hei d'Käschte beim Notaire. Do ass e ganzen Ofsaz vun engem Deel dee bei den Trétoire gehéiert. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.7. APPROBATION VUN ENGEM CONTRAT DE BAIL MAT DER GESELLSCHAFT CONCEPT LEH SÀRL FIR D'BEREETSTELLUNG VUN ENGEM DEEL VUN DER MARC ZANUSSI PLAZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir zu engem Contrat de bail mat der Société Concept Leh S.à.r.l do geet et ëm de Restaurant Parc Leh, respektiv déi nei Gestionnairen, do ass et esou, dass mir iwwer d'Brauerei Munhowen e Contrat de bail hunn, mir sinn do Propriétaire, d'Brauerei Munhowen ass Sous-locataire an si maachen d'Sous-locatioun un deem neie Gestionnaire, dat ass e Volet à part. Hei geet et awer ëm d'Exploitation vun engem Deel vun der Plaz Marc Zanussi, wou och Terrass ass, dat heescht, hei brauche mir d'Brauerei net, et ass tëschent dem Propriétaire an dem Locataire. Dir hutt och nach eemol d'Erklärungen e bësse wéi de Volet ass vun der Locatioun vum Restaurant, mä hei ass dee selwechte Prinzip wéi en och virdru war.

Hei fält fir eng Durée vun 3 Joer mat Renouvellement tacite e Loyer vu 550 Euro fir deem Deel Terrass un, deem och changéiert, wou mir och Concept Leh hei vertrieben, wou mir zur Verfügung stellen. Si mussen sech hei obligéieren dat net dierfen ze cedéieren oder eng Sous-location ze maachen, ouni den Accord vum Schäfferot respektiv Gemengerot an, voilà, dat ass dat wat ech hei wollt soen. An all déi Fraisen, déi decouléieren sinn à charge vum Locataire. Dat zu den Ausféierungen vun dëser Terrass a wat ech nach vergiess hunn, sou wéi mir dat alleguerten decidéiert hunn, wou eng



Terrass ass, géifen och si exoneréiert vum Paiement vun der Tax vun der Terrasse ginn, wéi dat bei all deenen ass hei zu Diddeleng, déi eng Terrass hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hat scho kuerz drop higewisen am Mäerz d'lescht Joer, wéi mir deen neie Contrat de bail mat Munhowen gemaach hunn, fir déi nei Restaurateuren, dass mir dësse Contrat de bail missten op de Leescht huelen. Meng Fro ass elo: Mir hu gesot mir erloossen de Loyer, dat heescht mir erloossen de Loyer Munhowen, mä ass dat och sou wäit gaangen, dass Munhowen dee vu Concept Leh och erlooss huet well et liest ee jo an der Press, dass verschidde Brauereien net esou kulant waren. Dofir ass dat wichteg nozefroen, fir ze wëssen ob et esou ass, wéi mir et och virgesinn hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass gutt, dass Dir dat elo nogefrot hutt, mir waren och am Dialog mat der Brauerei Munhowen a mir waren do der selwechter Meinung, wann deen een deem aneren de Loyer noléisst, dann ass dat réciproque. Do muss ee soen, dass d'Brauerei Munhowen hei ganz korrekt war, zumindest zu Diddeleng, an ech denken, wann si dat zu Diddeleng maachen, dass se dann och soss am selwechte Rapport ass vu Locataire- Sous-locataire, dat war absolut kee Problem. Voilà, ass de Gemengerot mat deem Contrat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.8. APPROBATION VUN DEKONTEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir bei d'Dekontenn, ech huelen déi elo der Rei no duerch. Dat eent ass den Dekont beim CID, d'Extension, déi gemaach gouf fir d'Garde alternée vun de Benevollen, dat war hei e Montant vum Devis 214 000 Euro an d'Dépense effective war 169 051,41 Euro. Déi Depense ass méi bëlleg ausgefall well och Containeren, déi Polygon geliwwer huet, méi bëlleg ware wéi et virgesi war. Dat war 2016.

Dann hu mir an der Schoul Deich d'Mise en place vun den akustesche Plafongen, dat war en Devis vun 240 000 Euro, d'Dépense effective war 221 993,53 Euro, dat war 2016.

Dann um Kräizbiërg, de Reamenagement, do war den Devis 925 000 an d'Dépense effective war 717 570,46 Euro an dat war 2018. Dat huet domadder ze dinn, dass déi meeschten Aarbechten am PAP Lenkeschléi gemaach goufe wat d'Grief ugeet, do hu mir net vill misse maachen an dofir ass déi Depense manner grouss wéi den Devis, dee votéiert gouf.

Dann d'Mise en place vun engem Guidage-System fir Foussgänger, do war den Devis 75 000 Euro an d'Dépense effective 69 066,22 Euro an dat war 2018.

Dann um Strutzbiërg B gouf am 1. Stack d'Mise en sécurité gemaach, en Devis vu 45 000 Euro fir eng Dépense effective vun 18 655, 65 Euro, do hutt Dir d'Erklärung, dass déi méi bëlleg ausgefall war well do effektiv d'Erneuerung vum Dag gemaach gouf, wat an engem

geet, dat heescht, déi Aarbechten hu mir net misse maachen. Dat war am Joer 2017.

Dann de Kiosk Parc Le'h, do hu mir Proufraim frësch amenagéiert, den Devis war 25 000 Euro, d'Dépense effective war 23 469,55 Euro an dat war 2018.

Dann de Renouvellement vun der Kanalisatioun an Eaux mixte an der rue Stade Jos Nosbaum, dat war en Devis vu 55 000 Euro an d'Dépense war 53 028,73 Euro an dat war am Joer 2018.

Am Brill hu mir am Keller eng Salle polyvalente ageriicht, dat waren 12 000 Euro, d'Dépense war 9 709,90 Euro an dat war 2018.

Dann d'Schoul Baltzing, do hu mir den Dach frësch gemaach, den Devis war 28 000 Euro, d'Dépense effective war 26 511,24 Euro an och dat war 2018.

Dann de Raclage an der Rue Pasteur an an der Rue Cungs, do war den Devis 250 000 Euro an d'Dépense war 249 688,54 Euro, dat war 2019.

Dann den Dekont vun der Skulptur vum Armand Strain-champs, dat war en Devis vu 75 000 Euro an d' Depense war 74 736 Euro. Domat si mir beim Schluss vun den Dekonten ukomm.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Eng Fro zu deem Foussgänger-Leitsystem, ass dat elo ofgeschlossen, war dat eng Affär vun enger Kéier oder kënnt dat nach an e puer Etappen no? Ech froen dat well mir elo déi Deeg opgefall ass, dass nach esou Schëlter dorëmmer stinn, wou ech net gemengt hätt, der ze fannen. Ech hat geduecht, et géif elo eng zweet Phas kommen, déi mir net ugefrot hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler. Här Thill?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, ech hat déi selwecht Fro, ech wollt froen, wou dat genau gemaach ginn ass a wéi dat ausgesäit.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): De Foussgänger-Leitsystem dat sinn déi Stëlen, wou Dir a ganz Diddeleng gesitt, wou eigentlech just drop steet wéivill Minutten Dir braucht fir op eng gewësse Plaz ze trëpelen an a wéi eng Richtung déi Plaz läit. Dat ass de Foussgänger-Leitsystem an Dir hutt och eng op der Gemengeplaz stoen, do stinn eis Jumelage-Stied drop, dat ass virun 2 Joer ageweit ginn. Dir hat gefrot ob et ofgeschlossen ass a mir haten eng 1. Phas gemaach fir all déi grouss Saachen a mir sinn eis eens ginn, dass wann e Besoin wier a wann et och géif gutt ugeholl ginn, dass mir do wou et néideg wier, géifen erweideren, mä da musse mir et nach eemol analyséieren, mä mir waren eis jo och eens, dass mir déi nächst dräi Joer mol fir de Vélo e Budget hunn. Dat verhënnert awer net fir bei Plazen, wou Dir sot, do géif et nach feelen oder do wier et vergiess ginn, fir do nozebesseren. Wann de Besoin do ass fir et auszeweiten, da maache mir et sécher,



mä da musse mir en neie Projet extraordinaire an de Budget aschreiwen. Mä wann iergendwou ee feelt, sot eis Bescheed, da fanne mir sécher dat Geld fir e Schëld.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia Dall'Agnol, kënne mir iwwer déi Dekonten am Block ofstëmmen, wann ech gelift? Wien ass mat deenen Dekonten averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.9. UERDENTLECH SUBSIDE FIR VERÄINER AN ASSOCIATIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann hu mir nach Subside fir eis Veräiner an Associatiounen. Dat si Subside-ordinairen, déi mir all Joer un eis Veräiner ausbezuelen. Wat mir lech haut hei presentéieren, ass en zousätzlechen, finanziellen Effort, dee mir maachen als Gemeng vis-à-vis vun eisen Diddelenger Veräiner. Niewent den Efforten, déi mir och maache vis-à-vis vum Diddelenger Handel, ass t och wichteg, Efforte vis-à-vis vun eise Veräiner ze maachen an de Loris Spina wäert op déi Mécanique agoen, déi mir mat eise Service financier ausgeschafft hunn, respektiv wou si eis eng Rei Propose gemeet hunn. Wa mir elo an enger Net-Covid 19 Zäit wieren, da wier de Montant, dee géif ausbezuelt ginn, gutt 56 245 Euro. Wann ee kuckt wat elo als Gesamtmontant dobäikënnt, dat si gutt 42 000 Euro, also e Plus vu 75%, dee mir eiser Diddelenger Veräinsswelt ausbezuelen a mir denken, dass dat immens wichteg ass, si ze ënnerstëtzen, well si ëmmer do sinn, wa mir se brauchen. A fir lech dee ganze Mechanismus an déi Modalitéiten ze erklären, wéi mir virgaange sinn, och fir de Surplus vu 75% bäizéinn, ginn ech dann elo dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Villmools Merci Här Buergermeeschter. Bon, de Prinzip vun den ordinäre Subside kennt Dir, d'Veräiner ginn ugeschriwwen, mat engem gewësse Questionnaire, wou mir dann d'Memberszuele kucken, mir kucken wéivill Memberen ënner 18 Joer sinn, mir kucken den Alter vun de Memberen, mir kucken, wéi ass den Encadrement, d'Ausbildung, wéi sinn d'Diplomer an d'Brevete vun den zoustänneg Leit an da ginn d'Aktivitéite gekuckt, déi déi jeeweileg Veräiner an Associatiounen hunn an d'gëtt gekuckt ob se Nationalfeierdaag um Cortège matmaachen. Da kënnt eng gewëssen Zuel eraus, bei deem Schlëssel, woubäi e Maximum vun 3 200 Euro virgesinn ass. Dir wësst, dass déi Subside wichteg si fir d'Veräinsswelt hei zu Diddeleng an d'Veräinsswelt ass eis alleguerte wichteg, well just esou brénge mir et fäerdeg, dass Diddeleng esou flott an dynamesch bleift, respektiv ass et ee wichtige Aspekt vum sozialen Tissu, dee mir hei zu Diddeleng hunn. Do doniewent d'Infrastrukturen, déi mir ugeschwat hunn, ënnert anerem d'Schwämm awer och all déi logistesche Hëllef, déi mir eise Veräiner zoukomme loosse, dat ass am wesentlechen esou wéi mir déi Veräiner hei zu Diddeleng ënnerstëtzen.

An dëse speziellen Zäite war et eis wichteg, en Akzent ze setzen niewent deem Kontakt, dee mir an dëse Wochen a Méint eben och mat de Veräiner haten, wou mir

se konnten anerwäerts ënnerstëtzen, ass et eis awer och wichteg, e finanzielle Volet mat erbäizezien. Et ass natierlech schwéier well mir kënnen net de Manque kompenséieren, deen d'Veräiner hunn, well se keng Matcher konnten organiséieren, well keng Tournéier stattfonnt hunn, well keng Fester stattfonnt hunn, respektiv well eng Rei vu Sponsoren an d'Strüeweile komm sinn, an deen een oder anere villäicht hu missen dës Kéier enttäusche well se net konnten op dee gewinnste Sponsoring zeréckgräifen. Mir kënnen dat sécherlech mat deem Effort vun haut de Moien net kompenséieren, nach hu mir gemengt et wier flott fir de Veräiner 50% vun deem Subsid nach eemol dobäizéinn, dat ass scho considerable, dat entsprécht dann deem wat Dir hei um Tableau virleien hutt. Do doniewent hu mir eis gesot, dass een niewent deene 50%, déi dann elo jiddereen elo bäikritt, och nach de Veräiner an Associatiounen entgéint kënnt, well déi Eventer, déi mir als Gemeng organiséieren, net stattfonnt hunn, fir deenen och nach eng kleng Kompensatioun ze ginn. Ech widerhuelen, dat kompenséiert sécher net 1 zu 1 dat Akommes wat d'Veräiner do erakréien, mä et ass awer vum Geste hir, dass mir probéieren se esou gutt wéi méiglech ze versécheren an och undeiten, dass mir dann an Zukunft och nees op déi verschidde Veräiner wäerten zeréckgräifen.

Dir hutt se och opgeléicht, déi Veräiner, dat sinn eis Aktivitéiten ronderëm de Summer, Spill an Spaass, den Eat, Beat and Culture, de Viowend vum Nationalfeierdag an d'Faires Frühstück an de Summerstage, déi Memberen déi do säit Joeren aktiv waren, déi Associatiounen a Veräiner, déi do an deene vergaangene Joren aktiv waren, déi kréien nach 100 Euro bei déi 50% bäi an déi Veräiner, déi och bei der Fête de la musique dobäi waren, well dat jo awer vill méi Aarbecht ass an do och méi erakënnt an d'Kees, do hu mir do gemengt, dass mir hinne symbolesch 500 Euro mat an déi Cagnote do geheie fir d'Fête de la musique, déi dës Joer leider net konnt stattfannen. Do doniewent hu mir eis och entscheet fir deene fixe Subsiden och eppes bäizéinn, do sinn opgeléicht ënnert anerem eis Quartierskomiteen, bezéiungsweis eis Interesseveräiner, wou och eng Rei vun Aktivitéite hir Kees fëllen, déi net konnte stattfannen, dunn hu mir dat op 200 Euro festgeluecht, respektiv eis Harmonien, wou aner Contrainté si mat anere Kontrakter, och mat Dirigenten asw., deene géife mir dann 1000 Euro bäiginn, ëmmer e bësse jee nodeem wat den ordinäre Subsid bäigëtt.

An den Nol a Fuedem, déi sinn extra mat 500 Euro ermëzefannen, well déi ass an dëser Phas fräiwëlleg an op benevoller Basis Maske gebitt hunn an den Diddelenger Bierger zur Verfügung gestallt hunn an dofir sollen déi déi 500 Euro kréien. Mir schwätzen hei also vu ronn 42 000 Euro, wou déi Veräinsswelt hei zu Diddeleng zousätzlech zum normale Subsid kritt. Dat rett net alles, mä ech denken, dass dat weist, dass mir un eis Veräiner gleewen an hoffen, dass si dës Kris och mat eis zesummen iwwerstinn, well Diddeleng brauch seng Veräiner. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Loris Spina an d'Diskussioun ass op.
Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir als CSV sinn net averstane mat dësem Punkt um Ordre du jour, well mir denken, dass hei en Amalgam gemaach gëtt vun zwou komplett different finanziell Subventiounen. An eisen Ae misste mir hei 2 Votte maachen: 1. "Fixation des montants des subsides ordinaires 2019 de l'exercice budgétaire 2020 à alouer aux associations locales", wéi mir et ëmmer gemaach hunn an dann 2. dat ass och e ganz anere Szenario an ech denken och net, dass de Budgetsposten einfach esou kann dropgeschloe ginn, dat ass e Subside extraordinaire an eisen Aen un d'Veräiner wéinst der Covid-19 Krise. Ech erkläre mech. Deen 1. Punkt, dat ass déi järelech Presentatioun vun de Subsiden u Veräiner an Associatiounen, vun deem Punkt hale mir dee selwechte Speech wéi all Joer.

D'CSV huet genau wéi déi Gréng de Verdeelungsschlüssel wéinst Intransparenz a willkürlecher Verdeelung a Fro gestallt an net matgedroen. Dëst Joer ass et net anescht, et sinn erëm vill onverständlech Variatiounen am Tableau, deen ee kritt 70 Euro manner, déi aner 40 Euro méi, Gehansbiereg-Knappen 215 Euro méi, den Tennis 65 Euro méi, Amitié Portugal kritt 65 Euro manner asw. Luxembourg Steelers stinn net drop, kréien awer e Covid-Bonus, wat och guer net logesch ass, déi kréien do esouguer 2 Subsiden, eemol fir d'Luxembourg Steelers of Diddeleng an eemol Luxembourg Steelers of Diddeleng Juniors, si stinn awer beim normale Subsid net drop. Wei gesot, mir widderhuelen eis, de Verdeelungsschlüssel ass intransparent a willkürlech an dat ass net gutt.

Den 15. November 2019 hate mir diskutéiert, dass mir elo fir déi Eeweplastikvermeidung an eiser Gemeng eng nei Offallgestioun an Energiespuermoosname wëllen huelen an et soll eng Charte ausgeschafft gi mat de Veräiner. Et huet och geheescht, dass déi Veräiner, déi déi Charte matdroen an anhalen, déi kréien hir Subsiden nei ugepasst. An de Verdeelungsschlüssel géifen déi nei ökologesch Kritäre mat erafalen.

Eis Fro ass: Wéi géifen déi Kritären ausgesinn? Gëtt de Verdeelungsschlüssel dann elo endlech eemol op de Leescht geholl? An dann a voller Transparenz an zesummen ausgeschafft, dat ass eng Aufgab fir hei banne wou mir wëllen an och sollen agebonne ginn. Sief et an engem Aarbechtsgrupp wéi 2013, wou de Verdeelungsschlüssel zwar ausgeschafft gouf mä keng fest Kritären, déi novollzéibar erkläre wéini e Montant erop- oder erofgeet a meng Fro ass: Firwat net, sou wéi bei de Subside fir eis fläisseg Schüler offen an enger Sitzung éischtens eemol e Règlement d'attribution auszeschaffen, déi Fichen aus de Veräiner och an esou enger Sitzung duerchhuelen, zesumme festleeën, wéivill kritt wien.

Bei de Schüler geet dat, firwat geet et net bei de Veräiner? Vill Gemenge maachen dat, si huelen Dossieren oder Fichë vun de Veräiner mat an eng Sportskommis-

sioun, Familljekommissioun oder Subsidekommissioun an ech denken eis Studentesubsideverdeelungsreunioun vum der Kommissioun hu sécher och e bësse méi Zäit fir en toute connaissance de cause e Règlement fir déi Verdeelung auszeschaffen an zweetens all Joer déi Subsiden esou ze verdeelen, wéi et soll sinn, no ganz transparente Kritären, dann eben och mat der Vue, en Ökokritär do wëllen a sollen dranzesetzen.

Hei zu Diddeleng, dat muss een sech mol virstellen, ass et just de Schäfferot, dee festhält wie wat kritt. A sot net et wier falsch wat ech soen, well ech zitieren de Loris Spina vum 10.06.2016: "Elo ass et esou, dass mir als Schäfferot, sou wéi dat och ëmmer war, déi Formel, déi vum Aarbechtsgrupp ausgeschafft gouf, als Basis huelen, eis awer eng gewësse Flexibilitéit loosse fir d'Subsiden unzepassen, esou wéi dat och virun de Fall war, virun der ominéiser 2013 Aarbechtsgrupp" dat ass en Zitat Wuert fir Wuert, net dass Dir erëm sot, mir géifen lech Saachen un de Kapp geheien, déi Dir net gesot hätt.

De Schäfferot gëtt sech eng Flexibilitéit fir d'Subsiden unzepassen, ma dat wëlle mir net méi, dat ass Willkür, dat ass intransparent an net korrekt. De Gemengerot huet och e Rôle, an zwar de Schäfferot ze kontrolléiere wat se mam Budget maachen a wéi se d'Sue vun den Diddelenger verwalten. Dofir en Appel, mir géifen e Règlement ausschaffen, wou mir och déi ökologesch Kritären drasetzen, wéi Veräiner subventionéiert ginn a wou dat och bindend ass. Zweetens wëlle mir déi Fichë vun de Veräiner gesinn an da kann een dat an enger Subsidekommissioun ausschaffen, wat wie kritt. Da kann och all Veräi genau nokucke firwat e méi kritt oder net. Dann hu mir déi Transparenz, déi den 2013er Aarbechtsgrupp wollt ausschaffen. Dann e puer konkret Froen zum Budget vun de Subsiden. Am Budget vun 2020 ware 75 000 Euro festgehalen, mir verdeelen elo awer just 56 245 Euro, dat sinn 18 700 Euro Differenz, wou ech mech awer froe firwat dat esou ass.

Da kommen ech zum 2. Punkt, Indemnitéit Covid, déi de Schäfferot wëll de Veräiner zoukomme loosse. Mir haten eis erhofft, mir géife virun allem als éischt eng Indemnitéit eise Caféen, eise Geschäftsleit, eise Restaurateure ginn, déi ënner de Restriktiounen vun der Pandemie immens gelidden hunn. Hinnen ass et un d'Lieweschts gaangen, ob se et all iwwerstinn a packen ass net gewosst. De Staat gräift ënnert d'Äerm, mä och mir als Gemeng mussen en Zeeche setzen, dass mir se net am Ree stoe loosse, mir si solidaresch mat lech. D'Aktioun vum Geschäftsverband fir en Appel un d'Diddelenger Leit ze maache fir an de Geschäfte e Bong ze kafen oder mat Donen ze ënnerstëtzen hat e gudde Succès. De Buergermeeschter hat et gesot, dat war awer privat a fräiwëlleg. Fir vill Geschäftsleit war dat eng Drëps op de waarme Steen. Vill Familljen, Independanten hu geziddert ob se et packen an si wëssen et nach net. Dofir hat ech och schonn den Appel gemaach un de Schäfferot fir d'Taxe communale de Geschäftsleit ze erloossen oder hinnen e fixe Montant zoukommen ze loosse.



Wann ech elo kucken, déi Covid-Sprëtzen, déi mir de Veräiner ginn, déi gi bis op 1600 Euro erop bei de Veräiner, déi gutt subventionéiert ginn. 1600 Euro ass vill, mä mir mussen dee Montant da Minimum och eise Geschäftsleit zoukomme loossen. Dir sot elo mir froen eise Locatairë kee Loyer a keen Terrassegeld. Et geet awer net nëmmen ëm Caféen, mir musse méi maachen, mir brauchen eis Servicer an eis Geschäfte. Mir brauchen och eis Veräiner, dat ass ganz kloer, mä mir brauchen och eis Coiffeuren, eis Kinéen, eis Publicitéitsagencen, mir brauche Liewen zu Diddeleng a mir musse jiddereen ënnerstëtzen. Mir nennen eis als Diddeleng oft Dudetown. En Dude ass e Kumpel, dat ass een dee fir deen anere muss do sinn, Solidaritéit ass ganz wichteg a vill Gemenge ginn op dee Wee, do hat ech och zitéiert, dass Réiser hir Commercen ënnerstëtzt andeems se wëllen all Bierger e Bong gi vu 15 Euro fir auszeginn.

D'Stad Woltz keeft bei all Commerce e Bong vun 1000 Euro, bei 120 Betriber mécht dat e Montant vun 120 000 Euro aus, si verdeelen déi Bongen un d'Veräiner, déi se selwer kënnen notzen oder asetze fir hir Tombola. Mir als CSV fannen dee Stengeforter Projet flott, do kritt all Betrib eng Remise vu 500 Euro op den Taxe-communalen, dat ass eng direkt Hëllef, déi liicht duerchzeféieren ass an och laut deem leschte Circulaire vum Ministère ass eng Méiglechkeet do op dee Wee ze goen. Dofir eisen Appel, mir invitéieren de Schäfferot en Hëllefspak Pandemie fir eis Diddelenger Independanten a Geschäftsleit prett ze maachen an zwar esou schnell wéi méiglech.

Dann als 2. kann een natierlech d'Veräiner ënnerstëtzen an hiren Engagement. D'Scoute, déi all als BA gehollef hunn, den eelere Leit hir Akeef ze maachen, de Bitzclub huet Maske gebitt. De Musikanten, déi awer op Christihimmelfahrt de Marsch gespilt hunn. Sportsveräiner, déi keng Buvetten haten asw. De Geste vun den Donen un d'Veräiner ass grousszügeg, dofir dierfe mir net knéckeg si beim Hëllefspak fir d'Geschäftsleit. Net ganz nozevollzéien ass och firwat mir net fir all Veräin déi selwecht Zomm ausbezuelen, mä 50% dropschloen, dat kann een och nach novollzéien a wat mir awer gutt fannen, ass extra dass déi Veräiner, déi eis bei der Fête de la Musique an esou weider hëllefen.

Do ass awer och meng Fro: Mir hu jo extra Budgete fir déi Actiounen ewéi Summer Spill a Spaass, Fête de la Musique asw., déi awer och substantiell sinn, ginn déi Subsiden aus deem Pot erausgeholl? Oder ass dat iwwerhaupt mat deem Budget verbonnen? Hu mir do Kontrakter, sou wéi bei Summer, Spill a Spaass, do hu mir ëmmer eng extern Associatioun, déi eis hëllef, musse mir déi bezuelen oder musse mir de Subsid aus deem Pot huelen? Idem meng Fro bei der Fête de la Musique: Ech weess, dass do och Ufroen gemaach goufe bei Gruppen, dass déi dat anert Joer solle kommen, dat wier interessant fir dat ze wëssen. Also, mir sinn der Meinung, dass mir zwee verschidde Votte brauchen. Hëllef Covid brauch en eegene Vote. Mir hu jo och ofgestëmmt als en Don extraordinaire fir d'Sinisteren am Tornado am August 2020, mir hunn all Joer extraordinär Subside fir d'Veräiner bei Summer, Spill a Spaass oder maache mir

eng Approbation d'un crédit spécial oder eng Approbation des modifications apportées à un article du budget oder geet et iwwer de Fonds à la disposition du collège échevinal pour des mesures dépenses imprévues, wou mir eng grouss Diskussioun haten am Gemengerot am Mäerz, wou Dir 22 000 Euro der Harmonie zoukomme gelooss hutt fir d'Rees ze bezuelen, wou de Ministère de l'Intérieur lech awer zeréckgepaff hutt well dat och huet missen duerch de Gemengerot goen. Bref, de Minimum ass, dass mir en extra Punkt maachen, wou drasteet modification à la décision portant indemnité pour charges extraordinaires aux associations de la commune, mä fir dat heiten alles zesummen ze knätschen ass net fair an net richtig an do kréie mir sécher vum Ministère de l'Intérieur erëm de béise Fanger gewise wa mir dat esou presentéieren.

Dofir nach eemol: Mir wëllen 2 Voten, 1 fir Hëllef fir de Covid an 1 fir Subside fir d'Veräiner. Dat anert ass comptabilitéisméisseg net korrekt an net transparent an dat gëtt vum Ministère de l'Intérieur och zeréckgepaff. D'CSV ass net averstane mat där Opdeelung vun de Subsiden, mä selbstverständlech droe mir d'Covid-Hëllef mat, an der Hoffnung, dass der CSV hir Fuerderung esou séier wéi méiglech op de Leescht geholl gëtt an hei och zum Vote kennt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madame Kayser, den Här Thill an dann d'Madame Goergen an dann den Här Claude.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, ech muss soen, dass ech zu deem Punkt hei vun eisem Grupp kee Mandat hunn, ech sinn awer d'accord, dass eng Rei vun de Froen, déi d'Madame Kayser opwäerft, méi wéi berechtegt sinn. D'indemnité Covid ass e Subside extraordinaire, mir wieren och frou wann e Reglement kennt, wat d'Verdeelung vun de Subside méi kloer mécht. Well ech dës Kéier keen anert Mandat hunn, stëmmen ech déi dote Subside mat, et si jo och net esou gigantesch Chifferen. Dat maachen ech awer d'nächst Joer net méi wa kee Gemengereglement iwwer Subside virläit. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, déi Verdeelung vun de Subside plot eis elo schonn e puer Joer. Natierlech net d'Subside selwer fir d'Veräiner, mä dass mir ni konnten dohannert kommen, no wéi engem Schlëssel déi Montanten do ausbezuelen ginn. Mir hunn ëmmer häpperchersweis d'Hiweiser kritt a kënnen eng gewësse Logik erkennen, mä 100% transparent ass et net. Well een sech iergendwann awer mat deem onvermeidbare muss offannen, hate mir eis dëst Joer iwwerluecht, eis net méi z'enthalten, mä de Montant vun de Subside matzedroen, einfach aus Middegekeet, ëmmer dat selwecht ze soen. Et fält aus enger Hisiicht och méi liicht dëst Joer well mir d'accord si fir eppes Zousätzlech aus ze bezuelen, fir eben den Effekt vun der Covidkris op d'Veräiner e bëssen ofzeschwächen, well mir wësse jo, dass der ganz vill Schwieregkeete kritt hunn a kréien a mir si frou, dass d'Gemeng den Effort mécht fir dat ze schützen.



Bon, mir wëssen, dass de Veräiner vill Einnahmen ewechfalen doduerch, dass Events net stattfannen a keng Bu-vettë gemaach ginn. Dobäi sinn eis grouss Sportsveräiner am meeschte betrafft. Déi zousätzlech Montanten, déi den Här Spina opgesot huet, déi kënne mir matdroen, dofir si mir mat der Erhéijung vun de Subsiden averstannen a wollten se och droen, mir bleiwen awer op laang Sicht gudder Hoffnung, dass eventuell méi Transparenz do erakënnt an dat iwwerschafft gëtt am Zesammenhang mat der Ëmsetzung vun der Offallvermeidung a mat méi enger ekologescher Ausriichtung vun de Veräiner. Insgesamt kann ech der Madame Kayser hir Punkte ganz gutt novollzéien an ech si spontan elo éischter der Meinung, dass een déi zwou Saache misst trennen an en ordinaire Subsid, dee mir ëmmer stëmmen an eben en extraordinaire fir de Covid.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci, Här Claude?

BOB CLAUDE (LSAP): Merci, et ass fir déi 7. Kéier, dass mir iwwer déi Verdeelung vun de Subsiden un d'Veräiner an Associatiounen diskutieren. Bei dëser Geleeënheet soe mir e grouse Merci un déi Servicer, déi déi Subsiden ausrechnen. Mir fannen de Verdeelungsschlëssel, dee virun 8 Joer vun deem Aarbechtsgrupp ausgeschafft gouf an haut esou gutt wéi méiglech ugewannt gëtt, transparent a gerecht. Mir stelle fest, dass eng gewësse Bestännegkeet an déi Subside mat erakomm ass. D'Montante fir déi verschidde Veräiner an Associatiounen hu kaum changéiert. Si sollen eng kleng Motivatioun fir déi benevoll Aarbecht sinn. Déi infrastrukturell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung säitens eiser Gemeng wäert och weiderhin geséichert sinn. Et wier elo eigentlech alles gesot wa mir net déi Corona-Pandemie erlieft hätten.

Mir begrëssen de Vorschlag vum Schäfferot fir den Associatiounen a Veräiner an dësen Zäite mat enger Erhéijung vu 50% vun de Montanten ënnert d'Äerm ze gräifen. Et ass och ze begrëssen, dass déi Veräiner, déi normalerweis bei de Manifestatiounen vun der Gemeng e gewësse Stand gehat hätten, eng Entschiedegung kréien. Verschidde Veräiner, déi vill Ausgaben hunn, sinn op déi Einnahmen ugewisen. Elo mussen se kucken wéi se iwwer d'Ronne kommen. Dës supplementär Covid-Subside sollen eng Motivatioun si fir d'Sozialisierungsan Integratiounsaarbecht an eiser Gesellschaft weiderzeféieren. D'LSAP wäert op jiddwer Fall dëser Subsideverdeelung zoustëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Claude. Ech ginn d'Wuert un den Här Spina fir dodrop ze reagieren an da géif ech och e puer Wuert dozou soen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, villäicht dat Einfachst als éischt, d'Steeler sinn uewen am Tableau elo net ernimmt well se eis näischt zeréck geschéckt hunn, mir ware jo esou verbliwwen, dass mir d'Veräiner uschreiwen an dann e Rappel schécke a wann se den Dossier dann net komplett ausgefëllt hunn oder guer net erageschéckt hunn, wéi an dësem Fall, da kréien

se dat Joer guer kee Subsid a well mir awer ënnen déi Opdeelung esou gemaach hu wéi ech gesot hunn, dass do déi Leit eppes kréien, déi all déi Joeren op den Eventer gehollef hunn, well si do dobäi waren, kommen se do och an de Genoss vun deem Covid-Subsid, dee mir jo dann hoffentlech stëmmen. Ech sinn es och e bësse midd, Madame Goergen, dat deele mir wuel alleguerten, deen Aarbechtsgrupp huet dëser Zäit vill a laang geschafft fir do iergendwéi ze probéieren, all déi Bléckwénkele vun den Associatiounen iergendwéi, sief et Scouten, Sport, Kultur, asw. fir déi iergendwéi an eng Formel ze paken, dat hu mir net zu 100% fäerdeg bruecht an ech soen lech direkt, dat wäerte mir ni fäerdeg bréngen, dass do all Mënsch d'Gefill huet, jidderee wier zu 100% richtig ervirkomm. E Beispill, wéi d'Madame Kayser sot, da kommt mir ginn eng Zomm. Wat fir eng Zomm gi mir dann do? Dat weist jo genau dat, e Veräin, dee soss 3 200 Euro Subside kritt par rapport zu engem Veräin, deen 200 Euro kritt, wéi eng Zomm géif ech do fanne fir deenen 2 Veräiner gerecht ze ginn!? Dat weist jo awer scho wéi schwéier et ass, well ech hunn all Kéiers nom Gemengerot gesot, ma da gitt dem Schäfferot eng Propos, och dat ass net geschitt, well et eben ze komplex ass.

Grundsätzlech, an dat widderhuelen ech ganz gär an dësen Debatten, sinn d'Veräiner zefridde mat deem wat se kréien, mir maache jo och ëmmer den Tour vun de Generalversammlungen, an do kënnt sielen eng Kritik wat eise Subsidenschlëssel ubelaangt. Mir hu jo awer e Schlëssel wou ech virdru sot, Memberen, Encadranten, Jugendmemberen asw. Dat hu mir, dorop ass de Subsid och baséiert an dofir, Madame Kayser, sinn och Ënnerscheeder, well déi aktiv Memberszuelen, Diplomer vun den Encadranten asw, dat variéiert vu Joer zu Joer. Dofir kréien déi Veräiner jo den Dossier auszufëllen a kréien dowéinst och dee Subsid wéi en de Moment ass. Dofir sinn déi Ënnerscheeder vu Joer zu Joer. Wat mir mat agebaut hunn, ass déi 20% Klausel, wou mir soen, egal wéi schlëmm oder gutt d'Joer am Veräi war, dass de Veräi méi oder wéineger eng Planungssécherheet huet, wann déi Variatioun vum Subsid méi grouss wier wéi 20% géif dee kleng Veräin an d'Strüewe kommen, dofir hu mir dat agebaut, dat huet de Schäfferot zesumme mat den Servicer an dem Här Pull mat de Comptabilitéitsleit geschafft fir do déi Stabilitéit mat de Veräiner eranzekréien, dat war deemools net esou proposéiert.

Ech hunn an deem Sënn kee Problem fir nach méi transparent ze ginn, dass mir den Tableau mat den Zuele presentéiere wa mir déi Subside verdeelen, mir kenne jo déi eenzel Zännrieder, mir wëssen awer net wéi schwéier se am Calcul erëmzefanne sinn. Da brénge mir se mat den Donnéeën, déi d'Veräiner eis ginn, da gesitt Dir villäicht, OK, wann do esouvill Membere sinn, da kréien déi esouvill, dat hëlleft jo villäicht, et ass net evident mä et hëlleft villäicht fir nozevollzéie firwat déi Variatiounen vun de Veräiner sinn ausser, mir hunn et gedeckelt bei deene grouse Veräiner well do géife mir soss de Pot, dee mir zur Verfügung hunn, komplett sprengen well bei deene grouse Veräiner géife mir wäit iwwer 3 200 Euro kommen an doduerch da vill manner fir un déi aner Veräiner ze verdeelen. Dofir hu mir et esou gedeckelt. Mir fannen



do och net déi ganz Subsiden ewéi am Budget, well mir do extraordinäre Subside mat dran hunn an déi brauche mir och iwwer d'Joer fir do aner Ausgaben ze decken.

Déi 56 000 Euro ass awer dat wat mir déi lescht Joeeren esou an den ordinäre Subsiden ausginn hunn. Dat mam Covid hunn ech erwänt. Ech fannen et awer ganz delikat wann een de Commerce oder Ähnlechens wëll an déi Diskussioun mat abréngen, mä ech denken, do geet de Buergermeeschter drop an.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech well just eemol nohake beim Loris Spina: Ginn dann déi Subside fir den Summer, Spill a Spaass aus deem Budgetspunkt bezuelt oder ginn déi bei déi normal Budgeten?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech ginn d'Erklärung. Vum Prinzip ass et sou, wann een hei elo zousätzlech Subside gëtt, kann een déi net imputéieren op e Budgetartikel, wou een eng Depense hat par rapport zu der Festivitéit. Dat heite leeft iwwer den Artikel Subsiden an net iwwer aner Manifestatiounsartikelen, just dat vun der Ausrichtung an der Comptabilitéit. D'Madame Kayser respektiv d'Madame Goergen huet sech do och ugeschloss, dass een hei e Subside extraordinaire misst maachen, ech sinn absolut net där Meinung, awer absolut net. Wéini stëmmt een e Subside extraordinaire? Majo, dee stëmmt ee wann zwou Komponente sinn, engersäits e Montant, deen net am Budget war oder eben eng komplett nei Demande, déi guer net am Budget dran ass.

Hei si mir an enger Consideratioun a mir hunn dat ausgeschafft mat eisem Comptable a Receveur. Hei hu mir e Budgetartikel, Subside ordinaire, an dat wat mir hei maachen, ass e Prolongement vun deem Subsid a wa mir am September eis Liste modificative hunn, wäerte mir dat heiten als zousätzlech Depense draschreiw, wéi mir et och mat aneren ordinäre Budgetartikel maachen, mat Fonctionnementskäschte wou net duerginn. Hei si mir ganz kloer an dëser Logik. Et ass also keen Subside extraordinaire well mir déi schonn ageschriwwen hunn an déi net duer ginn, also gi mir hei dee politeschen Aval fir méi kënnen auszeginn an an der Liste modificative am September schéisse mir no a mir hunn eng kloer Deliberatioun heizou. Dat zum budgetäre Votet.

Dir hutt déi Saach ugeschwat mat den Ökokritären. Ech denken, dass d'Veräiner elo am Besoin si fir déi Suen ausbezuelt ze kréien, et war jo den Usaz do fir och Ökokritäre mat eranzebringen, do wäert de René Mandercheid herno drop agoen, mä bon, dat ass ausgefall duerch d'Kris. D'Demarche, déi mir hunn, 75 000 Euro an elo 56 000 Euro, ech denken, dass de Loris Spina do drop agaangen ass, ech sinn awer net der Meinung, dass een hei soll d'Veräiner géint de Commerce an de Commerce géint Veräiner soll ausspillen. Ech denken, mir hunn och d'CSV net gebraucht fir eis ze soe wat mir vis-à-vis vum Commerce solle maachen. Ech ka mech ganz gutt erënneren, dass op Initiativ vun enger Rei Privatleit vun der Gemeng Diddeleng, zesumme mat dem Geschäftsverband d'Stad Diddeleng déi 1. Gemeng war

hei am Land, déi eppes fir hire Commerce gemaach huet an déi Plattform Mäin Diddeleng an d'Liewe geruff huet, wou à ce stade 60 000 Euro an den Diddelenger Commerce gaange sinn.

Also, hei eng Duerstellung ze maachen, well hei geet et net doréms, an dat ass dat wat mech nerft, wie mécht wat a wéivill. Hei gëtt zesumme geschafft fir de Commerce! An net, hei du muss dat maachen an du dat an du dat, hei hunn Acteuren sech zesumme fir den Diddelenger Commerce staark gemaach, déi Suen, déi 60 000 Euro, sinn och an de Commerce gefloss an dat ass den Haaptmessage, egal ob et eng privat Initiativ war oder ob d'Gemeng decidéiert, zousätzlech Mesuren ze huelen. mä dat ass d'Haltung vun der CSV, awer net vun dëser Majoritéit an och net d'Haltung, dass mir deen identesche Montant sollen dramaachen, well mir sinn an engem ganz ënnerschiddlechen Ordre de grandeur, hei an enger Covidkris, an de Staat huet eng ganz Rei Mesurë geholl fir d'Independanten ze ënnerstëtzen, do ka generell d'Gemeng mat deene Montanten an deenen Enjeuen, déi se hunn, net mathalen, well dat si wierklech grouss Zommen.

Nach hu mir eis awer och niewent dem Fakt dass mir déi Plattform geschaf hunn a mir haten driwwer geschwat, gesinn och wat an anere Gemenge leeft, wat ginn et fir Méiglechkeeten an esou, an och wann Dir dat esou hei duerstellt, esou einfach ass et net. Och wann et eng Circulaire gëtt vum Ministère de l'Intérieur, déi verweist ob Hëllef, déi d'Gemengen un hir Commerce kënnen ginn, an ech hoffen dass Dir en Ënnerscheid maacht well Dir kënnt net einfach eng Circulaire nennen, do musst Dir och soe kënnen wat an dëser Circulaire steet, well déi Circulaire verweist op eng Aide directe, déi de Gemengesecteur ka ginn oder eben eng Aide indirecte. Aide directe, dat wier a Richtung vun Taxen, oder Aide indirecte, dat ass wa mir soen, mir ginn eise Menagen e Bong vun enger gewässer Valeur an déi ginn zeréck an de Commerce.

Bei deene zwee Voteten, an dat muss een och soen, Madame Kayser, wann een sech op eng Circulaire berëfft, muss een den europäeschen an den nationale Kader vun den "Aides de minimis" erwähnen an déi setzen e kloere finanzielle Kader wéi wäit een als Acteur privat Betriber dierf ënnerstëtzen oder net dierf ënnerstëtzen, also einfach hei ze verweisen, Dir musst eppes maachen, da musst Dir och komplett soe wat de Stand ass vun den De minimis Etüden, dat sinn 200 000 Euro wou de Kader gesat gëtt, wou d'Europäesch Kommissioun de Kader gesat huet an och dat Europäesch Parlament a wou natierlech och d'europäesch Länner wëllen e gewësse Kader setzen a mir sinn de Moment amgang z'iwwerleeën ob mir do kënnen en zousätzlechen Effort maachen a mir hu gekuckt, mat eise Servicer um Niveau vun den Taxen. Sou evident wéi dat hei gesot gëtt, ass et net.

Ech wëll och soen, ech ëmfroe mech jo och bei deenen anere Kollege Buergermeeschteren, wat déi um Niveau vun der Taxepolitik gemaach hunn. Et bien, déi sinn nach net esou wäit gaange wéi mir! Punkto Taxen. Punkto aner Taxe goufen et héchstens Rapporten, a wann et



Rapporte waren, da war et minim. D'Schwierigkeet, déi hei läit ass, wou setzt een un? Bei allen Taxen, déi mir hunn, hu mir en Deel Taxe fixe, en Deel Taxe variable, du hues de Prinzip vun "Dee wou verbraucht muss och bezuelen", dat heescht, du kanns bei enger Taxe fixe eppes ewech loossen awer wéivill an ass et derwäert? Well wann ee mat de Geschäftsleit schwätzt; schwätzt mol mat deenen, de Problem bei de Leit ass net déi minim Taxen, déi d'Gemeng freet. Et ass éischter d'Personal, fir dat kënnen ze bezuelen, dat war an der Konfektion, déi Stocken, déi se mussen ënner d'Leit bréngen vun enger Winterkollektioun, déi se net lass gi sinn, vun enger Summerkollektioun, déi schonn do ass, vun den Akeef, déi se mussen maachen fir eng Fréijoerskollektioun, dat ass eng Realitéit mat där déi Leit vun de Commercen dobausse konfrontéiert sinn an net déi Taxen. Dat ass eng Dréps op de waarme Steen an dann, wann een an déi Richtung geet – muss ee kucken wéi ee Budget een sech gëtt.

Déi Diskussioun muss een da féieren, mir sinn och amgang, déi mat de Servicer ze féieren a wann een dann an déi Richtung geet fir och niewent der Plattform, déi mir gemaach hunn, Bongen ze maachen fir e Menage oder Awunner, dann huet dat e konsequente Budget, dat kann zwar e Volet si fir weider Suen an d'Geschäftswelt ze steechen, dat sinn Iwwerleeungen, déi mir féieren, mä sou einfach wéi Dir et duerstellt ass et net well mir un en nationalen, reglementäre Kader gebonne sinn, deen och mir mussen als Gemeng awer ënnerstëtzen an et kann een en Hëllefspak ginn, mir hu bis elo dat gemaach wat mir konnten, verschléissen eis och sécher net aneren Initiativen, mä mir sinn net der Meenung, dass een hei soll d'Geschäftswelt géint d'Veräinswelt ausspillen a par rapport zu Ärer Conclusioun, dass een hei zwee verschidde Votte muss maachen, där Meenung sinn ech net well mir an engem Prolongement si vun engem ordinäre Budget. Voilà, dat gesot, domat hätt ech probéiert op alles anzugehen a wa keng weider Wuertmeldung ass, kënnen mir zum Vote iwwergoen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Zum ökologesche Kritär, well ech just folgendes soen: mir hunn eis natierlech Gedanken gemaach, wéi kéinten déi Kritäre ausgesi fir d'Veräiner an do hu mir eis einfach iwwerluecht, dass mir géifen, vu dass mir mam Ökozentrum Pafendall zesumme schaffen, do hu mir eis un de Green Events ugehaangen, dat heescht, all Veräi muss sech au départ vun enger Manifestatioun mat dem Ökozentrum zesummesetzen fir kënnen déi List ofzehake fir kënnen esou eppes dann ze organisieren an do ginn et zwee Labelen, de "Green Label" an den "Ech engagéiere mech" Label an do hate mir geduecht, dass mir géife soen 150 Euro fir dee Veräin, deen de Label "Mir engagéieren eis" kritt an 300 Euro fir den Top Label mam Green Label.

Dat war eng Iddi, dat wollte mir mat de Veräiner decidéieren an da komme mir an de Gemengerot zeréck fir déi Charte dann ze verabschieden, sou ass et virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi Präzisierungen, da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn. **Wien ass mat der Deliberatioun vun den uerdentleche Subside fir d'Veräiner averstanen? LSAP, Déi Gréng, Déi Lénk an den onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? D'CSV.**

4.10. VERDEELE VUN AUSSERUERDENTLECHE SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir bei e Subside extraordinaire, SOS Détresse, an do lehne mir eis un dee Montant un, dee mir déi lescht Joeren ëmmer ginn hunn, dat sinn 100 Euro.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech wollt Stellung dozou huelen, ech hoffen, ech nerven lech net ze vill. Dat mat den 100 Euro verstinn ech, domadder si mir och averstanen, ech fannen awer hei misst een op 300 Euro erop goen an ech soen lech och firwat. Déi Associatioun ass als Ulafstell immens wichteg a war och an der Covid-Zäit immens wichteg. Diddelenger Bevëlkerung dat sinn ronn 3,3% vun der Nationalbevëlkerung. Wann ech dann déi Zuele kucken, déi se geliiwert hunn, 3953 Uruff a 471 Mailen an ech ginn dovunner aus, dass déi gläichméisseg iwwer d'Land verdeelt sinn, da ginn ech dovunner aus, datt 147 Kontakter hei aus der Gemeng komm sinn. Dat ass all zweeten Dag een an ebe well dat eng Hëllef ass hei fir d'Leit vun Diddeleng, hätt et mir net iwwerdrifwe geschéngt, 2 Euro pro Uruff zougeestoen, dofir kommen ech op déi 300 Euro. Dat ass kee gigantesche Chiffer an ech denken, en ass berechtegt, dofir meng Ufro un de Schäfferot ob en domadder kéint d'accord sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är Stellungnahme, mir haten déi doten Diskussioun och am Schäfferot ob een net soll an d'Luucht goen, a mir hu gesot, kommt mir loossen de Gemengerot mat erakommen a kucken, wat si dozou soen. Mir haten am Schäfferot ugeduecht fir 200 Euro ze ginn. Dir hutt iwwerbueden, mir hunn do kee strong Feeling, dat ass effektiv eng wichteg Ulafstell gewiescht mir kënnen gär deem Montant nogoe wa mir hei eng Gemengemajoritéit fannen. Dat heescht, mir kënnen der Propos nogoe fir de Montant ze verdräifachen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.



6. MODIFIKATIOUNEN AN DER ZESUMMESTELLUNG VUN DE LOKALE KOMMISSIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da gi mir weider op deen nächste Punkt, dat sinn eis Kommissiounskompositiounen, do hu mir Déi Lénk, déi eis Changementer matgedeelt hunn an der Finanz-, Budgets- a Wirtschaftskommissioun, do ersetzt d'Tessy Erpelding de Jos Thill. An der Mobilitéitskommissioun ersetzt d'Carole Thomas den Yves Jadin. An der Néi-Medien-Kommissioun ersetzt den Dan Phillips den Yves Jadin. An der Jumelage- an Tourismuskommissioun ersetzt d'Michèle Péitesch den Yves Jadin. An der Sports- a Fräizäitkommissioun ersetzt d'Danièle Nilles de Jos Thill. An am Pool de remplaçants ersetzt d'Danièle Nilles den Yves Jadin. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci

7. PERSONALFROEN

7.1. CREATIOUN VUN ENGEM VOLLZÄITPOSTE FIR E GEMENGENEMPLOYÉ - GEHALTSGRUPP A2 – EDUKATIVEN A PSYCHOSOZIALEN ËNNERGRUPP (ÉDUCATEUR GRADUÉ) (EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op d'Gemengepersonal an do hu mir direkt 3 Punkten op déi mir Personal astellen. Dat geet virun allem ëm d'Crèche am Quartier Italien an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo d'Wuert.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci, dat éischt ass eng Création de poste vun engem A2, en Educateur gradué fir d'Crèche. Mir kreéieren deen elo an déi Leit solle fir den 1. Oktober agestallt ginn, déi Leit müssen och ugeléiert ginn. Dat ass de Gradué.

7.2. CREATIOUN VU 5 VOLLZÄITPOSTE FIR GEMENGENEMPLOYÉEN - GEHALTSGRUPP B1 – EDUKATIVEN A PSYCHOSOZIALEN ËNNERGRUPP (ÉDUCATEUR DIPLÔMÉ) (EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

7.3. CREATIOUN VUN 8 VOLLZÄITPOSTE FIR GEMENGENEMPLOYÉEN - GEHALTSGRUPP C1 – EDUKATIVEN A PSYCHOSOZIALEN ËNNERGRUPP (AIDE-ÉDUCATEUR) (EDUCATIOUN AN ACCUEIL)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech fueren dann einfach weider, eng Création de poste fir 5 Diplôméen, dat ass och fir d'Crèche an och déi solle fir den 1. Oktober recrutéiert ginn. Dann dee leschten,

den 7.3 ass eng Creatioun fir 8 Educateuren, dat ass och fir d'Crèche. Ass de Gemengerot mat deene Punkten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech Merci villmools.

7.4. CREATIOUN VUN ENGEM SALARIÉSPOSTEN AN DER HANDWIERKERCARRIÈRE – USTRÄICHER (GMP)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op de leschte Punkt, dat ass e Salariésposten. Och wann e budgétiséiert ass, dee wollte mir hei schafen als Usträicher, ee mat engem DAP, 40 Stonnen ab dem 1. Juli. Dat huet domat ze dinn, dass den Entretien an eise Gebaier ëmmer méi zouhëlt a mir wëllen eis do esou opstellen, dass mir déi Gebaier e gudden Deel an Eegeregie maachen, wat eis och gelénge duerch déi Ekip, déi mir hunn, sou dass mir net müssen ëmmer op Societéite vu baussen zeréckgräifen, natierlech wann et elo gréisser Saache sinn, gräife mir op déi zeréck. Mä wann et doréms geet, Kllassesäll nei unzesträichen, dass mir do op en Usträicherteam kënnen zeréckgräifen, sou dass mir manner ofhängeg sinn. Dofir déi Creatioun. Ass de Gemengerot domat averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

8. STELLUNGAM ZU DER BELSCHER STRATEGIE FIR D'GESTIOUN VU RADIOAKTIVEN OFFÄLL AM KADER VUN DER GRENZUWERSCHREIDENDER ËFFENTLECHER KONSULTATIOUN VUN DER ONDRAF

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op deen nächste Punkt, de Punkt 8, an dat ass d'Motioun, déi Déi Gréng eis erageschéckt hunn, wat déi belsch Strategie ugeet fir d'Gestioun vun den Déchet-nucléairen am Kader vun enger ëffentlecher Konstellatioun, deen Transfrontalierscharakter huet, vun der ONDRAF. Do ginn ech dann deene Gréngen d'Wuert.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech an dëser Interpellatioun kuerz faassen an lech verschoune mat gréngen Atomkraaft-Nee-Merci Tiraden, mä de beschten Offall ass nun emol deen, dee guer net entsteet. Den 12. Mee 2020 huet an enger Pressekonferenz d'Ëmweltministesch, d'Madame Carole Diesch-



bourg Folgendes matgedeelt: Zanter dem 15. Abrëll gëtt et eng Consultation publique vun der belscher Autoritéit, der ONDRAF, Dir gesitt d'Ofkierzung do uewen. Dës Consultation publique ass och den Nopeschlänner zougänglech bis den 13. Juni. Ëm wat geet et? Et geet ëm laangfristegt Lagere vun héichradioaktivem Müll aus de belschen Atomkraaftwierker vun Tihange an Doel, Müll, deen och nach 10 000e vu Joere weider straalt a geféierlech bleift. Déi belsch Autoritéit schléit hei de Stockage géologique vir, also déif ënner dem Buedem, do kéim en Atommüllendlager. Wëssenschaftlech gesi gëtt et keng Laangzäiterfahrung wat an de geologesche Schichte passéiere wäert, a wat dat op laang Zäit fir Auswierkunge fir Natur an Ëmwelt an och besonnesch Drénkwaasser bedeite kéint. Et gi 7 méiglech Standuerten an der Belsch, dovun 2 am noe Grenzgebitt. D'Couche géologique vum Standuert Synclinal de Neufchâteau féiert op der Héicht vum Stauséi bis an eist Land eran.

An deem Sënn kéint dat e Risiko fir eis Haaptdrénkwaasserquell bedeiten. Ronn 80% vun den Awunner vu Lëtzebuerg sinn iwwer d'SEBES un déi ugeschloss. Diddeleng iwweregens och. Mir kréien iwwer de Syndicat des eaux du Sud eist Drénkwaasser och zum Deel vum Stau. Mat dëser Motioun wëlle mir als Gemengerot eisen Desaccord zum Ausdrock bréngen zu de Pläng vun der belscher Regierung a mir froe fir d'Consultation publique ze verleeën an ze vervollstännegen. Emol ofgesinn dovunner, dass déi wichteg Consultatioun am Confinement vum Covid lancéiert gouf, gëtt et awer och eng Rei Inkohärenzen a Froen zu der Ëmweltpräiwung, déi net op déi grenziwwerschreidend Risiken an de laangfristegen Impakt op eis natierlech Ressourcen aginn. D'Lagerung vum héichradioaktivem Offall bleift weltwäit eng ongeklärten Erausfuerderung. Trotz joerzengtelaanger Fuerschung gëtt et keng zefriddestellend Léisung fir d'Lagerung vun den Offäll, déi bei der Atomstroumproduktioun ufalen. Dofir gëlt et iwwer en demokratesche Wee zezusammen déi am mannst schlechte Léisung ze fannen. Ech soen lech Merci an ech hoffen op Är Ënnerstëtzung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Monique Heinen fir déi dote Presentatioun vun der Motioun. Ech hu gelies wat als Introduktioun war, Titelblatt par rapport zu der Motioun oder de Begleitbréif vun de Gréngen, ech hunn lech och elo nogelauschtert an Ären Ausféierungen. Dat verleet mech dozou, ze soen, dass a kengem Saz erwänt gëtt, wien den Auteur vun dëser Motioun ass. Dat ass net Déi Gréng - Diddelenger Fraktioun, déi den Auteur ass vun dëser Motioun, ech wëll dat hei kloer präziséieren, mä den nationalen Aktiounskomitee géint Atomkraaft. Dat ass e parteiwwergräifend Bündnis, wou och Membere vun der Zivilgesellschaft dra sinn an och Gewerkschaften a mir sinn och als Diddelenger Gemeng Member vum nationalen Aktiounskomitee. Ech wollt dat hei präziséieren an ech wëll awer och, dofir hunn ech och gutt nogelauschtert wat Dir gesot hutt, ech sinn net esou amused, aus deem Grond well ech d'Impressioun hunn, dass dës Projet vun der Motioun privilegiert un eng spezifesch Partei geschéckt ginn ass, wou villäicht als Member vum Aktiounskomitee sinn lech méi no stinn. Bei Geleeënheet, wann ech se gesinn, wäert ech hinnen

dat soen a wann Dir si gesitt, kënnt Dir hinnen dat och soen. Ech war d'lescht Woch och mat hinnen a Kontakt, do wusst ech dat awer net.

An där Partei, där ech méi no stinn an ech hunn an där Parteizentral selwer nogefrot, respektiv um nationalen Niveau, huet bis elo nach keen déi dote Motioun ze gesi kritt. De Méindeg de Moie louch déi Motioun bei mir am Schafferot um Büro mat der Demande, dass se soll op den Ordre du jour kommen. Sonndes géint Mëtternuecht huet de Syvicol dee Projet de motion geschéckt kritt fir driwwer ze kucken an dann un déi 102 Gemengen ze schécke fir dann ze kucken ob d'Gemengen sech do kënnen dohannert stellen oder de Projet de motion, fir dann natierlech och kollektiv de Message ze ginn, dass mir als Gemengesecteur géint Atomkraaft sinn, wat jo och evident ass op verschidden Niveauen a parteiwwergräifend. Dat weist also, wéi gesot, an de fait, hei iwwer den Diddelenger Gemengerot eraus, dass déi Gréng Partei och anere Gemengeréit hei am Land, déi d'Motioun presentéiert huet, ënnersträicht ganz kloer hei de Werdegang. Also, wéi gesot, ech apprécieieren dat vun engem nationale Bündnis, dee parteiwwergräifend a mat der ziviller Gesellschaft soll zesumme schaffen, absolut net. Ceci dit si mir awer par rapport wat de Fong vun der Motioun ugeet, vun dëser Säit aus absolut eens an ech denken, d'Kollegen hei vun den anere Parteie wäerten dozou Stellung huelen, wann se wëllen.

Déi Propos, déi mir lech hei géife maachen, ass e besselchen déi Motioun duerchkucken, mir hu wéi gesot och am Syvicol doriwwer geschwat, well mir jo och de Méinde kuerz d'Geleeënheet haten duerchzekucken, och eréischt an 2 Wochen eréischt um offiziellen Ordre du jour hu fir et dann un d'Gemengen ze verschécke mat engem Avis, wollt ech awer hei e puer lwwerleunge gi fir dass mir déi Motioun awer hei kënnen haut hei stëmmen, e puer Modifikatioune proposéiere wat d'Form ugeet, respektiv e puer Ajoute maache wat de Fong ugeet, fir se och ze compléetieren. Dat eent ass da vläit e besselchen méi stilisteschesch well et war e Projet de motion, deen erausgaangen ass, wou een och kann ergänzen, wou Dir lech d'Méi gemaach hutt, deen auszedäitschen, ze spezifizéieren.

Do war am Fong op der 2. Säit éischer ze ersetzen "scandalisé" duerch "outré par le fait que", e Skandal ass et jo net, well et ass jo gewosst, dass et dat gëtt, et ass näischt Neies, dofir déi Ëmformuléierung. Dann "rappelant que le Grand-Duché de Luxembourg a renoncé au projet de construction", also dat ass e bësse Linguistik. Dann awer e wichtigen Aspekt, deen hei soll erakommen, deen eis gefeelt huet; "Constatant que la ville de Dudelange s'est depuis le premier plan de construction à Cattenom, région frontalière sur le côté français, toujours opposé et engagé contre l'énergie nucléaire en général et contre la centrale de Cattenom en particulier". Och wa mir dat heiten un déi belsch Autoritéite solle schécken, solle mir awer ganz kloer weisen, dass mir vun Diddeleng vun Ufank un eng kloer Positioun hate well mir direkt concernéiert sinn, well mir 4 Atommeiler all Dag virun eiser Dier hunn an déi och gesinn. Dat ass eng Proposition fir en Ajout wat de Fong ugeet.



Dann deen nächste Punkt, éischter “estimant de toute façon qu’il est humainement impossible” oder “de toute façon impossible de garantir le stockage souhaitant que des débats à mener notamment avec des experts indépendants”, do villäicht éischter den “etc.” ewechhuelen. Da war Ären Originaltext, deen Dir hat, dat war natierlech dee vum nationalen Aktiounskomitee, do stoung “convaincue que l’homme draftant de revendre la peau de l’ours avant de l’avoir abattu”. Ech muss soen an enger Motioun kléngt dat net esou... c’est très alléchant, mä vun enger offizieller Entitéit, déi de Gemengerot awer ass, kann een dat roueg ëmformuléieren an anescht ausdäitschen an “convaincue q’une mise en oeuvre de la proposition pour le stockage géologique des déchets radioactifs de l’ONDRAF est purement hypothétique, qu’il échet impérativement et ceci en amont de toute décision, d’abord de prouver scientifiquement que le stockage envisagé soit possible sur le territoire belge Avant d’opter définitivement pour ce mode de Stockage”. Dat ass am Fong dee selwechte Contenu, mä e bësselchen anescht geschriwwen an de Bier, dee loosse mir mol do eraus a säi Fell dann och.

Dann e bësse weider hu mir bäigesat, dat hat Dir och schonn deelweis ugedeit an der Motioun “rappelant que la plupart des communes, à peu près 80% de la population luxembourgeoise, sont raccordées aux installations de traitement d’eau potable du Syndicat des eaux et du barrage d’Esch-sur-Sûre, syndicat qui soutire la majeure partie de son eau brute du barrage du lac de la Haute-Sûre” an dann hu mir bäigesat de Volet drënner natierlech ronderëm d’SES an d’Proximitéit mat der Vallée de l’Eich an der Gaume, déi jo och concernéiert ass mat den Décheten, deen Tiret hu mir bäigesat an dann och d’Prézioun, dass “considérant que l’approvisionnement en eau potable issue directement de la capacité de SES représente plus de 40% de la consommation de l’eau potable de la région du pays tandis que la restante provient des capacités de SEBES”. Dat ass einfach fir de Kader nach eemol kloer ze setzen. Dat war par rapport zu de Consideranten.

Dann awer par rapport zum Opruff, dee soll gemaach gouf, do war bei lech an der Propos, déi Dir gesot hutt, “charge le collège du Bourgmestre et échevins à transmettre la présente délibération avant le 13 juin 2020 à l’ONDRAF”. Bon, den 13. Juni ass jo d’date butoir wou een dat soll eraschécken un d’ONDRAF. Et ass e bësse cocasse wann elo do just den Diddelenger Gemengerot dat eleng ob Bréissel schéckt, déi da kucken, wou Diddeleng ass. Mir wäerten dat sécherlech maachen, mä mir hu vun der Pressekonferenz geschwat, dass mir dat éischter esou dréinen, dass Dir engersäits de Schäfferot invitéiert, also “invite notre Collège du Bourgmestres et échevins”, dat ass den Interlocuteur. Awer als Gemeng ass nach ëmmer d’Regierung, respektiv den zoustännige Ministère, esou dass mir déi heite Motioun un d’Regierung, respektiv deen zoustännige Ministère, respektiv un d’Ministesch weiderginn an dass si kuckt, dass déi Consultation transfrontalière stattfënnt an dass och natierlech d’Lëtzebuurger Bierger hiren Avis kënnen ginn, wat déi Projeten op der belscher Säit ugeet.

Et ass jo och d’Regierung, déi eis do als Gemeng vertritt an hinnen den Optrag ginn, déi Diskussiounen weiterzeféieren an eis de Réck ze stäipen, well am Fong si mir eis jo eens, dass mir dat do vill méi kritesch gesinn, wat awer och den Ëmweltministère oder d’Ëmweltministesch froen, dass se och d’Gemeng um Courant soll hale wéi et mam Dossier ass. D’Regierung huet jo och gesot, dass si e kriteschen Avis wëll schreiwe par rapport zu der Consultation publique an natierlech, wa mir déi Decisioun huelen, mir och déi Decisioun un d’ONDRAF schécken, mä dass mir se och un d’Regierung an de Ministère schécken, dass si och iwwer dee Wee de Réck gestäipt kënnen kréien an de Verhandlungen, wann se gesinn, ma hei d’Lëtzebuurger Gemengen, well ech ginn dovunner aus, dass do vill Gemenge sinn, déi och de Réck stäipen, ma déi sinn effektiv do, déi stäipe mir de Réck, dass ech hei déi Missioun hunn, d’Lëtzebuurger Land an där Diskussioun ze verrieden an och d’Intéressie wat d’Déchets nucléaires ugeet am Intérêt vum Lëtzebuurger Land ze negociéieren an ze verdeedegen.

Dat ass e bëssen déi Ëmformuléierung, déi mir hei wollte maachen an lech proposéieren. Dat zu den Ergänzungen vun der Motioun. Mir hunn och eng Kopie, dann deele mir se aus an dann hutt Dir se.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Villmools Merci, iwwer de Prinzip si mir eis alleguerten eens: Wann e Projet Lëtzebuerg oder seng Awunner riskéiert ze impaktéieren, ass et wichteg, zousätzlech Informatiounen ze froen an da gegebenefalls sech ze opposéieren. An deem Sënn hunn ech vum Lëtzebuurger Aktiounskomitee géint d’Atomkraaft e ganz fondéierten Avis gesinn, ech betounen Avis zum belsche Projet, keng Motioun, déi hunn ech net gesinn. Deen Avis wäerft eng Rei berechtigt Froen op an zu deene Froen sti mir als Déi Léng och. Da muss ech soen, dass bei allem mënschlechem Respekt fir meng zwou Gréng Kolleeginnen, mir awer hei e bëssen de Mond opstoe bliwwen ass, wéi ech déi Motioun gelies hunn an, en gros, fir et ze resuméieren, et gëtt vill ze vill mam Fanger op d’belsch Regierung gewisen an ze wéineg op eis. Ech fannen dat geet einfach net.

Et sinn eng Rei Elementer an dëser Motioun, wou ech Problemer domat hunn. Ech muss och soen, wéi ech déi Motioun gelies hunn, ech hunn domat staark Emotiounen verbonnen an ech probéieren dann awer hei méiglechst roueg an objektiv ze bleiwen. Ech fänken hinnen un op der 4. Säit ganz uewen, do steet: “sachant qu’il s’agit, en ce qui concerne l’accord bilatéral belgo-luxembourgeois pour la reprise de maximum 30 m² de déchets radioactifs luxembourgeois, en réalité de quantités rares et minuscules ...”. Also, d’Belsch huelen eis eisen Atommüll of an da fänke mir do un, déck Baken ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass richtig.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): An deen heite Punkt, dee mech besonnesch stéiert, ech weess net ob déi Eeler hei am Haus sech erënnere wat fréier mat deem Atommüll geschitt ass... deen ass op der ARBED Schëffleng einfach an d’Decharge, an déi oppen Decharge getippt



ginn. E gewëssen Här Norry Kirsch huet probéiert, dat a sengem Ministère ze änneren. Hien ass, well en do net virukoum, virun d'Press gaangen a statt dass dunn d'Lëtzebuerger Regierung Äschen op hir Käpp gestreet hätten a Bous a Leed erweckt hätt an sech geschummt hätt, ass den Här Kirsch zwangsversat ginn an de Landwirtschaftsministère, do vum Minister op en Ofstellgleis gesat ginn a mir hunn hien eng Kéier dout moies a sengem Büro erëmfonnt, well de Mann du Selbstmord gemaach hat. Dofir meng Emotiounen zu deem Punkt. Den Här Norry Kirsch war en éierenhafte, gewëssenhafte Fonctionnaire an deem hat esou en Dout net verdéngt. Sou wäit zu deem Punkt.

Ausserdem, ech maachen elo bëssen den Avocat du diable fir d'Belsch, mä d'Belsch ass e klengt Land, egal wou déi elo de Müll stockéieren, sinn se ëmmer no bei engem Noper an heiansdo dräi Noperen. Dofir sinn ech awer relativ respektvoll well si probéieren, hiren Dreck bei sech Meeschter ze ginn an net an de Burundi ze schécken, well do ass Lëtzebuerg nämlech och en Europa-Champion. Eis cheemesch verseucht Biedem ginn an Holland, eise Plastik a Bauschutt geet an Däitschland an den Atommüll geet an d'Belsch. Do ass also en Betätigungsfeld fir eis Ëmweltministesch an eis ganz Regierung, fir ze kucken, dass mir mat eisem Dreck, dee mir maachen, hei am Land eens ginn.

Mäin 2. Punkt, dee kann ech net ausloossen, wat den drëtten an zweetleschten Tiret op där Säit ass, ech liesen emol vir: "...regrettant que cette consultation publique importante a été lancée en pleine période de confinement et ce malgré le fait que de nombreux pouvoirs publics ont reporté, interrompu ou prolongé de manière générale la plupart des délais, procédures et consultations politiques et administratives pour cause de crise sanitaire ...", dann deen nächste Tiret: "...convaincu qu'une réelle participation du public est impossible durant cette période de crise ...". Majo, et ass schéin, dass mir dat de Belsch erzielen, mä mir, d'CSV och, hu gefrot fir de 5. Mee, dass de Vote iwwer den CETA-Accord an der Chamber géif reportéiert ginn aus eben deene Grënn. Déi Demande ass mat de Stëmme vun der Majoritéit ofgelehnt ginn. Also och mat de Grénge Stëmmen. De 6. Mee ass dann den CETA-Accord duerch d'Chamber gebaatscht ginn. Ech si frou oder et ass léif vun lech, soe mir dat emol esou, dass Dir eis hei beschäinegt, schréfflech a schwaarz op wäiss, dass déi Prozedur vëlleg inappropriéiert war. Dir schreift et, net ech.

Dee leschten a wichtegste Punkt, do ginn ech op d'Säit 2 uwen: "...outré par le fait que, malgré l'absence de solution, l'industrie nucléaire continue toujours à produire des déchets extrêmement dangereux et d'une longévité radiologique dépassant l'entendement humain ..." an dann op der Säit 3 ënnen d'Suite dovunner: "...estimant qu'en attendant la validation éventuelle (ou non) d'une solution sûre pour la gestion des déchets nucléaires, la première priorité devrait être la réduction maximale des déchets visés et donc l'arrêt des réacteurs nucléaires ...". Mat deem Punkt kënnen mir nëmme voll d'accord sinn.

Et stéiert eis awer immens dann, dass d'Lëtzebuerger Regierung weiderfiert, iwwer de Fonds de compensation eben déi doten Nuklearinstallatiounen an déi Firmaen, déi se bedriewen, nämlech ENGIE an der Belsch an EDF a Frankräich, ze ënnerstëtzen. Dass mir och do Stroum kafen an ëmgekéiert muss ech do mäi Respekt der Diddelenger Gemeng ausschwätzen, déi konsequent ass a säit September 2007, wann ech richteg informéiert sinn, nëmme Naturstroum keeft. Also sech manifestement vum Nuklearstroum geléist huet. Ech muss och mäi Respekt ausschwätzen dem Här Lucien Lux, dee fréieren Transportminister, well deen huet och fir d'Zich decidéiert, dass do nëmme géif Naturstroum geholl ginn. Dat sinn déi ëffentlech Acteuren awer net all. An deem Sënn misst déi Motioun completéiert gi mat engem Opruff, an ech géif eise Buergermeeschter och bidden, dat esou am Syvicol virzedroen, dass wann se esou Motiounen fortschécken, sech engagéieren och nëmme Naturstroum ze huelen a keen Nuklearstroum méi weder a Frankräich nach an Däitschland nach an der Belsch anzekafen.

Ech denken, mir kënnen do net soen, dat ass alles schlecht an dat dann awer benotzen also en Opruff, déi Motioun, dass do en Tiret bäigesat gëtt, dass de Kompensationsfong an Zukunft net méi dierf an Nuklearenergie investéieren. Ech weess, ech kréien dann ëmmer gesot, de Fonds de compensation ass en Organe tripartite, deen decidéiert selwer, deen ass awer net ganz tripartite, dat wëll ech emol soen, an de Fonds de compensation ass duerch e Gesetz gegrennt ginn, also ass et och kloer méiglech, duerch e Gesetz ze soen, a wat de Fonds de compensation net dierf investéieren an esou laang wéi dat net an der Motioun bäigesat gëtt, stëmme mir och net dofir.

Well mir fannen, et ass bal schizophren op där enger Säit ze soen, dat ass net gutt an da genau dat ze maachen, an et ënnergriecht och d'Glaubwürdegkeet wann een op där enger Säit seet, mir wëlle keen Atommüll an da schaffe mir mat fir den Atommüll ze produzéieren. Net nëmme, dass mir do Stroum kafen, mä mir investéieren an déi Atomreakteren, dat kann net sinn. A wann esou en Tiret net dobäi kennt, ech schreiwen en och gär, mä dann enthalte mir eis, mir kënnen jo net komplett dogéint sinn, mä et fält mir esouguer schwéier fir mech just ze enthalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

Merci Här Thill, just wann Dir eng Propos maacht vun engem Ajout, wier et ëmmer gutt wann Dir déi parat hätt, ech hat elo gemengt, Dir hätt eng prett um Pabeier, mä mir kucken dat herno. Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, den Här Thill huet viles gesot wat ganz interessant war an och viles wat ech net wousst, och dat vu Schëffleng wosst ech net. Ech ka mech just widderhuele bei deem wat ech de Moie sot, wa mir keen Atommüll wëllen, dierfe mir kee produzéieren oder de Maximum maache fir esou wéineg wéi méiglech ze benotzen. A wa mir nei Gebaier bauen, ass et eng gutt Léisung gewiescht, fir da Solarzellen drop ze setzen. Wat am Gesetz net virgesinn ass, wann dat en



Hinderniss ass, da musse mir kucken, dass mir Propose maachen, dass mir dat gedréint kréien, dass d'Leit, wann se nei bauen dass se dat da musse maachen.

Et kann een iwwer alles diskutéieren, Subsiden asw. mä ech denken dat ass deen eenzeg richtege Wee, dee mir hei maache kënne fir och emol e Punkt ze setzen, esou ass et an esou kënne mir et maachen an esou kënne mir manner Atommüll produzéieren. Ech ginn lech e Beispill, ech fueren all Dag laanscht Ribeschpont, do si vill Haiser, déi hu just e kleng Panneau an do ass vill "verluere Plaz" um Dach wou ee kéint Solarzellen drop maachen. De Punkt ass awer mam Finanzement, du kanns et maachen, du muss awer net, dann hëls de déi Sue léiwer fir eppes anescht an ech denken, dass mir do an Zukunft mussen en anere Wee goen. Ech hunn net méi dozou ze soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Martini, Dir hutt een Element ugeschwat, mä dat ganz Element nennt sech energetesch Transitioun, ech denken, dat ass déi ganz Strategie, déi een huet fir aus der Atomproduktioun erauszeklappen, do ass dat doten e klengen Deel dovunner, mä hei sinn eng ganz Rei Saachen, déi matspillen a souwisou ginn sech déi europäesch Länner eng Strategie, déi eng méi schnell, déi aner manner séier, well och ekonomesch Intérëten sinn, déi net ëmmer gerechtfäerdigt ass, mä dat sinn déi Realitéiten, déi et ginn. Gutt, wëll nach ee Stellungnahm huelen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wëll dem Jos Thill dann awer e puer Saache beäntweren. Dat mat de Medikamenter, de radioaktive Müll, dee vu Lëtzebuerg an d'Belsch geet, ass éischter aus dem medizinesche Beräich an deen ass extrem kleng, deen ass och schwach radioaktiv. Hei geet et jo ëm den héichradioaktive Müll. Dann ass dat mat de Fonds de compensation, dat hat d'Madame Dieschbourg och an der Chamber ze héiere kritt an do huet si geäntwert, dass do probéiert gëtt drun ze schaffen. Ech fannen dat awer gutt wa mir déi Sätz nach dobäi maachen a mam Atomstroom, do ass Enovos, déi hu just Naturstroom an den Atomstroom aus der Belsch ass haaptsächlech dann nach d'Industrie an den Här Turmes sot och an der Chamber, dat kann een hinnen net verbidden. Mat de Verbesserunge sinn ech averstanen, ech hunn dat doten de Sonnden Owend eraginn, ech hat do deelweis och déi Verbesserung kritt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech hunn zwar elo de Werdegang, vun de Verbesserungen, net verstanen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ma dass mir mat Ären Ajouten averstane sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ok, an der Rei. Merci. Fir dass mir hei elo wéi een esou schéi seet – mir ware virdru beim Bier sengem Pelz - duerch de Bësch kommen, fir dat zeréckzehuelen, wat déi zweetlescht Säit ugeet: "Sachant qu'il s'agit, en ce qui concerne l'accord bilatéral belgo-luxembourgeois", dat ass jo eng Realitéit. "pour la reprise de maximum

30m3 de déchets radioactifs luxembourgeois, en réalité de quantités rares et minuscules parce que les déchets radioactifs originaires du secteur médical et du secteur industriel luxembourgeois doivent être repris par les fournisseurs respectifs", ass dat eng Formulatioun mat där s de liewe kéins, dann huele mir "en réalité des quantités rares et minuscules" eraus. Mä ech denken, et ass jo awer eng Realitéit, et läit un der Quantitéit, also et ass eng Saach vu Wording, wa mir dat eraushuelen, da behält awer de Considérant do seng Teneur, et ass eng Realitéit, mä mir huele just déi Appreciatioun, dann eraus, dass et rare a minuscule ass, mä et bleift awer. Kéins de domadder liewen, Jos? Mir probéieren elo hei e Compromis ze fannen.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Also d'Formulatioun wier op jiddefall besser a manner mam Fanger op d'Belsch gweisen, well, wann ech do belsch Ëmweltministerin wier, da wier direkt d'Retourkutsch komm an ech hätt gesot ...

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Déi ass jo och komm.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): ...ma wann déi Décheten esou minuscule an net esou radioaktiv sinn, ma dann haalt Äre Schrott bei lech, kuckt dass Dir eens gitt. Dofir géif ech denken, et wier besser, dass dee ganzen Abschnitt gestrach gëtt, well dat fërdert eis Argumentatioun net. Mä bon, ech sinn awer mat deem dote Kompromëss averstanen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

OK, also: "Sachant qu'il s'agit, en ce qui concerne l'accord bilatéral belgo-luxembourgeois pour la reprise de maximum 30m3 de déchets radioactifs originaires du secteur médical et du secteur industriel luxembourgeois doivent être repris par les fournisseurs respectifs". Dat hält jo dann d'Strooss. Gutt, dat mat der Consultation publique niewent de Consultatiounen déi ee kann hunn, do wëll ech net eraushéieren dass een dat soll ewechhuelen, mä voilà, et ass eng Diskussioun wat d'Consultatioun publique ugeet. Et ka jo sinn dass déi legal Prozedur dat virgesäit, hei ass et obligatoresch Consultatioun. Da war nach déi Saach mam FDC, hues de eng Formulatioun, déi s de eis ënnerbreede kanns? Iwwer déi mir kënne diskutéieren?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech géif mol soen, jo, gitt Dir nach eemol op de Schluss zeréck, ganz hannen, déi Saachen, déi Dir un d'Ëmweltministesch,.. also déi nei Modifikatiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Fro ass, setze mir et bei d'Considéranten oder bei d'Invitatioun? Ech denken, do passt se net well déi ass jo wierklech en Acteur, dat anert kënnt bei Considérant, ech géif et manner bei d'Invite setzen, well do ass jo wierklech dat wou mir den Transmis maachen. So mol wat deng Formulatioun ass.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Et bei d'Invité bäizesetzen an e gesonderten Text, well d'Belsch kréien dat jo gweisen, esou dass mir dann e gesonderten Text schreiwen, grad wéi mir och do weisen "...invite notre Collège du



Bourgmestre et échevins ..." an da weiderfueren "... à demander au Gouvernement luxembourgeois de présenter dans les meilleurs délais un projet de loi interdisant au fonds public luxembourgeois" da kann een se och zitëieren, de Fonds de compensation an den Zukunftsfond "...d'investir dans le secteur nucléaire".

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Neen, et ass net um Gemengerot, no engem Projet de loi ze froen. Ganz éierlech, Neen, dat ass Nationalpolitik, dat ass de Rôle vun der Lénker Fraktioun an der Chamber, déi Fuerderong ze maachen, mä net fir de Gemengerot. Hei muss awer jiddereen an sengem Rôle bleiwen.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Also, wann ee bedenkt, dass den Text do soll un d'ONDRAF an un d'belsch Regierung geschéckt ginn, da fannen ech dat an der Consideratioun net gutt, well et betrëfft jo eis an ech sot och wann dat net méiglech ass, an déi Nationalpolitik anzegräifen, dann enthalen ech mech. Dat ass ganz kloer eis Fuerderung, dass do eppes muss geschéien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Hei hätt sech eng Majoritéit degagéiert fir dat bei d'Consideranten ze setzen, dat géif ënnert der Form vu "regrettant que", dat wier jo ok, mä ech denken, de Jos Thill hätt dat gären als Invite, wa mir eis do net eens ginn, du hues eis jo däi Standpunkt gesot, hei war eng Bereetschaft an eng Richtung ze goen entweder trëfft een sech oder net. Ok, da war et gutt, en Echange ze hunn.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Dat betrëfft jo dann de Syvicol, ass et da méiglech, dass een do kéint decidéieren, dass wéinstens all d'Gemengen aus dem Atomstrom erausklammen? Oder en Opruff ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Lauschtert, den Syvicol ënnerstëtzt den Atomausstieg souwisou mä den Syvicol ass keen Organ, deen der Gemeng dat kann dekretéieren, do kann een e waarmen Appel maachen a wann een déi Motioun ënnerstëtzt, da geet dat jo och an déi dote Richtung, déi Diskussioun hu mir. Dat ass eng Suerg, déi generell gedeelt gëtt, absolut. Gutt, dann ënnert der ofgeënneter Form géif ech zum Vote kommen.

Wien dréit déi Motioun? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Lénk an den Onofhängege Member. Merci villmools, da komme mir weider op den 9. Punkt, d'Froen un den Schäfferot.

9. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt ass eng Fro vum Här Martini, den éischten Deel wäert ech beäntweren an deen zweeten Deel d'Claudia Dall'Agnol. Et geet iwwer d'Terrassen am Kader vun der 3. Phas vum Deconfinement, dat ass gefrot ginn, well elo hei Restauranten a Caféen opginn, Terrassen ab e Mëttwoch, wann d'Méiglechkeet besteet, soss ab e Freiden, ob de Schäfferot wëlle huet fir de Restaurateuren a Bistrotten entgéintzekommen an hinnen ze erlaben, d'Terrassen ze vergréisseren, ob et denkbar wier, d'Gemengeplaz zur Verfügung ze stellen, och déi Terrassen, wou elo Chantier ass vis a vis vun der Gemengeplaz a kann de Service technique vun der Gemeng hëllefen, de Lokaler Plexiglaswänn anzeriichten? Ech ginn op déi 1. an 3. Fro an, d'Claudia Dall'Agnol geet op d'Gemengeplaz an de Chantier an.

Wann ech effektiv kucken, den Apport vum Service technique, et muss ee soen, dass mir de Moment keng speziell Demande virleien hunn, weder vu Caféen nach vu Restaurateuren. Wann et esou wier, ass et net de Rôle vun der Gemeng vun esou Dispositiffer nach an der Opstellung fir hinnen do ze hëllefen. Dat läit an der Responsabilitéit vun de Cafetieren. Wann een e Rot wëll vun der Gemeng, kann een dee kréien, mä dat ass hir Responsabilitéit fir déi Prescriptiounen anzehalen, och am Kader vum Règlement grand-ducal a wann et hei eng Ulafstell gëtt, an déi hunn och eng breet Campagne lancéiert, dat ass de Horesca-Beräich, d'Federatioun vun der Horesca, mam Label Safe to serve, ech denken dat ass d'Ulafstell fir Restaurateuren a Cafetieren.

Wa mir ëm Rot gefrot ginn, kënnen mir dat weiderginn, do sinn aner Leit an aner Federatiounen, déi méi kompetent si fir Hëllefstellung ze ginn. Souwisou wësse mir, dass et de Moment hei zu Diddeleng Terrasse ginn, déi op sinn an anerer nach net, dat heescht och do wäerte Leit nozéien. Mä souwisou ass eise Bannhider säit Mëttwoch ënnerwee a probéiert, do ze hëllef wou e kann, wa Froe si vun de Restauranten oder Caféen, mä hei ass et am Prinzip d'Responsabilitéit vum Café, Gerant a Patron fir dat esou ze maachen, wéi et virgeschriwwen ass.

Wat d'Vergréisserung vun den Terrassen ugeet, déi Terrasse kënnen jo dat ganz Joer do stoen, dat heescht, déi sinn elo do, déi och ugefrot goufen déi hunn erëm opgemaach och wa mir elo nei Demanden hunn, déi Terrassen, déi elo do sinn, dat sinn déi, déi och hors état de crise genehme goufen a bei deene si mir um Maximum vun der Terrass a vum Emplacement, also ass et net méiglech, seng Terrasse mat den aktuelle Prescriptiounen ze verduebele fir d'Clienten, dat geet net.



Wa Méiglechkeete besti fir 1 bis 2 Dëscher bäizesetzen, dann ass dat kee Problem, dat kuckt dann eise Bannhiddeder, awer och nëmmen dann, wann eng Rei Elementer garantéiert sinn, de Passage bei der Voie publique, dass dee garantéiert ass, dass och séchergestallt ass, dass och Leit kënne laanscht komme mam Rollstull a mat der Poussette.

De Sécherheetsaspekt an och Propriétéitsverhältnissen musse gekuckt ginn, et ka jo net sinn, dass d'Terrass verlängert gëtt vis-à-vis vun deem anere Commerce, och do muss en Accord virleien, mä domat wieren se net averstanen, well da gëtt och hire Commerce einfach zougestallt. Et ass eng Saach vun Equiliber tëschent de genehmegten Terrassen an ech denken, d'Erfahrung weist eis säit Mëttwoch, dass mir do dee richtege Wee gefuer sinn an dass mir duerch de Bannhiddeder relativ gutt mat der Gerance vun eise Caféen eens ginn. Voilà d'Claudia Dall'Agnol fir de Rescht.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ganz kuerz, Dir sidd op de Chantier agaangen, déi eenzeg Terrass, déi eis do afält, ass de Post-Chantier bei der Gemeng. Déi Pizzeria, déi Terrass ass muer fäerdeg, sou dass dee Mann wann en dat wëll muer de Mëtteg seng Terrass kann opmaachen. Dee Mann weess et och, mat deem Mann ass geschwat ginn, mir si selwer e bësselchen iwwerrascht, dass d'Terrassen op eemol scho konnten de Mëttnoch opmaachen, do hu mir alles an d'Weeër geluecht well mir hate mat Méindeg gerechent, trotzdem wäert fir muer alles fäerdeg sinn.

Wat géif verkéierstechnesch dat bedeuten, wa mir op der Gemengeplaz Terrassen erlaben? Dat géif bedeuten, dass de Garçon misst iwwer d'Strooss lafe mam Plateau, an op enger Hauptstrooss mat Autoen a Busser, op enger Strooss wou 50Km/h erlaabt sinn a fir dass se sécher eriwwe kéimen, misste mir Zebrastreife bäimaachen an da missten déi Émweeër a Kaf huelen a wa mir e bësse realistesch sinn, wësse mir, dass se dat net géife maachen, well mat engem volle Plateau hëls de dee kierzste Wee. A wann se müssen 1000 Mol mam Plateau am Dag ronderëm lafen, dann ass dat net op enger Hauptstrooss ze recommandéieren. Déi Mesure do ass ganz sënnvoll a wier ganz flott esoubal de Shared Space ronderëm d'Gemeng realiséiert ass.

Wat nach dobäi kënnt, Dir wësst, dass mir op der Gemengeplaz och de Maart hunn an dat géif bedeuten, dass mir mindestens all Mëttnoch Owend déi Terrassen araume müssen. Wie raumt se an? Wou stockéiere mir se? Musse mir dat maachen? Déi meescht hunn net genuch Raum fir dat ze stockéieren, dat schéngt mir alles e bësse schwierig, mä esoubal de Shared Space

fäerdeg ass, dann ass dat eng aner Saach, well et ass sécher keen heibannen, deen dat net flott fënnt. Wann et sécher ze realiséieren ass a mir alles duerchduecht hunn, kënne mir gären doriwwer diskutéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, dat war et da fir d'Session publique a mir kommen an de Huis clos.



Gemengerotssëtzung vum 30. Juni 2020

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, e schéinen Nomëtteg a wëllkomm an eiser exzeptionell kuerzer Sëtzung haut, wou mir jo uschlëissen, also éischter en informelle Gemengerot hunn iwwer d'Kulturjoer. De Gemengerot ass a senger Kompositioun komplett. Et ass jo och esou, dass nom État de crise Gesetzer gestëmmt goufe wat de Fonctionnement vum Gemengerot ugeet an do besteet jo dann elo d'Méiglechkeet fir d'Conseillieren, eng Prokuratioun weiderzeginn, respektiv iwwer Visiokonferenz kënnen um Gemengerot deelzehuelen. Fir de Gemengerot vun haut läit eng Prokuratioun vir, déi gëtt d'Sylvie Andrich-Duval dem Michèle Kayser an d'Monique Heinen gëtt se dem Romaine Gorgen.

Dat pour la forme, mir haten lech den Ordre du jour jo erausgeschéckt mat engem Point unique, nach musse mir awer ee Punkt virhuelen, och vun der Form hir well och do d'Gesetz virgesäit, dass an Zäite vun der Pandemie an och wa mir nach weider am Deconfinement sinn, dass de Gemengerot nach ëmmer d'Fakultéit huet, ausserhalb vum Gemeindegebei seng Gemengeréit ofzehalen, wou dann och déi néideg Exigence-sanitaires aegehale kënnen ginn, wann dat am Gemengenhais net méiglech ass. Do ass virgesinn, och an engem Règlement grand-ducal, dass de Gemengerot och nom État de crise dee Vote muss virhuelen, dass en ausserhalb vum Gemeindegebei en anert Gebai an Aussicht stellt fir d'Gemengerotssëtzungen ofzehalen. Dat ass hei de Centre culturel régional OpderSchmelz, esou musse mir dat och formell als Gemengerot festhalen iwwer e Vote, dee brauch awer net approuvéiert ze gi vum Inneministère, deem brauche mer dat just pour information zoukomme loossen. Dofir hu mir dat hei einfach dropgesat well och deen nächste Gemengerot, dee vum 10. Juli an der selwechter Konstellatioun wäert stattfannen, esou dass mir dat hei formal votéiert an actéiert hunn.

Dofir géif ech de Gemengerot froen op en domadder averstanen ass, dass mir de Centre culturel OpderSchmelz als eisen neie Lieu vum Gemengerot kënnen definéieren? Au vote. **Dat ass unanime.** Merci, da géif ech op deen nächste Punkt iwwergoen.

ALEEDUNG VUN DER ADOPTIIONS-PROZEDUR FIR DEN ALLGEMEINEN ENTWICKLUNGSPROJET (PAG) VUN DER STAD DIDDELONG AN IWWERT- ENEESTËMMUNG MAT DE BESTËMMUNGE VUM OFGEÄNNERTE GESETZ VUM 19. JULI 2004 IWWER STADPLANUNG A STADENTWICKLUNG - NEIOPLAG VUM VOTE VUM GEMENGEROT VUM 28. FEBRUAR 2020.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Ech begrëssen eis Architektin Cathy Mambourg. Haut geet et ëm de Vote fir deen neie PAG vun der Stad Diddeleng an d'Prozedur ze schécke fir de Vote frësch ze tätegen. Wann ech kuerz op d'Chronologie aginn, et ass jo esou, dass mir den 28. Februar zesummesouzen, dat war nach an der Gemeng selwer wou mir d'Saisine gemaach hunn an och de PAG an d'Prozedur geschéckt hunn. Do war et jo esou, dass da vum 11. Mäerz bis den 10. Abrëll d'Enquête publique stattfonnt huet an et war jo esou, dass déi ëffentlech Informationsversammlung, déi och obligatoresch sinn, déi sollt de 24. Mäerz stattfannen, do ass derzwëschent den État de crise komm, et ass och iwwer Règlement-grand-ducaux eng Suspensioun koum vun der Enquête publique an och subsequent d'Annulatioun dovunner.

Dann hu mir den 23. Mee déi Decisioun geholl vun der Reunioun vum 24. Mäerz well d'Leit sech net konnte physisch deplacéieren. Dat war jo dee Moment net méiglech, dofir hu mer dat jo annulléiert. Mir hate jo och eemol am Gemengerot hei d'Diskussioun, dass mir - dat war jo schonn an Aussicht gestallt ginn - dass mir de Vote ronderëm de PAG géife frësch huele fir och déi Prozedur nei ze lancéieren, mat all den Delaien, déi dann och nei ulafen. Ech wollt lech awer an deem dote Kontext, éier mir elo zum Vote iwwer ginn, eng Rei Saachen, e puer Informatiounen mat op de Wee ginn, wat de weidere Verlaf och ass.

D'Prozedur ass natierlech den 11. Mäerz ugaangen, an am Kader awer vun der Prozedur, déi virgesi war bis den 10. Abrëll, sinn eis 14 Reklamatiounen schrëftlech erakomm. Déi Reklamatiounen, déi wäerte mir och, wa mir fir d'Prozedur elo haut formell en neie Vote huelen, natierlech och consideréieren. Mir hunn de Leit en Accusé de réception gemaach, mir hunn deene Leit och gesot, wann d'Prozedur nei lancéiert gëtt, kënnen si nei Observatiounen, Reklamatiounen maachen, dat heescht nei formuléiere mat engem neien Datum, si kënnen dat maachen. Wann si et net maachen, ass dat och net weider dramatesch, mir wäerten hir Reklamatiounen weider mat a Betruecht zéien an ech ginn dovunner aus, dass wa mir dat haut alles lancéieren, niewent deene 14 sacherlech och nach anerer wäerte kommen. Dat dozou, wei geet et elo weider, a wéi engem Zenario befanne



mer eis elo? Mir sinn elo an der Situatioun, dass déi Mesuren nom État de crise eng Durée hu vun 1 Mount, duerno muss en neit Gesetz kommen. An deem Kontext, an deem mir eis hei befanne ronderëm de PAG, an d'Enquête publique ass jo och e spezifescht d'Gesetz gestëmmt ginn, de 75.71 deen eis och eng Rei Méiglechkeete gëtt wat elo déi Enquête publique ugeet. Et ass esou, dass wa mir hei elo haut dee Vote virhuelen, da wäert d'Enquête publique vum 4. Juli ulafen an dat bis den 3. August 2020 a mir wäerten déi obligatoresch Informatiounsreunioun den 13. Juli um 7 Auer owes hei am Centre culturel OpderSchmelz hunn.

Ech denken, dat ass do wou dat neit Gesetz gräift, dat huet och eng Durée vun engem Mount a mir falen och an déi Durée vun deem Mount dran. D'Gesetz gëtt dem Schäfferot wat déi Informatiounsreunioun ugeet 3 Méiglechkeeten. Engersäits eng klassesch Informatiounsversammlung, sou wéi dat och am Droit commun virum État de crise méiglech war, dat kéinte mir hei esou ofhalen, awer mat den Dispositiounen 2 Meter Distanz a Sëtzplaz. Wa mir dat géifen esou duerchspillen, mir hunn hei gekuckt, vu dass et souwisou den 13. Juli hei stattfënnt, do hu mir eng Kapazitéit vun 78 Leit, déi hei an de Centre culturel régional Opderschmelz erakommen. Dat ass mol déi 1. Méiglechkeet, eng klassesch Réunion d'information mat physischer Präsenz ofzehalen.

Déi 2. Méiglechkeet wier, an och dat gesäit d'Gesetz vir, Visiokonferenzen anzeféieren. D'Gesetz gesäit do vir, dass dat interaktiv muss sinn an dass och iwwer d'Visiokonferenz déi Leit, déi nolauschten, vu bausse kënne Froen do stellen, well se dann net physisch hei present sinn. Si kënnen dann effektiv Froen un de Schäfferot stellen, un de Büro, deen eis am Kader vum PAG begleet.

An déi 3. Fakultéit, an dat ass och déi wou mir eis als Stad Diddeleng dofir entscheet hunn, e Mix vun deenen zwou éischte Méiglechkeeten, engersäits eng Visiokonferenz, do loosse mir eis och vun engem externe Partner leeden, deen eng grouss Erfahrung huet um nationale Plang, well jo och muss séchergestallt ginn, dass och dat Technesch klappt an ech denken, mat deem Partner si mir a ganz sécheren Hänn. Op där anerer Säit kënnen d'Leit dann déi 78 Plazen hei effektiv an Usproch huelen. Dofir, fir dat ganz ze organiséieren, dat wäert och an deem Avis drastoen, dee mir den 4. Juli publizéieren um Internetsite, op de gewinnte Plazen, am Reider an och an d'Zeitunge mussen mir et maachen, véier Zeitunge sinn obligatoresch.

Engersäits, déi 78 Plaze si jo limitéiert, do kënnen d'Leit sech awer umellen, mir hunn do eng extra E-Mail-Adress kreéiert wou d'Leit sech kënnen umellen, respektiv

iwwer Telefon sech kënnen umellen an natierlech kënnen d'Leit de Livestream gesinn den 13 Juli owes. Entweder ginn se op den Internetsite vun der Gemeng, do kënnen se dran drop klicken oder um Infokanal vun der Stad Diddeleng, also TV.diddeleng. Och do, wann een dann op dee Kanal geet vun doheem aus, kann een dat kucken. An dann hu mir natierlech während der Informatiounsversammlung extra eng E-Mail-Adress ageriicht, wou natierlech och d'Froen un de Schäfferot kënnen erageschéckt ginn. Engersäits hu mir Leit, déi am Sall wäerte sinn, déi dann direkt d'Froe stellen, well mir dann och hei sinn, an dann déi Leit, déi bausse suivéieren, déi kënnen dann hir Froen eraschécken a mir hunn natierlech och, wat wichteg ass fir déi Interaktivitéit ze garantéieren, e Moderator, deen déi Froe vu bausse entgéinhält - dat ass hei banne méi einfach - déi dann dem Schäfferot gestallt ginn a mir wäerten dann natierlech och déi Froe beäntweren.

Dat ass par rapport zu der Reform vum PAG, dat gëllt och fir d'Sub, déi 2 gi jo an d'Prozedure geschéckt, dat ass keen anere Moment wéi de 28. Februar, wéi mir hei den éischte Vote geholl hunn. Dat e bëssen zu de Modalitéiten, an deenen sech de Vote vun de Mëtteg befënnt, fir lech e bëssen d'Erklärung ze ginn, wéi mir elo do weiderfueren. Fir eis war et wichteg fir zäitno vum Vote wou déi Méiglechkeet gi gëtt, dat och ze maachen an et sinn eng Rei aner Gemengen, déi och elo Zäit brauchen an an deem Fall sinn ewéi mir an och wäerten déi selwecht Demarché maachen, éischter op déi physisch Reunioun zeréckgräife well dat méi kleng Reunioune sinn. Mä am Austausch mat engem anere Buergermeeschter, deen och an der selwechter Situatioun war wéi mir, déi virum État de crise de Vote geholl hu fir de PAG an d'Prozedur ze schécken, sot dee mir, dass si och wäerte vun deem neie Gesetz hei wäerte profitéieren. Dat ass e bësse fir eis awer och als Stad Diddeleng Neiland wat mir iwwer déi Konferenz do wäerte betrieden, mä ech denken awer och iwwer déi Konferenz begleet ginn, fir dass dat en bonne et due forme iwwer d'Bühn ka goen.

Dat waren déi Informatiounen, déi ech lech mat op de Wee wollt ginn, ech kucken hei op d'Cathy Mambourg ob ech näischt vergiess hunn um Niveau vun den Decisiounen, déi ech lech hei awer wollt ginn a wann hei elo nach Froe sinn, kann ech déi gär beäntweren. Här Gangler ja?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just froen, et ass jo unzuhuelen, dass de Gemengerot och soll op déi Informatiounsversammlung kommen. Musse mir eis dann do och eng Plaz reservéieren oder si mir an deenen 78 do mat dran?



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Et ass gutt, dass dir frot, ech hat eng liicht aner Vue, ech wollt éischer dem Gemengerot suggeréieren, am Livestream dobäi ze sinn, well de Gemengerot awer schonn den Avantage huet oder hat, am Gemengerot selwer de PAG erkläert ze kréie par rapport zu Bierger, déi déi Méiglechkeet nach net haten an dass ee villäicht d'Méiglechkeet gëtt, deenen 78 Leit, déi sech dann umellen, hei ze sinn an dass de Gemengerot iwwer de Livestream suivéiert, well mir jo déi Méiglechkeet schonn haten, iwwer de PAG ze schwätzen.

Wa mir elo mierken um Niveau vun den Umeldungen, dass sécherlech nach Plaz bleift fir physesch present ze sinn, da kann de Gemengerot dobäi sinn, mä ech hat gemengt, dass mir deene Leit, déi d'Méiglechkeet nach net hate fir de PAG erkläert ze kréien am Kader vun enger physescher Sitzung, einfach deene de Virtrëtt ze loossen. Dat war eng Suggestioun un lech, mir kënnen natierlech dem Gemengerot dat net verbidden. Vu dass mir schonn an enger restreinter Situatioun sinn, wann et elo en dehors vum État de crise wier oder an normaler Zäit, an dësem Sall kéinte 450 Leit erakommen, da wier d'Diskussioun sécherlech eng aner.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt froen ob och virgesinn ass, eng Traductioun ze maachen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, richteg, et ass och eng Traductioun virgesinn, gutt, dass Dir dat nofrot, dat ass eng direkt Traductioun, déi virgesinn ass op Däitsch a Franséisch, also esouwuel am Sall wéi och Livestream. An, wat ech och vergiess hat ze soen, wat flott ass an awer e bëssen anescht wéi wann een nëmme géif eng physesch Sitzung maachen, duerch de Livestream gëtt natierlech déi ganz Informatiounsversammlung opgeholl, huet also e bleiwende Charakter an och fir alleguerten déi Leit, déi deen Owend villäicht net d'Méiglechkeet hunn, sief et heihinner ze kommen, sief et awer, deen Owend einfach net disponibel sinn, déi kënnen awer den Dag drop sech dat ganzt ullauchteren. Dat ass bei enger éffentlecher Versammlung am classesche Sënn net méi méiglech, do setze mir et dat op den Internetsite an do kënnen sech d'Leit déi Erklärungen ronderëm de PAG awer nach eemol unhéieren an dat bleift um Internetsite esoulaang déi Enquête publique eben ass, also bis de 4. August. Dat ass en Avantage, dee mir kréien an deen een an deem Sënn net hätt. Voilà.

D'Cathy Mambourg seet nach, Dir kënnt lech de Kanal erauswielen, Franséisch oder Däitsch um Niveau vun der Traductioun. Mir hunn hei also Méiglechkeeten, déi méi wäit ginn iwwert d'Technik wéi soss de Fall.

HENRI GLESENER (LSAP): Just als Präzisioun, et schéngt mir kloer ze sinn, dass dat wat mir den Owend hei stëmmen, genau dat selwecht ass wat mir scho gestëmmt haten oder si scho Saachen agelaf oder materiell Feeler, déi opgefall sinn, sinn déi schonn eraus? Mir ginn et jo just an d'Prozedur, gell?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Absolut net, de Moment, an dat kéinte mir jo och net maachen, mir mussen eis hei un d'Gesetz halen duerch den État de crise an elo wou en eriwwer ass, dat huet jo d'Gesetz net ausgehiewelt an och net d'Prozedur. Dat gëtt classesch an d'Prozedur geschéckt, d'Leit reklaméieren a wann déi ganz Enquête publique eriwwer ass, de 4. August, musse mir déi Reklamatiounen kucken, wéi eng Teneur se hunn, mir mussen d'Leit och ruffen a kucke wat hiert Uleies ass, mir mussen de Courier, deen se erageschéckt hunn, nach eng Kéier erläutere an da fänkt d'Aarbecht un, da kënnt den Aarbechtsgrupp vum PAG zesummen, wou deen dann och Reklamatiounen kritt.

Also, mir sinn elo hei ab haut, wa mer nach eng Kéier frësch d'Saisine maachen, e gutt Joer ënnerwee, dat ass de classesche Kader, ee Joer, wou déi ganz Prozedur dauert, wou de Gemengerot da saiséiert gëtt, éier den definitive Vote vum PAG kënnt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hunn nach eng Fro zu der Jurisprudenz: Wa mir elo hei en zweete Vote huelen, misste mir dann net deen éischte Vote ausser Kraaft setzen, fir d'éischt?



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Neen, d'Gesetz huet dat net hierginn. Dat ass net revokéiert. Esouguer wann et eng aner Lecture wier, hätte mir net missen en neie Vote maachen. Mir hunn einfach en neie Vote gemaach fir d'Prozedur frësch ze starten, fir de Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, nach eemol ze reklaméieren an och hinnen elo d'Méiglechkeet ze gi fir an d'Gemeng ze kommen an Abléck an de PAG ze kréien, wat virdru jo net méiglech war. Dat ass also vis-à-vis vun de Bierger awer méi propper.

Domat géif ech dann elo op de Vote iwwergoen. **Wien ass domadder averstanen, dass mir de Vote vum 28. Februar widderhuelen an hei nach eemol déi Prozedur starten an de PAG an d'Prozedur ginn? Dat si Stëmme vun LSAP, Déi Gréng, CSV an eisen onofhängege Member. Wien enthält sech? Déi Lénk.**

Merci villmools, domat wiere mer um Schluss vun eiser Sitzung ukomm.





FAITES BOUGER LES LIGNES

EN BUS, EN TRAIN, À VÉLO OU À PIED, OPTEZ POUR LA MOBILITÉ DOUCE.

BEWEGUNG IN DIE SACHE BRINGEN

PER BUS, PER ZUG, PER FAHRRAD ODER ZU FUSS : WÄHLEN SIE DIE AKTIVE MOBILITÄT.

SAM. 19. SEPT. 2020

Place de l'Hôtel de Ville

La Ville de Dudelange se mobilise à l'occasion
de la Semaine européenne de la mobilité.


Découvrez le programme:

www.dudelange.lu

Die Stadt Düdelingen macht mobil im Rahmen
der europäischen Woche der Mobilität.

Entdecken Sie das Veranstaltungsprogramm:

www.dudelange.lu



#
**bouger
mieux**

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



www.dudelange.lu
www.ondiraitlesud.lu